



INFO BLAT

°05 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 22. JUNI 2022

Conseil communal du 17 mai 2023

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIONS > CONSEIL COMMUNAL DU 17 MAI 2023



Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déléguée gréng)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Laura Pregno (échevine, déléguée gréng)

Robert Mangen (échevin, CSV)

Paulo Aguiar (échevin, déléguée gréng)

Guy Altméisch (LSAP)

Fred Bertinelli (LSAP)

Paulo De Sousa (déléguée gréng)

Jerry Hartung (CSV)

Georges Liesch (déléguée gréng)

Fränz Meisch (DP)

Emy Muller (LSAP)

Christiane Saeul (DP)

Fränz Schwachtgen (déléguée gréng)

Guy Tempels (CSV)

Eric Weirich (déléguée gréng)

Nicole Wohl (déléguée gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{05 22}

COMPTE-RENDU DU 22 JUIN 2022

4-70

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

PHOTOS Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 05/2022, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 22 JUIN 2023

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Paulo De Sousa, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)

Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Laura Pregno, (déi gréng)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:**
 - a. **Projet d'aménagement particulier au lieudit Op de breeden Dréischer II à Oberkorn, présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société BEPE IMMO SABL;**
 - b. **Modification ponctuelle IV du plan d'aménagement particulier au lieudit Mathendahl 2, 3, 4 & 5 à Niederkorn, présentée par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société Integra Investment SA.**
3. **Organisation des cours de langues pour adultes pour l'année scolaire 2022-2023.**
4. **Affaires de personnel: texte coordonné (version restructurée) de la convention collective de travail pour les salariés des communes du Sud du 1^{er} janvier 2019 au 31 décembre 2021.**
5. **Actes et conventions:**
 - a. **Acte notarié d'acquisition de deux parcelles (vaine et pré) situées à Oberkorn, aux lieudits rue Charles-Schambourg et Auf dem Katzenbusch, d'une superficie totale de 53,76 a;**
 - b. **Acte notarié d'acquisition d'une parcelle (jardin) située à Differdange, au lieudit rue de l'Hôpital, d'une superficie de 3,60 a;**
 - c. **Actes notariés de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements situés dans le Gravity Tower à Differdange;**
 - d. **Acte notarié de vente d'un jardin situé à Differdange au lieudit avenue Charlotte d'une superficie de 1,4 a;**
 - e. **Convention de concession d'un droit de superficie pour une parcelle de 51,35 a située dans la zone d'activités Haneboesch à Niederkorn;**
 - f. **Convention de prêt à usage ou commodat avec la SA ArcelorMittal Belval et Differdange portant sur des terrains aux lieudits Differdinger Hüttenwerk, cité Henri-Grey et rue C.-M.-Spoo d'une contenance totale de 90,32 a;**
 - g. **Avenant à la convention 2022 conclue avec le CIGL Differdange ASBL;**
 - h. **Avenant à la convention portant sur le réseau de chauffage urbain plateau Funiculaire à Differdange avec la SA LuxEnergie;**
 - i. **Contrat de bail et avenant pour des espaces de création au 1535° Creative Hub;**
 - j. **Contrat de bail à courte durée pour un local commercial situé dans la Maison Krieps à Differdange, place du Marché 2-4;**
 - k. **Acte notarié avec dépôt de cadastre vertical portant sur un immeuble en copropriété situé aux n° 16-18 de l'avenue de la Liberté à Differdange.**
6. **Logements communaux: montant du loyer, candidatures et procédure.**
7. **Tourisme: contrat de bail et d'exploitation hôtelière des gîtes touristiques du Minett Trail et convention de mandat à l'Office régional du tourisme région sud ASBL.**
8. **Règlements communaux:**
 - a. **Nouveau règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites;**
 - b. **Modifications au règlement de circulation;**
 - c. **Règlements temporaires de circulation.**
9. **Changements au sein des commissions consultatives.**

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance publique. Elle excuse madame Pregno, qui a donné procuration à monsieur Liesch.

Monsieur Bertinelli, monsieur Weirich et monsieur Muller ont annoncé une question.

Christiane Brassel-Rausch passe aux inscriptions aux maisons relais. Les lettres de confirmation ont été envoyées aux parents sur la base des places disponibles. Les maisons relais ne peuvent accueillir qu'un nombre fixé d'enfants.

Les inscriptions en ligne se sont bien passées. La commune a reçu 1432 demandes, dont 1218 en ligne. Les demandes sur papier ont été conservées pour venir en aide aux parents ayant des problèmes avec l'informatique. Ils peuvent prendre rendez-vous dans la maison relais.

Il reste des places disponibles, car les salles de la maison relais du Mathendahl ne sont pas encore toutes accessibles. La pandémie a provoqué une pénurie de matériel. Pour la même raison, l'organisation des SEA est reportée à septembre. En d'autres termes, ces personnes recevront une confirmation en septembre.

Pour ce qui est des activités de vacances, la commune en prévoit pendant les deux premières semaines des grandes vacances. Tous les enfants de Differdange peuvent en profiter. Il y aura aussi des enfants ukrainiens. Les vacances loisirs auront lieu du 18 au 29 juillet de 13 h 45 à 17 h 45. Les activités tourneront autour du thème du recyclage.

La fête de clôture avec son cortège aura lieu le 29 juillet après 2 ans de pause forcée. Il y aura de la musique et de la danse ainsi qu'à boire et à manger dans le parc Gerlache. Les vacances loisirs sont encadrées par des étudiants. La commune prévoit 35 animateurs. Les foyers vacances comprennent, quant à eux, des activités, des excursions... L'inauguration du centre sportif de Niederkorn s'est bien passée. Le Spodi, le projet de sport dans les maisons relais, a connu un beau succès. Les services ont bien travaillé. Même le ministre était enchanté.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gудde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot haut vum 22. Juni 2022. Erlaabt mer, d'Madamm Laura Pregno ze entschëllegen. D'Procuratioun vun der Madamm Pregno huet den Här Georges Liesch.

Den Här Bertinelli huet eng Fro ugekënnegt, den Här Weirich an den Här Muller. Sidd Der dermat averstannen, dass mer se zum Schluss vun der Séance publique huelen?

Villmools merci. Wat d'Kommunikatiounen ugeet, wollt ech Iech berichten iwwert d'Aschreiwungen an eis Maison-relaisen. D'Confirmatiounsbréiwer fir d'Eltere sinn eraus, op der Grondlag vun deem, wat mer laut Agreement u Plaz pro Haus aktuell vum Ministère hunn.

Dir wësst jo, et gëtt eng bestëmmten Zuel vu Kanner, déi mer dierfen unhuelen. D'Aschreiwunge si gutt verlaf. Dëst Joer war déi zweete Kéier, wou d'Aschreiwunge fir d'Maison-relaisen online waren. Mir kruten am Ganzen 1.432 Aschreiwungen. Dovunner waren der 1.218 online an 214 op Pabeier.

Ech denken, dass mer do um richtege Wee sinn. A wann dat nach een, zwee Joer esou leeft, dass mer vläicht kënnen – wéi gesot, d'Leit hu weiderhin d'Méiglechkeet, fest Aschreiwungen op Pabeier ze maachen. Fir sécher ze sinn, dass wann d'Eltere Problemer hu mat Online-Aschreiwungen, se eng Alternativ hunn. Déi concernéiert Leit froen e Rendez-vous an der Maison relais a kréien da vum Personal gehollef.

Den Ament sinn nach net all d'Plaze verginn, well duerch den nach bestoende Chantier an der Maison relais Mathendahl nach net all d'Raimlechkeete fir d'Maison relais accessibel sinn. Mir schaffen drun, dass déi Plaze fir d'Rentrée do sinn. Mee mir sinn do och duerch déi Covidsituatioun an de Mangel u Material beanträchtegt. Dat heescht, och do gëllt et, wéi iwwerall, d'Garantie wat elo kënn, ass net ginn.

Well mat de Plazen aktuell, doduerch nach vill an der Schwief ass, gëtt och d'Organisatioun vun den SEAE viraussichtlech an de September geréckelt. Dat

heescht, dass d'Leit definitiv eréischt am September sief et eng Confirmatioun kréien oder eng Ofso. Dat ass spéit, mee dat läit wierklech net un der Gemeng.

Dann hu mer erëm eis berüümte Vakanzaktivitéiten, Vacances loisirs a Foyer vacances. D'Summervakanz steet geschwë virun der Dier. Dëst Joer hu mer nees Aktivitéiten an den éischten zwou Woche vun der grousser Vakanz, eis Vacances loisirs geplangt. Dat ass op fir all d'Kanner aus eiser Gemeng. Dës Kéier huelen och ukrainesch Kanner drun deel.

Vacances loisirs ass vum 18. Juli bis den 29. Juli geplangt, nomëttes vun 13:45 bis 17:45 Auer an ass fir all Kand gratis.

D'Theema dëst Joer ass Up- oder Recycling. D'Aktivitéiten dozou ginn an alle Maison-relaisen ugebueden.

Den 29. Juli ass dann och erëm, wéi mer et schonn eng Kéier haten, awer elo zwee Joer eeben net méi, en Ofschlossfest geplangt mat Cortège. Fir am Parc Gerlache eng Feier ze maachen. Do gëtt et Danz a Musek fir Kanner an natierlech och eppes ze drénken an ze iessen. Virum Covid war dat ëmmer esou an dat wäert dëst Joer dann och erëm stattfannen.

D'Vakanzaktivitéite ginn och nees vun de Studente begleet. Do hu mer dëst Joer 35 Animateure geplangt. Duerno lafen dann eis Foyers vacances an de verschiddene Maison-relaisen un, mat flotten Aktivitéiten, Ausflich an esou weider fir eis Kanner.

Dat ass alles, wat ech zu de Maison-relaisen ze soen hunn.

Wat ech nach wollt soen ass, dass mer eng flott Aweiung hate vun der Nidderkuerer Sportshal. An dass do eise Projet Spodi, dat heescht Sport vun eise Maison-relaisen, mengen ech, ganz gutt ukomm ass. Och bei den Zuschauer. Dat war eng exzellent Organisatioun. Dat muss ech de Servicer einfach nach eng Kéier soen. Souguer hate mer de Minister begeeschtert vun där flotter Presentatioun, dass mer innerhalb vun eise Maison-relaise Sport an der Mëttesstonn ubidden.

2. PAG et PAP

Dat ass elo vu menger Säit alles. An ech géif dann d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hunn eng net ganz esou erfreesch Kommunikatioun ze maachen, nämlech iwwert d'Präisdeierechten oder Depassementer, déi mer bei de leschte Marchéen elo kritt hunn. An do muss ech Iech soen, dass mer aktuell bei enger Deierecht si vun zéng Milliounen Euro.

Beim Parc Terrain AS si mer bei enger Präisdeierecht vun 860.000 Euro. Bei der Meederchersschoul si mer bei 3,5 Milliounen Deierecht. Bei der Bockschoul dräi Milliounen an eng hallef a beim CID bei e bësse méi wéi zwou Milliounen. Soudass mer de Moment insgesamt bei enger Deierecht vun eise véier Projete si vun zéng Milliounen. An dat ouni déi Hausses des prix, déi nach méi spéit wäerte kommen.

Et muss ee soen, beim EIDE oder dem LIHPS, do si jo och Deierechten, mee déi Suen kréie mer. Dofir hunn ech déi elo net hei gekuckt, well dat eise Budget net direkt impaktéiert. Dat eenzegt, wou mer bis elo keng Deierecht haten, dat war am Stroossebau. Mee ech huelen un, dass dat och nach eng Kéier kënn.

De Moment ass et ganz schwéier, fir mat normalen Devisen a Präisser – dat sinn zwou Welten de Moment. Ech wollt Iech dat just soen. Well da wësst Der, wa mer de Budget opstellen, dass dat keen einfachen Exercice wäert ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Mir kommen zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Do geet et ëm e PAP „Op de breeden Dréischer“ zu Uewerkuer. An ech géif denken, den Här Paulo De Sousa kéint eis dat virstellen. Villmools merci.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Moien, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Mir hunn hei de Plang virleie vun der zweeter Etapp vum PAP „Op de breeden Dréischer“, nodeems am Joer 2018 de PAP vun „Op de breeden Dréischer 1“ hei am Gemengerot gestëmmt gouf.

Bei der Entwécklung vun der éischter Etapp vun dësem PAP gouf festgehalten, datt dräi verschidde PAP-Dossiere misen agereecht ginn, fir dat ganz Areal ze organiséieren. Awer zënterhier gouf mat eise Servicer ofgemaach, datt d'Etappen zwee an dräi sollen an een eenzegen Dossier zesummegefaasst ginn.

Allerdéngs, wéi Der gesitt, ass d'Ausféiere vun der zweeter Etapp an zwou Phasen, der Phas A an der Phas B, geplangt.

An der zweeter Etapp kommen op ronn 3 ha 64 a insgesamt 28 Eefamilljenhaiser, véier Residenzen an eng Senioreresidenz. Insgesamt mécht dat 200 Logementer hei op dësem PAP aus. D'Senioreresidenz ass ee Plus fir Déifferdeng. Wéi mir all wëssen, gëtt den Taux vun den eelere Leit ëmmer méi grouss. An esou Infrastrukture ginn ëmmer méi gebraucht.

D'Iddi ass, datt ee private Bedreiwler d'Gebai geréiert an do Persounen eng Wunnméiglechkeet ugebuede kréien, déi hire Besoinen entsprécht. Et soll keen Alters- oder Fleegeheim ginn, mee éischer al Leit uschwätzen – wat al ass, ass ze definéieren –, déi an hirem Dohem net méi kënnen liewen, well se zum Beispill keng Trape méi erop- an erof kënnen goen, oder well si net méi eleng wunne wëllen, awer nach d'Fäegkeet hunn, keng Fleeg ze brauchen.

Vun de véier Residenzen, déi ech ugeschwat hunn, dovunner sinn der zwou e bësse méi klenger, déi relativ an der Entrée sinn an zwou méi grousser, déi sech op der ëstlecher Säit vum Terrain befannen.

Wat déi 28 Eefamilljenhaiser ugeet, sinn déi haaptsächlech an der Entrée vum Areal an op der westlecher Säit, déi Richtung Schoul gedréit ass.

TOM ULVELING (CSV) doit malheureusement informer le conseil communal de plusieurs augmentations et dépassements de devis. Les augmentations se chiffrent à dix millions d'euros.

Le parc de l'AS coutera 860 000 € de plus, l'École des filles 3,5 millions d'euros, le Bock 3,5 millions d'euros et le CID plus de 2 millions d'euros. Ces augmentations ne concernent pas la hausse des prix, dont il sera question plus tard.

Tom Ulveling rappelle que les couts liés à l'EIDE et au LIHPS seront remboursés et n'auront pas d'impact sur le budget de Differdange. Seuls les travaux de voirie n'ont pas augmenté.

L'échevin tenait à en informer le conseil communal pour que celui-ci sache qu'élaborer un budget ne va pas être facile.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au PAP Op de breeden Dréischer à Oberkorn.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) précise que les plans portent sur la deuxième étape du PAP. Op de breeden Dréischer I a été approuvé en 2018.

Lors de la planification, il avait été décidé de prévoir trois dossiers différents. Mais entretemps, les services sont d'avis que deux étapes suffisent. En revanche, la deuxième étape se déroulera en une phase A et une phase B.

En tout, il est question de 28 maisons unifamiliales, 4 résidences et une résidence pour séniors sur 3,64 ha. La résidence pour séniors est d'autant plus importante que le taux de personnes âgées augmente. Le bâtiment sera géré par un exploitant privé. Il ne s'agira pas d'une maison de retraite ou d'une maison de soins, mais de logements pour personnes âgées ne pouvant plus vivre seules chez elles — par exemple, parce qu'elles ne peuvent plus descendre et monter les escaliers.

Deux des quatre résidences sont petites et deux sont plus grandes. Pour ce qui est des 28 maisons unifamiliales, elles se trouvent à l'entrée du site en direction de l'école. 39,4 % du terrain, c'est-à-dire 1,4 ha, seront cédés à la commune

2. PAG et PAP

pour y construire des rues, des places de stationnement, un bassin de rétention et une aire de jeux. Le COS est de 0,45 et le CSS de 1,115. L'aire de jeux se trouvera derrière la résidence pour séniors. Les enfants du quartier Breitfeld pourront donc en profiter aussi. Paulo De Sousa rappelle qu'Op de breeden Dréischer I compte aussi deux aires de jeux dans l'école Woiwer. La périphérie du terrain comprend des espaces verts pour limiter l'impact du nouveau quartier sur les autres résidents.

Les mesures de compensation d'un facteur de 1,5 ont été définies lors de la première étape. Les compensations sont optimales puisqu'elles auront lieu dans un périmètre de 300 m et non dans une commune voisine par exemple. C'est la façon correcte de procéder.

Le terrain est desservi par une route principale et deux rues secondaires. Un arrêt de bus se trouve dans la route de Soleuvre à quelques mètres du quartier. Il est desservi dans les deux sens par la ligne 2 du Diffbus, le RGTR et le TICE.

Le quartier se trouve à moins de cent mètres de l'école du Woiwer, de la maison relais et du terrain de football.

Avec 116 nouveaux logements, le collège échevinal doit déjà réfléchir à l'agrandissement de l'école du Woiwer et de la maison relais.

La commune a reçu deux réclamations. Elles concernent le chemin le long du terrain côté sud et côté ouest. Les réclamants sont d'accord avec la réponse fournie par les services communaux. Il s'agit du futur chemin de l'école et il sera cédé à la commune.

Les services communaux ont été surpris par l'avis de la Cellule d'aménagement. En effet, en mai 2019, ils ont expliqué à la Cellule comment ce projet serait réalisé. La Cellule avait donné son accord. Maintenant, elle présente à nouveau des idées, qui avaient été rejetées lors de la réunion. D'après l'avis, le PAP ne serait pas conforme au PAG, mais la Cellule fait référence à l'ancien PAG qui ne sera bientôt plus en vigueur.

La Cellule préconise aussi le déplacement de la résidence du lot 6 vers

Ongeféier 39,4 % vum deem ganzen Terrain, dat ass 1 ha 44 a, ginn un d' Gemeng cedéiert fir den neie Stroossebau, Parkplazen, Mobilité douce, Retentionsbecken an d'Spillplaz. Wann een de COS an de CSS ukuckt, da gesäit een, datt déi ganz niddreg sinn. De COS läit bei 0,45 an den CSS bei 1,15.

D'Spillplaz, déi hanner der Senioreresidenz gebaut gëtt, grenzt direkt un de Quartier Breitfeld, soudass d'Kanner, déi och an deem Quartier wunnen, dovunner profitéiere kënnen. An net ze vergiessen, déi zwou Spillplaze vum der Woiwer Schoul a vum Projet „Op de breeden Dréischer 1“. Esou hunn d'Kanner genuch Spillméiglechkeeten a Fräizäitméiglechkeeten an deem Quartier.

Fir den Impakt vum neie Quartier op déi scho present Bewunner ze limitéieren, si Gréngzonen op der Peripherie vum Terrain placéiert ginn, fir mat deene besteeënden Haiser eng Pufferzon ze kreéieren.

D'Kompensatiounsmoosname goufen all schonn an der éischter Etapp festgehalten. Deemools gouf d'Phas 1 hei op deem Terrain kompenséiert, souguer mat engem Facteur 1,5. A fir dës Etapp muss net weider kompenséiert ginn, wéi Dir et am Dossier liese kënn.

Wat zu deenen zwou Phasen immens wichteg ass, a wat ech hei och wëll soen, ass, datt mir hei optimal kompenséieren, nämlech d'Kompenséierung an engem Ëmkrees vum 300 m an net an enger Nopeschgemeng oder nach méi wäit ewech, mee genau hei um Site. An dat ass dat, wat mir och wëllen. Eeben do, wou de Schued un eise Gréngzonen entsteet, muss och kompenséiert ginn.

Den Terrain gëtt vum enger Hauptstrooss zerwéiert, Chemin repris 174, eis Zolwer Strooss, an zwou Sekondärstroossen, nämlech Ravin des Chôlets, rue Henri Bessemer an d'Strooss, déi vum PAP „Op de breeden Dréischer 1“ kënn, wéi et deemools scho bei deem PAP virgesi war, datt déi zwee PAPE sollte verbonne ginn.

An der Zolwer Strooss hu mer och e Busarrêt e puer Meter vum Terrain. Dëse Busarrêt gëtt reegelméisseg a béid Richtungen duerch verschidde Linnen

zerwéiert. D'Linn 2 vum Diffbus a sëllege Linne vum RGTR a vum T.E. hunn hei direkt een Arrêt.

De Site vum dësem Projet ass manner wéi 100 m vum eisen öffentlechen Arichtungen, dat heescht eis Woiwer Primärschoul, d'Maison relais an de Fussballsterrain, de syntheeteschen Terrain, deen elo de Weekend och ageweit gouf.

Et ass kloer, datt mat 116 neie Logementer, do zielen ech déi 84 Logementer aus der Senioreresidenz ewech, mir eis do och scho Gedanke maache fir d'Erweiterung vum der Woiwer Schoul a Maison relais. Well mat allem, wat do gebaut gouf a gëtt, ass de Besoin definitiv do.

Ech komme kuerz op d'Reklamatiounen, déi erakomm sinn. Do krute mer zwou Reklamatiounen, haaptsächlech iwwert de Wee, dee südlech a westlech vum dësem Terrain laanscht geet. D'Äntwert vum eise Servicer fannt Der am Dossier. Ech mengen, datt d'Reklamante mat der Äntwert ganz averstane sinn. Dat heescht, datt dee Wee erhale bleift, et ass hire Schoulwee, an datt dee weider spéiderhin un d'Gemeng cedéiert gëtt.

Zum Avis vum der Cellule d'aménagement wëll ech soen, datt eis Servicer, wéi deen Avis erakomm ass, e bësse verwonnert iwwert d'Schreiwe war. Si waren am Mee 2019 bei hinnen an hunn dee ganze PAP duerchgeknat an hinnen och erkläert, wéi de Promoteur an Zesummenaarbecht mat der Gemeng sech dee Site virgestallt hunn. Deemools war d'Cellule mam Projet averstanen. An elo komme si erëm mat hiren Ufanksiddien, déi deemools an der Versammlung als net ideal erkläert goufen. An dëst gouf och vum hinnen esou gedroen.

Ech ginn op e puer Punkten an. Wat de PAG ugeet, soe si, de Projet wär net konform. De PAP gouf ausgeschafft ënner Berécksiichtegung vum der Neigestaltung vum eisem PAG, dee bis elo – der Deadline no – sollt approuvéiert ginn. D'Netkonformitéit mat enger Regulatioun, déi geschwënn iwwerflësseg gëtt, mécht kee Sënn fir eis Servicer. Wat och kloer ass.

Si hunn och en Déplacement vum der grousser Residence, dat heescht Lot 6, op déi südwestlech Säit virgeschloen,

2. PAG et PAP

dat heescht, wou d'Lote 24 bis 29 sinn. D'Äntwert vun eise Servicer hutt Der gesinn, datt dann déi Haiser sollte bei de Lot 6 kommen an d'Gäert nördlech gedréit wäeren. Dat war en anert Argument, wat eis Servicer ginn hunn. Da sinn am Lot 6 38 Logementer virgesinn. Dat heescht, déi Leit missten dann duerch dee ganze Quartier fuere bis bei d'Residenz. A wa se relativ an der Entrée wär, wär manner Verkéier fir de Rescht vum Quartier.

Fir d'Loten 9 bis 14 gesäit d'Cellule vir, déi all unzebannen. Eisem Service no ass ee klenge Cut téscht deene verschidde Haiser vu Virdeel, fir e bësse Loft ze ginn. An et erhéicht och e bëssen d'Qualitéit.

Weiderhi wëlle si och d'Loten 8 bis 14 an de Wee téschent de Loten 8 bis 14 a 17 bis 23, wéi Der um Plang gesitt, suppriméieren. Dëse Wee ass immens wichtig, well en och zum Schoulwee herno wäert gëllen, fir datt d'Kanner an d'Woiwer Schoul kënne kommen. An och fir d'Terrainen ze trennen. D'Leit hunn dann e lénken Noper, e rietsen Noper an hannendrun direkt nach een. An heiansdo ass ee frou, wann hannendrun net direkt een ugrenzt.

Ech mengen, ech hunn den Tour duerch dee ganze Projet gemaach. Ech hoffen, datt Dir deen esou kënnt unhuelen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Gudde Moien, Dir Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech mengen, mir sinn alleguer frou, dass et elo virugeet mat „Op de breeden Dréischer.“ Hei ass dann de PAP 2, dee mer haut stëmmen. Ech huelen am Numm vun der LSAP zu dësem PAP Stellung.

Ganz kuerz ginn ech nach eng Kéier op de Projet an. Wéi een am PAP ka gesinn, si viséiert 33 Loten, mat am Ganzen 200 Unitéiten. Wat d'Mixitéit ube-

laangt, sou fënnt een 28 Eefamilljenhaiser, wat ze begreissen ass.

Mer hunn 172 Unités de logement collectif. Wou ee kënnt unhuelen, dat wäeren der enorm vill. Et muss een awer dovun ausgoen, dass duerch d'Residence séniors, de Lot 7, 24 Logements collectifs sinn, wat méi klenger sinn. An déi muss een natierlech do vun där Gesamtzuel ofzielen, well dat jo eng kompakt Unitéit ass fir Senioren.

Et muss een awer och soen, wann ech da mat deem Lot 7 do weiderfuere, dat ass e grouse Lot. Awer a Wierklechkeet besteet deen aus dräi eenzele Residenzen, déi iwwer Passagë matenee verbonne sinn. Soudass dee ganzen Deel, deen elo relativ plomp do ausgesäit, herno opgelockert ass. An och déi Leit aus der Cité Breitfeld gesinn do derzwëschent erduerch. Et bleiwen Öffnungen, wou dat méi opgelockert ass, dee ganze Bauprojet.

Dat ass vläicht och wichtig fir déi Reklamatiounen. Ech kommen nach eng Kéier dorop zrëck.

Wat awer opfällt, dat ass, dass mer awer bei de Lote 5 a 6 elo higinn a bebauen an engem Quartier bis sechs Stäck héich. Dat hu mer bis elo nach net gemaach. Mee dat ass nëmmen e Quadrat. Dat heescht, et ginn am Fong zwee kleng Tierm, déi de Quartier solle markéieren. Et ass vläicht eng kleng architektonesch Spillerei vum Architekt, mee och do mengen ech misst een iwwerleeën, dass mer awer mussen heiansdo e bëssen an d'Héicht goen, wou et sech ergëtt, fir einfach d'Emprise en sol maximum auszenotzen.

De Promoteur, an dat ass ganz erfreenlech, trëtt jo 39,41 % of. Wat jo relativ vill ass, an dofir si mer och frou. An och iwwert d'Spillplaz um Areal vun der Residence séniors. Do ass sech gefrot ginn, e bëssen, an der Bautekommissioun, ob dat déi richteg Plaz derfir wier. Si eegent sech gutt, well et eng Pufferzon ass zu der Cité Breitfeld. A well och vun deenen zwou Säite kann déi Spillplaz benotzt ginn. Ech huelen och un, dass d'Seniore sech net ze vill gestéiert fillen, mee éischer dat als positiv gesinn, wa si Kanner do gesinn an héiere spillen.

les lots 24 à 29. Mais les maisons devraient alors être construites sur le lot 6 avec des jardins en direction du nord. En plus, la résidence compte 38 logements. Les résidents devraient traverser tout le quartier pour arriver chez eux, ce qui engendrera du trafic.

La Cellule demande ensuite que les lots 9 à 14 soient reliés. Or les services communaux préfèrent laisser une ouverture pour la circulation de l'air.

Le chemin entre les lots 8 à 14 et entre les lots 17 à 23 devrait être supprimé. Mais c'est le chemin qui permettra aux enfants de rejoindre l'école du Woiwer. En plus, il permettra aux résidents de ne pas avoir un voisin directement derrière.

Paulo De Sousa demande aux conseillers communaux d'adopter le projet tel quel.

ERNY MULLER (LSAP) est content que le projet Op de breeden Dréischer avance.

Aujourd'hui, il est question du PAP 2. Il est question de 33 lots de 200 unités avec 28 maisons unifamiliales. Les résidences comptent 172 unités, ce qui semble énorme. Mais la résidence pour séniors comprend 24 logements plus petits. Le lot 7 est grand. Il se compose de trois résidences reliées par des passages. Il y a donc des ouvertures rendant le quartier moins compact. Cela joue un rôle aussi concernant les réclamations, sur lesquelles Erny Muller reviendra.

Dans les lots 5 et 6, les bâtiments feront 6 étages. C'est une première pour un quartier. Il s'agit en fait de deux petites tours marquant le quartier. On peut les considérer comme un jeu architectural. Mais il est aussi important de monter en hauteur quand c'est possible afin d'optimiser l'exploitation de l'emprise au sol.

Le promoteur cèdera 39,41 % du terrain à la commune. C'est bien. Erny Muller se réjouit aussi de l'aménagement de l'aire de jeux près de la résidence pour séniors. Il suppose que les séniors vont se réjouir de pouvoir regarder des enfants jouer.

Il passe aux places de stationnement. Il sait que les écologistes pré-

2. PAG et PAP

fèreraient ne pas avoir de voitures dans les quartiers, mais on n'en est pas encore là. Le PAG garantit 1,5 place par unité de logement collectif et au moins 1 place par maison. La résidence pour séniors fait exception puisque le PAG prévoit trois emplacements pour dix unités. Dans ce cas, cela représente 25 places de stationnement pour 84 logements. Le promoteur a cependant le droit d'en aménager davantage.

Erny Muller demande ce qui est prévu pour le personnel. Il faudrait lui réserver quelques places, car certains viendront tous les jours. Le conseiller communal pense, par exemple, au kinésithérapeute.

Il ne faut pas oublier non plus les emplacements le long de la route.

L'avis de la Cellule a irrité les socialistes. C'est pourquoi ils ont contacté les architectes communaux et ont obtenu toutes les explications. Ils sont d'accord pour ne pas modifier le projet.

Il reste quelques suggestions.

Erny Muller pense que lorsqu'on construit un grand lotissement dans un quartier calme où les résidents avaient une vue sur les prairies et les moutons, il faut organiser une réunion publique au préalable afin de bien expliquer le projet. Les gens peuvent alors faire des suggestions ou déposer des réclamations. Le cas échéant, la commune pourrait en tenir compte, ce qui est difficile une fois le projet terminé. Il s'agit d'une suggestion pour l'avenir.

Pour ce qui est des réclamations, la première concerne le chemin. Les socialistes sont du même avis que le collègue échevinal: il faut le conserver, car il est important pour le quartier. Ce chemin peut-il être légalisé? Car pour le moment, il appartient à une ASBL. Cela risque de poser problème en cas d'accident, par exemple.

Les mêmes réclamants ont protesté contre la ceinture verte en direction de Breitfeld. Elle figure sur les plans. Cette ceinture est interrompue à hauteur de la résidence pour les séniors, ce que les réclamants regrettent.

Le collègue échevinal en a-t-il discuté avec les réclamants? Car le dialogue est absolument nécessaire.

Nach vläicht eppes, do hutt Der net esou vill gesot derzou, dat sinn d'Emplacementen, d'Stellplazen an d'Parkingen allgemeng. Ech weess Déi Gréng, déi hu léiwer, et wär guer keng Parkplaz méi do a keen Auto an deem Quartier, mee dat ass jo leider awer nach net esou.

Mee do spillt jo de PAG mat. Dat heescht, mer hunn 1,5 Parkplaze pro Logement collectif, déi musse garantiert ginn. Déi sinn och an der Partie descriptive vum Projet. A bei den Eefamilljenhaiser a bei den eenzelen Haiser ass et eng Plaz pro Haus, wat jo och alles virgesinn ass, souguer, mengen ech, heiansdo méi.

Bei der Residence séniors, do ass et e bëssen anescht. Do hu mer dräi Emplacementen pro zéng Unitéiten, laut PAG. Dat géifen da fir déi heite Residenz mat 84 Logementen 25 Stellplazen ënner dem Haus ginn. Dat sinn d'minimal Ufuerderungen. Et kéint jo sinn, dass de Promoteur méi mécht. Mee dat sinn d'minimal Ufuerderungen.

An do stellt sech dann d'Fro: Ass do Parkraum fir Personal? Wéi Dir dat erklärt hutt, ass do jo net vill Personal am Haus selwer, mee et ass éischer Personal, wat dann an d'Haus kënnt. Et missten awer do eng Partie Plaze reservéiert gi fir déi Leit, déi dann eventuell all Dag do kommen, ob dat Kiné ass, eng Betreuung oder wat weess ech.

An dann hu mer och nach Parkplazen an de Stroossen.

Och ass eis opgefall, wat Der och gesot hutt, dass den Avis vun der Cellule, dee littéralement opposé zu de Propositionen, zu dem proposéierte PAP ass. Wat dee Moment och eis irritéiert huet. A mir hu mat eisen Architekt*inne Kontakt opgeholl a mer hunn déi néideg Erklärunge kritt a se sinn och am Avis. A vun eisem Service. Duerfir si mir och komplett d'accord domadder, fir de Projet esou bäizebehalen an déi Propositionen do ze akzeptéieren vun eise Leit.

Mir hätten awer nach e puer Froe respektiv Suggestiounen zum PAP. Op déi eng oder déi aner hu mer schonn eng Äntwert kritt.

Mee eppes ass prinzipiell, do si mir als LSAP der Meenung, dass allkéiers, wa mer esou e grousst Lotissement hunn an engem Quartier, wat virdrun e rouege Quartier war, wou d'Leit op Wise gekuckt hunn, wou Schof gelaf sinn an esou weider – mir hate schonn esou e Fall, Dir erënnert Iech un Ouschterbur –, dass da soll eng Spezialsitzung, eng Biergerversammlung sinn, wou de Projet der Populatioun virgestallt gëtt.

Dat soll d'office sinn, dass dann a Form vun där Biergerversammlung, d'Leit kënnen direkt déi richtig Erklärunge kréien an eventuell nach hir Reklamatiounen oder Suggestiounen dee Moment soen. An da kéinten déi nach mat an de Projet afléissen, wat nämlech ganz schwéier ass, wann e Projet definitiv fäerdeg ass, wéi en elo ass.

Dat ass hei jo elo net geschitt, mee dat ass eng Suggestioun fir d'Zukunft.

Da leien zwou Reklamatioune vir. Déi éischt, dat sinn déi dräi Urainer. Ech hunn erausfonnt, dass et do en Interesseveräi gëtt, deen deemools fir dee Wee do gekämpft huet. Mir si selbstverständlech och der Meenung, dass dee Wee onbedéngt wichteg ass fir dese Quartier. An dee bleift jo dann och bestoen, wéi mer héieren hunn.

Et wär natierlech gutt, wann dee Wee kéint legaliséiert ginn. Well momentan ass dat jo praktesch eng ASBL, wann et iwwehapt eng ass, wa se richtig gefouert ass, déi iwwert dee Wee do verfüegt, wat jo och net am Sënn vun der Saach ass. Well e Wee ass jo och eppes, wou mol kann en Accident geschéien oder wat weess ech. Duerfir wär et gutt, wann d'Gemeng sech géif deem Wee unhuelen.

Déi selwecht Leit hu sech beschwéiert iwwert, Dir hat gesot vun engem Grénggürtel, dee Richtung Breitfeld stéisst. Dat ass och richtig, dat gesäit een och an de Pläng. Mee ee Moment ass en ënnerbrach, an do geet d'Senioresidenz bis un d'Grenz vum – an dat ass dat, wat si kritiséieren. Dat heescht fir do ofzeschneiden.

Ech weess net, ob Der dat scho mat hinnen diskutéiert hutt, mee wann een en opgelockerte Projet vun der Residenz weist, ech mengen, da si se scho vläicht méi positiv agestallt. Mee op

2. PAG et PAP

jidde Fall ass en Dialog mat de Leit absolut néideg.

Wat deen anere Reklamant ubelaangt, ech mengen, dee geet op déi selwecht Punkten an, huet dann awer nach e puer aner Saachen, wou en drop ageet. Et ass e fréieren Awunner vun der Cité Breinfeld, dee mer heibanne scho beschteens kennen, well e wunnt scho laang net méi hei an e mell sech nach zu all Projet hei zu Wuert, zu Déifferdeng.

Déi Suggestioun vun der Cellule, déi géif ech awer iwwehuelen, fir d'Zoufaarten zu de Parkingen, Souterrainen, fir déi mat Pergola ze iwverdecken an och bewuessen ze loossen. Éischtens ass dat en Avantage vun der Lärmbelästigung am Quartier, fir déi Leit, déi do wunnen, par rapport, zu den Afaarten. An et gétt méi e flotte Bléck op dës Afaarten.

Eppes hutt Der net gesot, an do wollt ech mol d'Madamm Buergermeeschtesch froen. Dir sidd jo ënner anerem och fir de Logement zoustänneg. Do ass dann och vun der Cellule gesot ginn, dass hei eng Méiglechkeet besténg iwwert de Pacte logement 2.0, dass d'Gemeng kéint Wunnenge kafen an déi weiderverlounen. Mir géifen dat eng ganz gutt Saach fannen.

Mer wollten Iech och proposéieren, an déi Richtung mol ze kucken, ob mer kéinten eng Partie Logementer, natierlech zum Gesteungspräis, kafen, an déi dann zu gënschtege Konditiounen weiderverlounen un d'Biergerinnen a Bierger. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Liesch. Duerno den Här Weirich.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Gudd Moien alleguerten hei am Gemengerot. Ech huele Stellung fir déi Gréng zu dësem Projet.

Wéi scho gesot ginn ass, ass deen heite Projet eng Fortféierung vum Projet „Op de breeden Dréischer 1“ an et misst een eigentlech, also wann een dat Ganzt evaluéiere wëll, déi zwee Pläng

niewentenee leeën, fir dass een den Impakt gesäit. An da stellt ee fest, dass dat heiten awer schonn, am Ganze gesinn, e grouse Projet fir deen dote Quartier gétt.

Urbanistesche läit en, wéi den Här De Sousa scho gesot huet, exzellent. De ganze Quartier ass gutt ugebonden un de Stroossereseau, och schnell un d'Collectrice, wann ee muss eraus oder eran. De Projet ass exzellent ugebonden un d'effentlech Mobilitéit, wat Bus an déi Infrastrukturen ugeet. Dat eenzeg, wat wäit ewech ass ass déi nächste Gare.

Dann ass och scho richtig gesot ginn vum Här De Sousa, dass dee ganze Quartier 1 an 2, wann een déi zesumme kuckt, awer bedeit, dass do a relativ kuerzer Zäit, eigentlech vill Leit dohinner wunne kommen. Wat bedeit, dass mer elo scho mussen entaméieren, fir eis Schoul- a Sportsinfrastrukturen an d'Maison-relais-Infrastrukturen, déi effektiv hei just op e puer honnert Meter ewech leien, dass mer déi schonn elo musse matarechne fir dëse Quartier.

Wëssend, dass dat jo net deen eenzegen Eck ass, wou mer nach Baupotenzial hunn, mee dass an de Woiwerwisen och nach Baupotenzial ass, wat an deenen nächste Joerzénge soll bebaut ginn.

Am neie PAG hu mer dat jo och gemaach. Mir hunn effektiv do scho Plaze virgesinn, fir eben eng Extensioun oder eng Annex vun der Woiwer Schoul ze realiséieren. Eng ganz Partie Terrain sinn am Équipement public. Soudass mer dat op jidde Fall scho mol kënne maachen.

Wat natierlech och ganz flott ass, dat ass, dass mer hei schonn an der Phas 1 eben déi ganz Kompenséierung net nëmme vun der Phas 1 gemaach hunn, mee d'Kompenséierung vun deem ganze Site deemools matgeplangt hunn an dem Promoteur och gesot hunn, dass d'Kompenséierung muss integral scho gemaach ginn, ier d'Phas 2 gemaach gétt. Dat ass jo dann och hei geschitt.

A wat nach e ganz grouse Plus ass, ass, dass déi Kompenséierung, wéi hei och scho gesot ginn ass, um Site gemaach gétt. Dat heescht, dass also wierklech do, wou dann och de Schued entstanden ass, mer et och fäerdegbréngen, déi

L'autre réclamant est un ancien résident de la cité Breinfeld. La commune le connaît bien, car il n'habite plus à Differdange, mais intervient à chaque projet.

Erny Muller partage l'avis de la Cellule quant au fait que les accès aux parkings souterrains devraient être surmontés de pergolas. Cela permettrait de réduire les nuisances sonores et d'embellir le quartier.

La bourgmestre est responsable de la politique du logement. Sur la base du Pacte logement 2.0, la commune pourrait acheter des logements pour les mettre en location. Ce serait une bonne chose. Erny Muller demande à madame Brasel-Rausch d'étudier cette proposition.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) va prendre position pour les écologistes.

Il s'agit de la suite d'Op breeden Dréischer I. Il faut évaluer les deux PAP ensemble pour bien en voir l'impact.

Comme l'a dit monsieur De Sousa, il est bien situé. Le quartier est bien desservi et la collectrice n'est pas loin. Le bus se trouve à proximité. Seule la gare est un peu éloignée.

En relativement peu de temps, beaucoup de gens vont aller vivre dans les quartiers 1 et 2. Il faut donc dès à présent prévoir l'agrandissement des infrastructures scolaires et sportives ainsi que de la maison relais, qui se trouvent à quelques centaines de mètres. Il ne faut pas oublier non plus les terrains constructibles dans les Woiwerwisen, dont on profitera dans les prochaines décennies. Le PAG prévoit d'ailleurs l'extension de l'école du Woiwer. Une partie des terrains font partie de l'équipement public.

Georges Liesch rappelle que les compensations pour tout le projet ont déjà été réalisées lors de la première phase. C'était une demande au promoteur de la part de la commune.

Par ailleurs, les compensations sont réalisées directement sur place, ce qui est une bonne chose. Cela explique pourquoi autant de terrain — 39,4 % — est cédé à la commune. Mais les compensations

2. PAG et PAP

améliorent aussi la qualité de vie dans le quartier.

Dans le cas du PAP 1, les constructions sont plus denses. Mais le PAP 2 comprend beaucoup d'espaces verts.

Les deux quartiers sont reliés et les écoles, les maisons relais et les infrastructures sportives sont facilement accessibles.

Georges Liesch se dit surpris de l'avis de la Cellule. En général, ces avis contiennent l'une ou l'autre idée potable. Certaines suggestions étaient même tout à fait légitimes. D'autres fois, la commune voyait certains éléments de manière plus nuancée. Mais cet avis-ci est diamétralement opposé à ce qui est prévu.

On a l'impression que les services communaux n'ont jamais parlé de ce projet à la Cellule. Or ils l'ont fait. Georges Liesch a même participé à certaines réunions concernant la phase 1 et la phase 2.

Les services communaux ont par ailleurs confirmé que tous les points repris dans l'avis ont été abordés. Les services ont fourni des arguments à la Cellule que celle-ci semblait avoir acceptés. C'est pourquoi Georges Liesch ne peut être que surpris de lire dans la partie écrite de l'avis les mêmes remarques qui avaient déjà été réfutées. Il se demande si quelqu'un a oublié de prendre des notes pendant la réunion. En tout cas, c'est malheureux.

Les explications que fournissent les services communaux sont tout à fait pertinentes. Les écologistes se rallient à leur avis.

La Cellule suggère, par exemple, de déplacer la résidence pour séniors et de construire autrement les deux autres résidences. Or beaucoup de gens vont vivre dans ces résidences. Elles devront traverser le quartier pour rentrer chez elles, ce qui engendrera du trafic. Cela n'a aucun sens.

En pénétrant dans le quartier, les résidences se trouvent à gauche et les maisons à droite. Où serait la plus-value de tout déplacer?

La Cellule propose aussi de modifier la position des garages dans les lots 9 à 14 pour les intégrer au volume chauffé. L'idée peut sembler pertinente d'un point de vue énergétique. Mais cela réduirait l'espace

ganz Kompenséierung um Site ze maachen.

Dat ass och ee vun de Grënn, firwat déi Sessioun dann och esou héich ass, bei 39,4 %, wat effektiv wäit iwwert deem ass, wat mer soss bei anere Projete gesinn. Dat dréit awer och deem ganze Quartier hei zu enger gewëssener Liebensqualität bäi. Et gesäit een d'Phas 1, wann ee sech déi ukuckt, déi ass nach vläicht e bësse méi gedrunge, d'Baudicht ass och do vill méi héich, awer hei an der Phas 2, wou mer méi wäit eraginn an den Terrain, hu mer also wierklech eng Oplackerung a vill méi Gréngs wou elo d'Phas 1 dann och dovunner wäert profitéieren.

D'Verbindung ass och matugeduecht an ass och hei agezeechent, dass ee vun der Phas 1 an d'Phas 2 eriwwer ka kommen an dann och weider direkt an d'Schoul an d'Maison relais an d'Sportinfrastrukturen, déi exzellent ugebong sinn un déi zwee hei.

Ech ginn e bëssen op d'Avise vun der Cellule an. Do war ech erféiert, well bis elo war ech gewinnt, wa mer en Avis kréien, dass mol déi eng oder déi aner Suggestioun dran ass, wou ee seet, do kann een driwwer nodenken. Et waren der och mol dobäi, wou ee seet, et ass ganz legitim, dass déi drastinn, déi sinn och wichteg, déi iwwerhëlt een.

Heiansdo stoung och mol eppes dran an den Avisen, wou ee gesot huet, mir gesinn dat als Gemeng e bëssen anescht, méi nuancéiert an deem engen oder anere Punkt. Deen heiten Avis ass awer effektiv wierklech diametral opposéiert a villen, ville Punkten.

Et gesäit e bëssen esou aus, wéi wann eis Servicer eigentlech ni mat der Cellule iwwer esou ee grouse Projet geschwat hätten. An dee wär eragerecht ginn a mir wäeren elo iwwerrascht ginn, wat dann do aus der Cellule zrëckkënnt. Dat ass awer net de Fall.

Hei ware Reunionen am Virfeld gemaach ginn. Do ware scho Reunionen, wou ech mech kann erënneren, iwwert d'Phas 1, wou ech selwer derbäi war. Och iwwert d'Phas 2. Déi war natierlech nach net esou detailléiert, mee wou mer jiddefalls déi Phas 2 scho matugeduecht hunn.

Dat heescht, do ware Reunionen mat der Cellule. An ech hu mer och nach eng Kéier bestätege gelooss vun eise Leit aus de Servicer, dass hei och eng Reunion war. An et steet jo och am Avis vun eise Servicer mat dran, wou eigentlech iwwert dee ganze Projet diskutéiert gouf a wou déi Saachen, déi elo vun der Cellule hei kritiséiert ginn, eigentlech och diskutéiert goufen a probéiert ginn ass ze argumentéieren.

A wou d'Cellule, laut eise Fonctionnairen, och gesot huet, si géifen dat dann och elo esou gesinn. Dat wäeren effektiv gutt Argumenter. An dann ass een awer iwwerrascht, wann dann an der Partie écrite vun hinnen eigentlech erëm dat selwecht drasteet wéi virdrun.

Et kann ee sech d'Fro stellen, ob do iergendee keng Notize geholl hat oder firwat dat esou ass. Et ass jiddefalls net ganz glécklech.

D'Erklärungen, déi mer hei awer kréie vun eise Leit, sinn awer absolutt schlëseg. Dat heescht, mir kënnen eis an alle Punkten dem Avis vun eise Leit ralliéieren.

Ech ginn op e puer Punkte vläicht just an. Hei gëtt elo, zum Beispill, gesot, dass een déi Senioreresidenz sollt réckelen, aneschters maachen. Respektiv déi zwee Residencëbléck aneschters maachen, méi no hanne réckelen.

Wat jo dann natierlech erëm géif bedeiten – do wunne jo dann och méi Leit –, dass dann den Trafick vun den Awunner vun deene Residencen duerch dee ganze Quartier musse fueren. Dat mécht jo wierklech absolutt kee Sënn.

An ech verstinn och net, wéi een op eng aner Iddi do ka kommen. Och urbanisteschesch gesinn, fannen ech, dass déi Lag vun de Residencen hei eigentlech zimmlech optimal ass. Wann een an de Quartier fiert, leien déi op der lénker Säit. Fir mech ass dat ganz optimal. An op der rietser Säit hu mer allegueren déi Eefamilljenhaiser. Ech gesinn also hei urbanisteschesch keng Plus-value, fir déi Residencen ze réckelen.

Dann hu se proposéiert, bei de Loten 9 bis 14 d'Positioun vun de Garagen ze änneren. Do kann een natierlech driwwer diskutéieren. Wann ee freet: Wat wär dann de Virdeel dovunner? Da

2. PAG et PAP

kann ee soen: Eng Garage, déi also net direkt um Haus ugebaut ass, ass net am Volume chauffé. Also dat ass schonn, mengen ech, e Virdeel, dass eng Garage net muss gehézt ginn. Dat kann een also energeetesche vertrieben a soen, dat ass vläicht eng Iddi.

Den negativen Impakt ass awer, dass d'Wunnsurface an d'Liewenssurface op deem Terrain, wou een dann huet, eigentlech méi geréng ass. Well dann eigentlech do méi scelléiert gëtt a manner Gréngs iwwregbleift fir d'Leit, just fir en Auto ënnerdaach ze stellen. Soudass mer der Meenung sinn, dass et hei méi intelligent wär, bei eiser Propos ze bleiwen. Nämlech d'Garagen esou virzege-sinn, wéi se hei um Plang sinn.

Dann hu se och kritiséiert, datt dee kleng Wee téscht den zwou Reien Eefamilljenhaiser, iwwerfléssig wär. Well et wär jo e berouegte Quartier, an d'Leit kéinte jo iwwert d'Strooss goen. Dat stëmmt och zum Deel. Mir wëssen awer allegueren: d'Leit an zemoos d'Kanner huelen natierlech dee kierzte Wee. Dat ass emol een Argument, wou ech fannen, dass dee Wee eng Daseinsberechtigung huet.

Dat anert Argument ass, mengen ech, och scho vum Här De Sousa gesot ginn. eEt mécht awer eng Trennung téscht deenen zwou Récksäite vun deenen zwou Haiserreien. An ech mengen och, dass jiddwereen, deen emol e Gaart huet hannenaus, frou ass, wann en op jidde Fall en Accès vun hannen a säi Gaart huet, sief et fir Saachen erauszeféieren, sief et, fir wann e Saache geliwert kritt. Fir déi kënnen do eranzehuelen an net muss duerch d'ganzt Haus ze lafen, wann dat iwwerhaapt méiglech ass.

Dat ass méiglech fir déi Haiser, déi op den Ecker sinn, well se nach e kleng Gréngsträifen hunn, mee déi Haiser an der Mëtt, missten op jidde Fall esou en Accès duerch d'ganzt Haus kréien. Also mengen ech schonn, dass et eng Plus-value ass fir dee Quartier, wann een dee Wee do téscht deenen Haiserzeile jidde-falls erhält.

An ech mengen, dass d'Leit och net immens profitéiere géifen, wa mer hei ee Meter opdeelen op lénks a riets, dann hätt jiddwereen en hallwe Meter méi Gaart. Ech mengen, dass dat awer net

ausgläicht, wat d'Virdeeler vun deem Wee sinn.

Da kommen ech och zu de Reklamatiounen. Déi hunn ech och gelies gehat. Effektiv, déi zwou Reklamante gläiche sech a ville Saachen. Et geet do haapt-sächlech ëm dee Wee, wou mer jo, mengen ech, allegueren heibannen averstane sinn, dass dee Wee, deen de Moment existéiert, e wichtige Wee ass, deen d'Quartieren an d'Plaze matenee verbënnt. Haapt-sächlech mat der Schoul, Maison relais an déi ganz Sportsinfrastruktur.

Effektiv, an der Äntwert geet ervir, dass sech elo getraff gouf mat deene Leit, fir ze kucken: Wéi ass iwwerhaapt déi juristesche Situatioun vu Propriétéitsverhältnissen vun deem Wee? An déi Leit och gesot hunn, si wäere frou, wann d'Gemeng dese Wee géif iwwerhuelen, dass si net méi an der Responsabilitéit vun deem Wee wäeren. Dee Moment wär d'Gemeng jo och Garant, dass dee Wee bestoe bleift. An deen ass jo och hei op de Pläng. Dat ass op jidde Fall eng gutt Saach, wéi mer hei virgaange sinn, fir mat deene Leit deen dote Problem direkt ze klären.

Da gesi mer op dem ganze Quartier eng grouss Spillplaz. Mir fannen dat ganz flott, dass déi Spillplaz direkt bei de Senioresidenzen ass. Elo kann een natierlech soen: Ass dat gutt, wa Kanner, déi awer Kaméidi maachen a spillen direkt bei enger Senioresidenz sinn? Dat ka gutt sinn, dat kann net gutt sinn.

Ech mengen awer, dass déi Leit, déi heihinner wunne kommen, dat jo da gesinn. D'Spillplaz ass da schonn do. A si gesinn dat och op de Pläng. An da mengen ech, da weess jiddwereen, op wat e sech aléisst. Ech kenne genau sou vill Senioren, déi frou sinn, wa ronderëm eppes lass ass. Zemoos wa Kanner ronderëm sinn an déi spillen.

Wéi vläicht anerer, déi soen: Ech hätt léiwergär meng Rou. Ech wéilt dat net onbedéngt. Ma ech mengen, dann ass séier de Choix gemaach, ob ee sech néierléisst an där Senioresidenz oder net. Mir fannen et awer interessant, dass genau des Mixitéit hei probéiert gëtt.

An deem Quartier hu mer elo vu Residencen, wou ee vläicht dann éischer

de vie. Pour Georges Liesch, il est donc plus intelligent de ne pas modifier les plans.

Le petit chemin entre les deux rangées de maisons unifamiliales serait superflu, car le quartier serait calme et les gens pourraient traverser la rue. C'est vrai. Mais les gens empruntent généralement le chemin le plus court. Le chemin a donc une raison d'être. En plus, il sépare les deux rangées de maisons. Qui-conque a un jardin sait qu'il est agréable de pouvoir y accéder par l'arrière. Cela permet notamment de ne pas devoir traverser la maison avec de l'équipement.

Ce n'est pas un problème pour les maisons faisant le coin, mais les maisons au milieu ne disposeraient pas d'un autre accès au jardin. Conserver le chemin constitue donc une plus-value pour les résidents.

Certes, le supprimer leur permettrait d'agrandir leurs jardins d'un demi-mètre, mais les désavantages seraient importants.

Les deux réclamants protestent contre ce chemin, mais il est évident que celui-ci est important parce qu'il relie les quartiers à l'école, à la maison relais et aux infrastructures sportives.

Une autre question concerne la situation juridique du chemin. Les résidents souhaitent que la commune en devienne propriétaire pour qu'ils n'aient pas à porter la responsabilité en cas d'accident. En plus, la commune pourrait s'assurer que le chemin sera conservé. En tout cas, le collège échevinal a bien fait de régler le problème directement avec les riverains.

Georges Liesch salue le fait que l'aire de jeux se trouve à proximité de la résidence pour seniors. Bien sûr, les enfants risquent de faire du bruit. Mais les seniors seront au courant puisqu'ils verront les plans. En outre, beaucoup de seniors sont contents de voir des enfants jouer même si d'autres préfèrent vivre au calme. Georges Liesch ne voudrait pas forcément vivre à côté d'une aire de jeux, mais c'est à chacun de faire son choix.

Pour ce qui est de la mixité, les résidences accueilleront plutôt des jeunes louant ou achetant leurs premiers appartements, des maisons pour les familles, une résidence

2. PAG et PAP

pour les séniors... Le quartier est bien pensé.

Sur les plans, la résidence pour séniors ressemble à un bloc. Mais comme l'a dit monsieur Muller, le bloc ne représente pas le volume de la construction. Ce qui ressemble à un rectangle blanc constitue en fait une architecture très réussie.

Pour les gens regardant les plans, cela peut être difficile à comprendre. C'est pourquoi monsieur Muller a raison de demander une réunion d'information. On pourra expliquer aux gens ce que représente ce bloc en réalité.

Georges Liesch a quelques suggestions. Il trouve que la résidence pour séniors et les autres résidences seraient idéales pour accueillir une toiture végétale et des panneaux solaires. Pour ce qui est des maisons unifamiliales, il faudrait au moins en prévoir la possibilité. Car une fois la maison construite, il devient difficile et surtout cher de procéder à l'installation. Si les gaines sont prévues, les frais seront limités.

En ce qui concerne les résidences, Georges Liesch estime que la toiture végétale et les panneaux solaires doivent être installés d'une manière ou d'une autre.

Pour ce qui est des places de stationnement, les écologistes se rallient à l'avis de la Cellule visant à aménager une pergola sur la rampe d'accès. Comme l'a souligné monsieur Muller, cela réduira les nuisances sonores et embellira le quartier.

Georges Liesch rappelle qu'il s'agit de la dernière phase du projet. Les écologistes l'approuveront.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) remercie monsieur De Sousa pour ses explications.

Il trouve qu'en principe, le projet est réussi d'un point de vue urbanistique. L'idée consiste à recourir à du terrain constructible à l'intérieur d'un terrain construit au lieu d'élargir le périmètre. C'est comme cela qu'il faut procéder pour construire des logements.

jonk Leit fënnt, déi hir éischt Wunneng do lounen oder vläicht kafen, bis Eefamilljenhaiser, wou déi éischt Famille sech néierloossen, mat Kanner eventuell, bis Senioreresidenzen. Déi ganz Mixitéit an deem ganze Quartier ass fir eis op jidde Fall gutt duerchduecht a ganz gelongen.

Zu de Reklamatiounen. Effektiv, wann een de Plang esou kuckt, da gesäit een déi Senioreresidenz. Mee ech mengen, den Här Muller huet dat och gutt erklärt, dat gesäit aus wéi e Block. Ech mengen, mir kënnen sou Pläng liesen, mir wëssen dat ass eng Baufenster an dat ass net de Volume, sou wéi e gebaut gëtt.

Mee et muss een effektiv an d'Pläng kucke goen: Wat ass dann ugeduecht? Wat fir eng Architektur ass geplangt? An da gesäit een, dass dat net esou e massive Block ass, wéi een elo hei um Plang an engem wäisse Rechteck gesäit. Mee dass dat eng locker Infrastruktur ass, déi soll gebaut ginn, déi architektonesch, fannen ech, ganz gelongen ass, an dem Quartier och gerecht gëtt.

Dat ass effektiv, do ginn ech dem Här Muller Recht, fir d'Leit schwéier erauszulesen. Dofir wär et eng gutt Iddi, fannen ech, ka mech do ralliéieren, eng Biergerversammlung ze maachen, wou een ee Plang wéi deen heiten eng Kéier weist an de Leit erklärt, wéi esou ee Plang ze liesen ass: Wat ass eng Baufenster? Wat ass herno reell ugeduecht? Wéi gesäit dat ongeféier aus? Dass een dat eng Kéier weist.

Dann hält een, mengen ech, de Leit scho ganz vill Ängschten ewech. Hei wierkt dat wéi e massive Block. An en fin de compte ass et jo awer keen esou ee massive Block.

Dann hätt ech nach déi eng oder déi aner Suggestioun, déi ech elo net direkt an der Partie écrite fonnt hunn. Et kann awer sinn, dass ech et vläicht iwewerlies hunn. Mee grad bei der Senioreresidenz a bei de Residencë géif sech e Gréngdaach a Photovoltaik ubidden.

Bei den Eefamilljenhaiser wär et och interessant, dat materanzebréngen, dass zumindest d'Preparatioun vu Photovoltaik an och thermesch Pannoe virgesi sinn. Well mir wëssen alleguerten, wann een en Haus bis gebaut huet, an

no zéng Joer vläicht eréischt d'Suen huet, fir esou eppes ze maachen, dass et dann eigentlech quasi onméiglech oder extreem schwéier an extreem deier gëtt, fir dat dann nozerüsten.

Duerfir wär et interessant, dat direkt virzugesinn, dass zumindest d'Gainetechniquen esou gemaach sinn, dass eng Norüstung herno ouni gréisser Fraisen an Ëmrappaarbechten an den Haiser machbar ass.

Bei de Residencen a bei der Senioreresidenz sollt een d'office drop halen, dass dat muss matgemaach ginn. Sief dat a Form vu Kooperativ oder an enger aner Form. Mee op jidde Fall musse mer dat matbedenken.

Zu de Parkplazen. Do ralliéiere mer eis un den Avis vun der Cellule. Dat ass een, wou mer gutt gesinn, déi Entrée, déi Ramp, déi do erofgeet, fir do e Pergoladaach driwwerzemaachen. An och, wéi den Här Muller gesot huet, dat ze begréngen. Ech mengen, dass dat éischerter zum Quartier bäidréit an d'Sonorisatiounseffekter doduerch minimiséiert kënnen ginn.

Dat do ass eis Stellungnam zu deem heite grouse Projet. Et ass jo dann déi lescht Phas vun dësem Projet. Mir wäerten op jidde Fall dëse Projet matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci och dem Här De Sousa fir déi ausféierlech Presentatioun. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat hei ass am Prinzip e gudder Projet, am Sënn vun enger innerstädescher oder innerurbanner Noverdichtung. Dat heescht, dass mer innerhalb vu gebautem Terrain, Bauterrain, dee besteet, erschléissen an dee bebauen, anstatt dass mer de Perimeter auswäiten. Dat ass fir mech definitiv, wéi et lafe sollt mam Logement, ier mer Bauperimeter ausweisen.

2. PAG et PAP

Et ass och gutt, dass spezifische Wunnraum geschaaft gëtt, dat heescht: Logement senior. Ech mengen, et brauch natierlech ëmmer méi spezifische Wunnraum fir verschidde Kategorien, wéi zum Beispill Coût modéré senior, well do einfach vum Marché net genuch gebaut gëtt. De Marché fonctionéiert natierlech no der beschtméiglecher Rendit an da kënn eebe spezifische Wunnraum ze kuerz.

Et ginn och Residence gebaut, dat ass natierlech och gutt. Mee déi éischt Saach, wou ech mech dru stéieren, dat sinn déi 28 Haiser, déi gebaut ginn. Ech mengen, wa mer schonn en Terrain a sou enger zentraler Lag hunn, wou ka gebaut ginn, dee gutt ugebonnen ass un d'Infrastruktur, sief dat ëffentlechen Transport oder Schoulen oder Crèchen, oder wat och ëmmer, wat een eebe brauch, fannen ech et, wéinst Knappheet vu Bauterrain an och an Zäite vu Klimakris, e bëssen onverantwortlech, fir Bauterrain ze verschwenden, an dass mer zouloossen, dass do haut nach 28 Eefamilljenhaiser gebaut ginn.

Ech wëll elo net jiddwereen zwéngen, an enger Wunneng mussen ze wunnen. Mee et kann een natierlech haut och ganz flott Residence bauen an déi agreabel bauen, dass dat sech net onbedéngt ufillt wéi eng Wunneng. Mäi Punkt ass, dass Bauland, wat nach iwreg ass, wat mer nach hunn – et gëtt ëmmer méi knapp –, dass dat einfach beschtméiglech ausgenutzt gëtt a méiglech vill Wunnraum geschaaft gëtt. 200 kléngt vill, mee a mengen Ae misst do einfach nach méi Wunnraum entstoen.

Wat den Avis vun der Cellule d'évaluation vum Interieur an eisen Ekippen ugeet, ass dat effektiv e bëssen iwwerraschend, wann ee liest, dass do d'Meenungen immens wäit ausernee ginn tëschent eisen Ekippe vum Développement urbain an dem Ministère.

Ech froe mech, wat an deenen dräi Joer vläicht geschitt ass. Déi éischt Versammlung war am Mee 2019, elo si mer Juni 2022. Ech weess et jo net, mee et ka jo gutt sinn, dass d'Pläng net méi deem entsprechen, wat se virun dräi Joer beschwat hunn.

An ech froe mech och, wéi sou et dräi Joer gedauert huet, bis dat agereecht

gouf. Wat ass an der Zwëschenzäit geschitt? A wat nach do matschwéngt, ass déi Course, déi vill Promoteure gemaach hu par rapport zum Akraafttriede vum Pacte Logement 2.0.

De Stéchedatum war den 19. Februar dëst Joer. An enger ganzer Rei Gemenge hunn d'Promoteuren nach genau virun deem Stéchedatum schnell e PAP agereecht, fir net mussen, wéi et am neie Pacte Logement 2.0 virgesinn ass, vun 10 % op 20 % abordabele Wunnraum ze bauen. An dat ass e bëssen dat, wat hei matschwéngt, wa vläicht och dee kontroversen Avis, deen dobäi erauskoum, dass do e bëssen eng Course war, fir dat nach schnell anzerechen. An dowéinst sinn do ganz vill Divergenzen tëschent eisen Ekippen an der Cellule d'évaluation vum Interieur.

Den Här De Sousa war elo net, mengen ech, drop agaangen, ausser ech hätt et iwwerhéieren. Mee den Här Muller hat et gesot, wat fir mech de spannendste Punkt ass am Avis vun der Cellule d'évaluation. Wou si eis quasi ubiedelen als Verantwortlech vun der Gemeng, fir dach heivunner ze profitéieren, fir Logement ze kafen als Stad Déifferdeng.

Wou se drop hiweisen, souwuel am ale Pacte Logement wéi och am neie Pacte Logement, op all déi Bähëllef, déi et gëtt vu staatlecher Säit, fir Logement ze kafen. Dat heescht, fir eisen ëffentleche Wunnpark auszebauen.

An dovun hunn ech elo näischt matkritt, dass mer an déi Richtung géife goen, fir dovunner ze profitéieren. Fir als Stad Déifferdeng mat deene Subside Logementer ze kafen. Et sinn, mengen ech, 30 % virgesinn, eeben déi 10 % am ale Pacte Logement. Mee fir mech ass dat hei och eng verpasste Chance, fir als Stad Déifferdeng mat staatleche Mëttele Logementer ofzekafen.

D'selwecht mat den Emplacementer. Wou se soen, annerhallef Parkplazen, zwou Parkplazen, dat ass schrecklech deier, limitéiert Iech op eng Parkplaz, fir eebe sou gutt et geet d'Käschten déif ze hale fir deen deen duerno dra wunne kënn.

Nach ee leschte Punkt. Den Här Liesch hat et och ugeschwat. Et si jo lauter Flaachdiech oder haaptsächlech Flaa-

Eric Weirich salue l'aménagement d'une résidence pour séniors. Il faut prévoir de plus en plus de logements pour des catégories spécifiques de gens — par exemple des logements à cout modéré pour les séniors. Car le marché de l'immobilier se base sur les bénéfices.

Ce qui dérange Eric Weirich, ce sont les 28 maisons unifamiliales. Le terrain se trouve dans le centre et est bien desservi. Il y a des écoles et des crèches. Le conseiller communal trouve irresponsable qu'en pleines crises du logement et du climat, on construise 28 maisons unifamiliales sur le peu de terrain constructible à disposition.

Il ne dit pas que tout le monde doit vivre dans une résidence. Mais de nos jours, les résidences peuvent être agréables. Il faut exploiter le terrain constructible qu'il reste de manière optimale. Deux-cents unités ne suffisent pas.

Il est étonnant que les avis de la Cellule d'évaluation et des services communaux soient aussi divergents. Eric Weirich se demande comment cela est possible. La première réunion a eu lieu en mai 2019. Les plans ont-ils évolué? Pourquoi a-t-il fallu trois ans pour lancer la procédure?

Eric Weirich se demande si cela n'a pas quelque chose à voir avec le lancement du Pacte logement 2.0 forçant les promoteurs à prévoir 20 % de logements abordables au lieu de 10 %. Il est possible que le promoteur se soit dépêché de renvoyer son dossier avant le 19 février et que cela ait engendré les divergences.

La Cellule d'évaluation exhorte par ailleurs la commune à profiter de ce projet pour acquérir des logements. Monsieur Muller en a parlé. Le Pacte logement propose des subsides conséquents pour l'acquisition de logements publics. Le collège échevinal n'a pas abordé cette question. Pour Eric Weirich, la Ville de Differdange a laissé passer sa chance d'acheter des logements avec l'argent de l'État.

La Cellule propose par ailleurs de se limiter à 1 place de stationnement pour les résidents au lieu de 1,5 ou 2 places.

Monsieur Liesch a mentionné les toitures plates sur les résidences. Il

2. PAG et PAP

est pertinent de les végétaliser. Mais il ne faut pas oublier les installations photovoltaïques.

Eric Weirich rappelle que le ministre Kox a visité Differdange lors de la fête du bouquet de Gravity. Au 17^e étage de la tour, il a constaté que Differdange comptait peu d'installations photovoltaïques — même sur les nouveaux bâtiments. Il mentionne Auchan et les résidences du plateau du Funiculaire. Il se demande pourquoi les installations photovoltaïques ne sont pas prévues d'office.

Il propose de recourir à des coopératives comme cela a déjà été fait dans le cadre d'autres projets. De nombreux citoyens voudraient sans doute participer au financement de ces installations.

Déi Lénk n'approuvera pas le projet.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) revient sur les propos de monsieur Muller concernant la hauteur des immeubles dans les lots 5 et 6. L'immeuble de trois étages est tourné vers la rue Henri-Bessemer. Une des maisons a à peu près la même hauteur. La Cellule a aussi proposé d'aménager le lot 5 en forme de Z, mais pour les services communaux, ce ne serait pas idéal.

Paulo De Sousa réfléchira à la question de la réunion d'information pour les prochains PAP.

En ce qui concerne le chemin, une convention a été signée en 1994 entre l'association Lotissement Breitfeld et la commune. Paulo De Sousa confirme que c'est la commune qui s'occupera de ce chemin. Le PAP dépend du Pacte logement 1.0, car il a été introduit avant le 19 février 2022. La bourgmestre reviendra sur la question des logements.

Monsieur Weirich a critiqué la construction des 28 maisons unifamiliales. Mais construire des résidences réduirait la mixité et risquerait de dépasser la densité de logement autorisée. Pour ce PAP, elle est de 55. En divisant 200 logements par 3,64, on arrive à 54,9. La commune ne peut donc pas construire plus de résidences.

C'est le promoteur qui décide quand introduire un projet.

chdiech virgesinn op de Residenzen. Déi gi végétaliséiert, wat natierlech och total Sënn mécht an der haiteger Zäit: Klimakris, et gëtt ëmmer méi waarm. Do mécht dat och total Sënn, well d' Gebai ofkillt. An hien huet och d'Photovoltaikanlagen ugeschwat. An dat ass och eppes, wat mer direkt opgefall ass.

D'lescht Woch hate mer den Här Minister Kox hei, wéi mer d'Fête du bouquet hate vum Gravity. A vum 17. Stack aus huet een eng immens schéi Vue iwwer ganz Déifferdeng, iwwert d'ganz Gemeng. Woubäi hie ganz pertinenterweis gesot huet: „Ech gesinn hei néierens Photovoltaikanlagen, obwuel do nei Gebaier stinn.“ Dat heescht, den Auchan an all d'Residenzen um Plateau Funiculaire, wou lauter Diech Richtung Süde geriicht sinn, néierens eng Photovoltaikanlag.

An dann denken ech mer: Wéisou, ech soen elo net, zwénge mer d'Leit, mee wéisou ass dat net einfach d'office direkt matvirgesinn, wann nei Bauten entstinn op eisem Terrain? Fir mech mussen direkt Photovoltaikanlage matgeplangt ginn oder direkt matgebaut ginn.

Bon, den Här Liesch hat elo gesot, op d'mannst d'Installatioune virgesinn. Mee ech géif afuerderen, se direkt matanzebauen. An ech ginn och gär op de Wee, wat den Här Liesch proposéiert huet, fir eng Kooperativ matanzeschalten, wou mir och scho Projeten haten an déi Richtung. Do si sécherlech och e ganze Koup Biergerinnen a Bierger bereet, fir dat matzefinanzéieren, wann dat de Problem wier, fir déi Anlagen direkt matvirzegesinn.

Dat alles gesot, kann ech dat heite leider net matdroe fir déi Lénk. Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här De Sousa, wannechgelift.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ech wollt op e puer Saachen zrëckkommen. Den Här Muller hat gesot mam Lot 5 a 6, datt déi relativ héich gebaut

ginn. Ech kommen op de Lot 6, deen ass deels dräi, véier Stäck an deen aneren deels sechs Stäck. Deen dräistäckegen Deel, dee kuckt Richtung Rue Henri Bessemer. Do ass jo och een Haus, wat an där selwechter Héicht ongeféier ass. Dat hu mer deemools matgekuckt gehat. An d'Cellule hat och nach gesot zum Lot 5, si sollten dee ganz aneschtens amenagéieren, sou an enger Z-Form. Mee do hat eise Service jo gesot, datt déi Form eigentlech banneraimlech guer net gutt wier.

Dat mat der Biergersammlung huelen ech mat. Wa mer nach esou e PAP hunn, datt mer d'Bierger, déi ronderëm sinn, mat eranhuelen.

Dir hat och eppes zum Wee gesot. Wann ech dat erëmfannen, 1994 ass tëschent dem Interesseveräi Lotissement Breitfeld an der Gemeng eng Konvention ausgeschafft ginn. Dat heescht, mir kucke schonn no deem Wee. Dee bleift definitiv, wéi ech och scho gesot hunn, bei eis.

Dir hat vum Pacte Logement 2.0 geschwat. Dëse PAP leeft ënner dem Pacte Logement 1.0, well e virum 19. Februar 2022 agereecht gouf. Dat wollt ech Iech nach soen. Ech mengen, d'Madamm Buergermeeschtesch wäert heronach op d'Logementer agoen.

Da wollt ech op d'Remarke vum Här Weirich kommen. Dir sot, mir hunn e Logementsproblem. Iech stéieren déi 28 Eefamilljenhaiser, déi mer do bauen. Wa mer do nëmme Residence bauen, dann hu mer guer keng Mixitéit do. An da riskéiere mer och d'Densité de logement maximale ze iwwertreffen, wat juristesch e Problem ass. Deen ass hei an deem PAP 55. Wann Der déi 200 Logementer duerch déi 3,64 deelt, gëtt dat 54,9. Dat heescht, wa mer méi Residenzen do hätten, da géife mer déi Zuel definitiv iwwerschreiden.

Dir hat gefrot, wat an deene leschten dräi Joer geschitt ass. Schlussendlech ass et de Promoteur, deen decidéiert, wéini e Projet eragereecht gëtt. Wann dee fäerdeg ass, an alles okay ass, da mussen mir en hei eranhuelen. Dat heescht, de Promoteur kuckt säi Portfolio, wéi a wat e ka maachen, an doduerch ass dee PAP elo eréischt komm.

2. PAG et PAP

Den Här Liesch hat vun de Garë geschwat. Ech mengen, am Rapport steet, et sinn dräi Garen op 1,5 km ewech. Ech gesinn eng Gare do am Quartier, dat mécht méi Sënn wéi eng Gare, déi an enger Nopeschgemeng ass. Mee dee Kampf wäerte mer vläicht an den nächste Jore féieren. Well an déi Cité kommen elo esou vill Leit wunnen, a wann do eng Gare wier, kéinte se vum ëffentlechen Transport méi profitéieren.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Den Här Muller hat mer d'Fro vum Pacte Logement 2.0 gestallt. D'Gesetz Pacte Logement 2.0 ass den 18. August 2021 publizéiert ginn. Sechs Méint duerno trëtt en a Kraaft. An dëse Projet gouf d'lescht Joer deposéiert.

Wat awer elo net verhënnert, dass mir mam Promoteur schwätzen. Mee et ass net eis Decisioun. Mir kënnen gären op de Wee goen, fir mam Promoteur ze schwätzen, ob mer op de Wee gi vum Pacte Logement 2.0. Huelen ech gäre mat.

Wat d'Photovoltaikanlagen ugeet, Här Weirich, ech war derbäi, wéi den Här Minister Kox dat gesot huet, dass mer am Fong nach e risegen, en onausgeschöpft Potenzial u Photovoltaik hei zu Déifferdeng hätten.

Ech wëll Iech awer soen, Photovoltaik ass och e Käschtepunkt. Dat däerf een net negligéieren. Do musse Leit mol fir d'éischt investéieren. Do hu mer dann déi Fro nach. An dann eis Kooperativen. Mir hunn der jo schonn zwou, immens grouse Succès. Mat Photovoltaik, déi mer op zwou Plazen hunn: 1535° an hei.

Mir kéinten op dee Wee goen, awer wann Der sot, dass mer d'Leit géife forcéieren, do géif ech Iech awer gären hei am Gemengerot héieren, wa mir géifen de Leit operleëen, si missten eng maachen. Ech gi mat Iech op de Wee, ech mengen, d'Situatioun huet sech jo och elo a ganz kuerzer Zäit esou dramatesch geännert, dass d'Leit och vläicht vum selwen drop kommen. An

dass mir als Gemeng aus, denken ech, eis mussen opstellen: Wéi kënnen mer et féieren? Do géif ech Iech wierklech ënnerstëtzen a mat op dee Wee goen.

Dat ass eng Iddi, déi mer, mengen ech, musse relativ séier decidéieren, en vue vun der Entwécklung vun den internationale Bezéiungen a Liwwerungen an esou virun an esou weider. Huelen ech gäre mat. Awer forcéieren, domat hunn ech dann awer e Problem. Villmools merci.

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, déi Iddi, fir an der Géigend vun deene Quartieren do eng Gare ze maachen, déi gëtt et jo scho ganz laang. Allerdéngs kann een ëmmer iwver eppes diskutéieren, och wa keng Grondlag do ass, fir eppes ze schafen, et kann een awer driwwer diskutéieren.

D'Realitéit ass jo awer déi, dass elo schonn, mam Takt-Verkëier, dee mer hunn, dass zu Nidderkuer an zu Uewerkuer nëmmen all zweeten Zuch hale kann. Wann nach eng Gare géif derbäikommen, da wär et nach vill méi komplizéiert.

Well bei eis ass et nach ëmmer esou am Land, wéi och an anere Länner, de Gidderverkëier huet absolutt Prioritéit an net de Persouneverkëier. Soudass et praktesch onméiglech ass, op dëser Streck nach méi kuerz Takten ze maachen, fir méi Zich fueren ze loossen oder méi Halten ze maachen. Dat ass net méiglech, soss misst en zweet Gleis geluecht ginn, wa mer wëilten, dass iwverall en Zuch kéint halen. Also dat ass technesch iwverhaapt net ze maachen.

Et soll een de Leit ganz kloer soen, wéi dat ass, an net si iwver Saachen diskutéieren loossen, wou et vu virera kloer ass, dass se net kënnen realiséiert ginn.

Ech wëll awer och nach soen, ech fanne et als Verrieder vun der Kommunistescher Partei, dass mer et hei mat engem ganz gudde Projet ze dinn hunn. Och well do ganz verschidde Wunnverhältnisser geschafe ginn. Et ass also net esou, wéi wann einfach gesot gëtt, elo setze mer verschidde Bléck dohinner.

D'après le rapport, 3 gares se trouvent dans un périmètre de 1,5 km. Paulo De Sousa n'est pas contraire à une gare de quartier, mais il faudra en discuter au cours des prochaines années. Beaucoup de gens viendront vivre dans le quartier et pourraient profiter des transports en commun.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

rappelle que la loi sur le Pacte logement 2.0 date du 18 août 2021. Le Pacte est entré en vigueur six mois plus tard. Or ce projet a été déposé l'année dernière. Le collègue échevinal veut bien en discuter avec le promoteur, mais c'est à celui-ci de prendre la décision.

Christiane Brassel-Rausch était là quand monsieur Kox a parlé du potentiel de Differdange en matière d'installations photovoltaïques. Mais cela a un coût. Il faut que les gens investissent. La bourgmestre rappelle qu'il existe déjà deux coopératives.

Elle se demande quelle serait la réaction du conseil communal si on forçait les gens à aménager des panneaux solaires. La commune doit réfléchir à la meilleure façon de promouvoir ces installations. En tout cas, la bourgmestre a un problème avec l'idée de forcer les gens à installer des panneaux solaires.

ALI RUCKERT (KPL) *signale que l'idée de construire une gare dans ces quartiers n'a rien de nouveau. Car on peut discuter de tout, y compris quand il n'existe aucune base concrète. La réalité est tout autre. Actuellement, chaque deuxième train s'arrête à Niederkorn et à Oberkorn. Une gare supplémentaire compliquerait encore les choses.*

À Luxembourg, comme dans les autres pays, le transport de marchandises a la priorité. Il est impossible de faire circuler plus de trains ou de multiplier les arrêts. Pour Ali Ruckert, il faut dire aux gens la vérité au lieu de discuter de choses dont on sait qu'elles ne pourront pas être réalisées.

En tant que représentant du parti communiste, il trouve le projet en question de très bonne qualité. Le promoteur ne s'est pas contenté de construire plusieurs blocs. Car

2. PAG et PAP

même si le terrain constructible est rare, il faut malgré tout offrir une certaine qualité de vie aux gens. Autrement, cela entraînera des problèmes à terme.

Ali Ruckert regrette que le projet soit réalisé sous le régime du Pacte logement 1.0 au lieu du Pacte logement 2.0. Mais cela est dû au fait que le promoteur veut faire plus de bénéfices et que la loi le lui permet. En tout cas, Ali Ruckert approuvera le projet.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) estime que ce que vient de dire monsieur Ruckert au sujet de la mobilité n'est pas complètement vrai. Le collègue échevinal ne raconte pas n'importe quoi quand il parle d'arrêts. La semaine dernière, le ministre Bausch a présenté son plan national de la mobilité. Deux arrêts à Belvaux seront remplacés par un arrêt central.

Dans ce contexte, la commune a demandé un arrêt à Breitfeld. Le ministère n'a pas encore donné sa réponse, car il est vrai que la tendance est à la suppression des arrêts. Cependant, l'idée n'est pas abandonnée et reste en discussion. Il a aussi été question de l'aménagement d'une voie ferrée entre Differdange et Käerjeng. Ce serait un pas énorme en direction de la mobilité douce.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à une modification du PAP Mathendahl 2, 3, 4 et 5.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) constate qu'il s'agit de la quatrième modification de ce PAP, mais c'est normal compte tenu de son ampleur.

La modification touche 42 lots. Le niveau passe de 40 cm à 1,6 m. En effet, il faut s'adapter au relief et se connecter de manière efficace aux infrastructures comme les bassins de rétention.

À cause de la différence de niveau, la structure des logements change sur certains lots. Plusieurs maisons de demi-niveau deviennent des maisons de plain-pied, par exemple. Les gabarits sont aussi adaptés. Des murs de soutènement entre les lots permettent de com-

An ech mengen, och wann de Bauterain rar ass, a bei eis ass dat jo esou, muss ee kucken, dass een de Leit awer och eng gewësse Qualitéit ubitt. Soss schaaft een erëm Problemer fir d'Zukunft. An dat wëlle mer jo genau mat esou Projete vermeiden.

Ech bedauern natierlech och, dass déi ganz Saach nach ënner dem Pacte Logement 1.0 leeft, an dass da Saachen net méiglech sinn, déi mam Pacte Logement 2.0 méiglech wäeren. Mee dat huet dermat ze dinn, dass d'Promoteuren eeben da méi Profit maachen, wéi dat üblich ass an eiser Gesellschaft, an dass dann d'Gesetzer net gemaach ginn, esou wéi dat misst sinn.

Ech fannen et op alle Fall e ganz gudder Projet an ech wäert och derfir stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Liesch hat d'Wuert gefrot.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just nach kuerz op d'Mobilitéit agoen, op dat, wat den Här Ruckert elo gesot huet, dass dat net ganz richtig ass. Et huet e bësse geklongen, wéi wa mer elo hei de Leit géife Sand an d'Ae streeën, wann ee géif schwätze vun engem Arrêt. Dat ass et awer net. Well virun enger gudder Woch huet de Minister Bausch hei säin neie Plan national de la mobilité virgestallt. Wou jo grad op der Bieleesser Säit zwee Arrête verschwannen an duerch een eenzegen zentralen zu Bieles ersat gëtt.

A genau do hu mer déi heite Fro jo och gestallt gehat, ob dann awer deen Arrêt a Breitfeld nach ëmmer denkbar wär. Si hunn déi Iddi matgeholl. Si hunn eis elo nach keng Confirmatioun ginn, aus deem selwechten Argument, wéi Dir elo gesot hutt, well ee probéiert, vläicht manner Arrêten ze hunn an net schonn erëm en Arrêt bäizemaachen.

Mee d'Iddi ass awer net vum Dësch. Dat heescht, déi ass nach ëmmer à discuter, géif ech awer soen. An do ass jo och virgestallt ginn, dass dann effektiv Gleiser bäigebaut géifen, fir vun Déiferdeng direkt op Käerjeng ze kommen,

ouni mussen iwwer Péiteng ze fueren. Wat natierlech och e risége Schrëtt ass, wat déi duuss Mobilitéit ugeet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Da komme mer elo zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver le projet d'aménagement particulier au lieudit Op de breeden Dréischer II à Oberkorn, présenté par le collègue échevinal pour la compte de la société BEPE IMMO SARL.

Villmools merci. Da si mer beim zweete Punkt, dat ass eng Modification ponctuelle vum PAP Mathendahl 2, 3, 4 a 5 zu Nidderkuer. An ech géif d'Wuert direkt weider un den Här De Sousa ginn.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der an der Entête vun dësem Punkt liest, ass et ewell déi véiert Modifikatioun vun dësem PAP. Dat ass normal bei esou engem grouse PAP. Während der Exekutiounsphas ass dat üblich, datt Modifikatiounen virgeholl ginn.

Hei sinn insgesamt 42 Lote betraff, haaptsächlech ëm d'Erhéijung vum Niveau, dee vu 40 cm bis 1,60 m geet. Dëst ass, wéi ech scho virdru gesot hunn, well während den Exekutiounsphasen d'Niveauen adaptéiert musse ginn, fir sech un de Relief ze adaptéieren a fir sech besser un d'Infrastrukturen unzebannen, wéi zum Beispill hei oft ernimmt ginn ass, d'Retentionsbecken.

Ech ernimmen elo net déi eenzel Loten, déi dovunner betraff sinn. Awer duerch d'Verännerung vum Niveau ännert bei ville Loten d'Struktur vun de Wunnengen. Verschidden Haiser demi-niveau gi plain-pied a vice versa. D'Gabarite ginn en fonction dovunner adaptéiert.

2. PAG et PAP

Tëschent verschidde Loten, an hannendrun, si Stäipmauere virgesinn, fir den Niveausënnerscheed ze kompenséieren an de Buedem zrëckzehalen.

Aner Modifikatiounen, déi hei am Dossier ernimmt ginn, ass, datt e puer Haiser ee bis zwee Meter no hanne geréckelt ginn, soudatt d'Afaart an d'Garage vereinfacht gëtt.

Verschidde Lote si betraff, well d'Flächen änneren, mee de COS an de CUS änneren hei insgesamt net.

De Promoteur huet dann och d'Geometrie vun de Bausseraim e bësse geännert, soudatt verschidde Lote méi Flexibilitéit kréien, fir Plaz a Form vun den Terrassen ënner anerem ze bidden, ouni datt awer d'maximal Dichtungsfläch um Terrain geännert gëtt.

Dem Promoteur ass e klenge Feeler ënnerlaf am initiale PAP, dat ass de Lot R4, nämlech bei der maximaler Emprise a bei der maximaler Versigelungsfläch. Hien hat do d'Wärter geholl vun R1 bis R3, während awer de Lot R4 eng gréisser Baufläch huet. Hei schwätze mer vu 45 m². Awer d'Upassung vun dese Flächen huet keen Impakt op d'Gesamtrechnung vum COS. De Wäert vun der bebaubarer Fläch war richteg am initiale Schema.

D'Stützmaueren, déi och schonn ernimmt goufen, déi eng Héicht hu vu méi wéi engem Meter, wäerten aus Bëton sinn a mussen vun uewen oder vun ënnen mat Planze vegetéiert ginn, fir hir visuell Auswierkung ze reduzéieren. Sou gëtt dat och en integralen Deel vum Landschaftsbau.

Ech muss soen, de Rapport ass ganz detailléiert a gutt erkläert. Dofir muss een och deene Leit e Luef ausschwätzen. Ech hunn, mengen ech, alles zu deenen Haaptpunkte vun dieser Modification ponctuelle 4 hei gesot a géif Iech bidden, dese Punkt matzestëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Den zoustännege Schäffen huet alles tipptopp erkläert. Mir hunn eis dat och ugekuckt. Ech mengen, dat bleift net aus bei esou engem groussen Projet, wou esou vill Haiser gebaut ginn, dass do op eemol d'Terrainsverhältnisser vläicht net grad just de Pläng entsprechen, dat ass elo hei e bësse geschitt.

Et muss een och soen, souwäit ech dat verstanen hunn, ass och schonn de Kanalsystem fäerdeg. Do waren och e puer Problemer mat den Niveauen, fir do de Kanalschloss kënnen ze maachen. An et kann ee jo net elo erëm de Kanalsystem ëmänneren. Do waren och kleng Constrainten.

Mee ech sinn och Ärer Meenung, et ass e formidabelen also wierklech e ganz exquisiten Dossier dobäigeluecht ginn, wou ee ganz kloer gesäit, wat ännert, wou Surfacë bäikommen, wou Surfacen ewechgeholl ginn. An deen Equiliber, deen ass do wierklech ganz gutt erkläert. Soudass mer weider keng Objektionen hunn an dat kënnen esou stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech ka mech zum ganz groussen Deel ralliéieren. Den Här De Sousa huet erkläert, wat hei alles geännert gëtt. Am Dossier ass gutt argumentéiert, wéiso dat esou ass. Zum Beispill, dass eng Garage ee Meter no hanne gesat gëtt, respektiv verschidden Niveauen ugepasst ginn, dat ass immens gutt erkläert. Den Dossier ass wierklech ganz gutt.

Ech erlabe mer awer eng ganz kleng Kritik. Ech verstinn, dass bei esou engem groussen Projet Modifikatiounen kommen. Mir hunn awer hei schonn – dat hei ass elo déi véiert Modifikatioun, déi mer maachen an deem Quartier. Do muss ech awer soen, dat ass awer och net grad wéineg.

penser les différences de niveau. Quelques maisons seront reculées d'un ou deux mètres pour faciliter l'accès au garage. La surface de quelques lots évolue, mais le COS et le CUS ne changent pas. Le promoteur a modifié l'aménagement des espaces extérieurs pour rendre les lots plus flexibles et faciliter la construction des terrasses.

Le promoteur a commis une erreur dans le PAP initial concernant le lot R4. Ce lot a en effet une surface constructible plus élevée que les lots R1 à R3. Il est question de 45 m². L'impact sur le COS est nul. Les murs de soutènement d'un mètre de hauteur sont en béton. Ils seront végétalisés.

Pour Paulo De Sousa, le rapport est clair et détaillé. Il remercie ceux qui l'ont préparé. Il demande au conseil communal d'approuver ce point.

ERNY MULLER (LSAP) estime qu'il est normal que dans un projet aussi grand, la situation sur le terrain ne corresponde pas entièrement à ce qui est prévu dans les plans.

Il croit se souvenir que les canalisations sont terminées. Il y a eu des problèmes concernant les niveaux. Le promoteur ne peut pas modifier les canalisations. Il existe donc des contraintes.

Erny Muller trouve ce dossier formidable. Il explique clairement ce qui change. L'équilibre est excellent. Les socialistes n'ont aucune objection.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) estime que monsieur De Sousa a expliqué tous les changements. Un garage sera reculé d'un mètre. Quelques niveaux sont adaptés. Le dossier est très bon.

Georges Liesch a malgré tout une petite critique. Il comprend que des modifications sont nécessaires dans le cas de projets aussi vastes. Mais il s'agit tout de même de la quatrième modification de ce PAP. Ce n'est pas rien.

3. Cours de langues pour adultes

Il est probable que le projet initial a été élaboré un peu rapidement. En tout cas, les adaptations sont pertinentes. Les écologistes approuveront le PAP.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au point 3, les cours de langues. Elle remercie madame Brandenburger pour le dossier précis qu'elle a introduit.

En 2021-2022, la commune a tenu 16 cours de luxembourgeois, 4 cours de français et 1 cours d'anglais.

La pandémie a joué un rôle dans le fait que peu de gens ont terminé les cours en présentiel. Cent-quatre-vingt-trois certificats seront remis pour 2021-2022. La cérémonie aura lieu lundi prochain en présence de monsieur Ulveling. Les cours sont tenus par des gens ayant obtenu l'agrément du MENJE.

Pour obtenir le certificat, il faut avoir assisté à 70 % des cours.

Deux personnes ont reçu le certificat d'anglais, vingt-six le certificat de français et cent-cinquante-cinq le certificat de luxembourgeois.

Christiane Brassel-Rausch estime que les cours du soir sont bien organisés.

Pour l'organisation 2022-2023, la commune a organisé un sondage en ligne. Les participants ont demandé un cours d'italien en ligne pour débutants, un cours d'espagnol en ligne et en présentiel et un cours de portugais en ligne et en présentiel. Ces cours seront organisés si suffisamment de personnes s'y inscrivent. Ensuite, il faudra trouver des enseignants ayant un agrément, mais il y a pénurie.

Les autres cours prévus sont l'anglais, le français et le luxembourgeois.

Christiane Brassel-Rausch précise que dix personnes au moins doivent s'inscrire correctement à un cours. Elles doivent payer la facture dans les délais.

Les cours de luxembourgeois en ligne ont lieu le matin et le soir. Vingt-quatre participants sont prévus au maximum.

Also ech fannen, do war vläicht den initiale Projet e bësse schnell oder net esou detailléiert ausgeschafft ginn, wéi et hätt misse sinn. Mee bon, dat, wat hei ugepasst gött, mécht alles Sënn. Do-fir ass et kee Problem, fir dat ze stëmmen. Maache mer dat. Dat ass jo keng Affär.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Et gött keng weider Wuertmeldung méi, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle IV du plan d'aménagement particulier au lieudit Mathendahl 2, 3, 4 & 5 à Niederkorn, présentée par le collègue échevinal pour le compte de la société Integra Investment SA.

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 3, do geet et ëm d'Owescoursen. Fir d'alleréisch wëll ech der Madamm Brandenburger Merci soe fir dee prezisen a kompletten Dossier, dee se eraginn huet. Do ass op enger Säit e Réckbléck op d'Joer 2021/2022. Do hate mer 16 Lëtzebuergeschcoursen, véier Franséischcoursen an een Engleschcoursen.

Allgemeng ass hir Bemierkung, dass och hei d'Pandemie sou munches duercherneegehäit huet, wéineg Leit en présentiel ofgeschloss hu wéinst der Quarantine, wéinst hei a wéinst do. 2021/2022 sinn am Ganzen 183 Certificate verdeelt ginn – oder besser: Si ginn nächste Méindeg verdeelt, en présence vum Här Ulveling, well ech leider net wäert do kënnen sinn. Déi Certificaten, dat ass wichteg, déi sinn offiziell, vum MENJE hunn déi Leit en Agreement kritt, fir déi Coursen ze halen.

Dir wësst, wann ee 70 % vum Cours present war, da kritt een e Certificat. D'Certificate verdeele sech esou: Englesch hunn der zwee ee kritt. Franséisch hu 26 Leit ee kritt oder kréien en. Am Lëtzebuergesche sinn et 155 Leit, déi e Certificat kritt hunn. Dat ergëtt en To-

tal vun 183. Wat net schlecht ass. Ech mengen, eis Owescoursé si wierklech gutt organiséiert.

Wa mer eis d'Organisatioun vun 2022/2023 ukucken, wësst Der – Dir hutt et vläicht matkritt, Dir hutt och vläicht selwer drun deelgeholl –, dass am Virfeld e Sondage gemaach ginn ass op eise Sitten. Deen ass gelaf vum 22. Mäerz 2022 bis den 20. Abrëll, fir ze kucken, wat d'Leit géife froen an u wat fir enger Sprooch se interesséiert wäeren.

Als Resultat ass erauskomm, dass mer en Italieeneschcours online fir Ufänger ubidden, dass mer ee Spueneschcours online fir Ufänger ubidden, dass mer awer och e Spueneschcours en présentiel wäerten ubidden. Mir wäerten ee Portugiseschcours online ubidden an och e Portugiseschcours en présentiel ubidden.

D'Konditiounen si ganz kloer definéiert. Et musse genuch Préinscriptiounen am Juli-August do sinn, fir iwwerhaupt esou e Cours unzefänken. D'Leit musse bezuelt hunn an deem Delai, soss gött d'Inscriptioun net consideréiert.

A virun allem – dat ass elo méi e schwierige Problem –, mir mussen Enseignanté fannen, déi en Agreement hunn, fir dee Cours kënnen ze halen. Wéi ech d'Madamm Brandenburger verstanen hunn, fänke mer méttlerweil do un, Problemer ze kréien, well net méi genuch Leit en Agreement hunn. Dat heescht, da ginn déi Coursen net unerkannt.

Nieft deenen neien, déi ech elo opgezielt hunn, Spuenesch, Portugisesch, Italieenesch, sinn da souzesoe klassesch Coursen dobäi, dat ass Englesch am Presentiel fir Debutanten, véiermol Franséisch am Presentiel a 16-mol Lëtzebuergeschcoursen. Vun deene wäerten der zwoelf online sinn a véier am Presentiel.

Ech hunn Iech et gesot, et mussen op d'mannst zéng Leit korrekt ageschriwwen sinn. Korrekt ageschriwwen, dat heescht, déi mussen hir Rechnung bezuelt hunn am Delai, fir dass de Cours iwwerhaupt wäert organiséiert ginn.

Déi Online-Lëtzebuergeschcoursé si souwuel moies wéi owes. Fir all

3. Cours de langues pour adultes

Cours – souwuel presentiel wéi online – ass e Maximum vu 24 Participantë virgesinn. A sollten erëm Restriktiounen kommen, wat kee weess, elo am Hierscht oder am Wanter, an de Presentiel sollt an den Online erëm transforméiert ginn, dann ass et wichteg ze soen, dass et keng Obligatioun fir de Remboursement gëtt. Dat heescht, d'Leit si gehalen, sech esou virzebereeden, dass se kënnen online matfunktionéieren.

All d'Detailer fannt Der an der Broschür fir d'Sproochecoursen oder op differdange.lu. Et ass ëmmer erëm wichteg, op dee Site ze verweisen, wa Leit eis nolauschteren, dass dat e Reflex gëtt, fir op eise Site ze goen.

Ech wëll dem Här Gérard Zens villmools Merci soen, dem Direkter vum EIDE, well de Presentiel huet exklusiv an de Raimlechkeete vum EIDE stattfonnt. Schéin, dass mer Raim kënnen notzen, déi owes eidel stinn.

D'Coursë wäerten ulafen November 2022 a wäerte goe bis Abrëll/Mee 2023. Et sinn 20 Seancen à deux heures, dat heescht 120 Minutten.

Wat ech schonn ugeschwat hunn, de Problème de recrutement fir eis Enseignantë fir d'Owescoursen, deen Delai hu mer elo schonn ëm ee Mount verlängert op eisem Site, well sech net genuch Leit gemellt hunn.

Dat wier alles, wat ech zu dozou ze soen hätt. Ech soen der Madamm Brandenburger nach eng Kéier villmools Merci fir hiert Engagement.

Elo hu sech dräi Leit gläichzäiteg zu Wuert gemellt. Den Här Hobscheit war deen Éischten. Här Hobscheit, wannechgelift.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hätt zwar elo gären der Madamm Wohl de Virtrëtt gelooss, mee da fänken ech un.

Sproochecoursë fir Erwuessener sinn aus ville Grënn immens wichteg. Fir d'éischt emol ass d'Sprooch en Integrationsfaktor. Déi 155 Leit, déi am leschte Joer hei zu Déifferdeng een Zer-

tifikat am Lëtzebuergesche kritt hunn, sinn dee beschte Beweis dofir, dass den Interessi un eiser Sprooch, anescht wéi vu munch Rietspopulist dobause behaapt gëtt, grouss ass. An dat ass och gutt esou.

Ech hunn an de leschte Joren e puermol bedauert, dass, ofgesi vun de sëllege Lëtzebuergeschcoursen, d'Offer e bësse moer ass. Ëmsou méi frou sinn ech, dass dee Sondage realiséiert gouf, an dass opgrond vun dëser Ëmfro nei Coursen ugebuede wäerte ginn. Ech hoffen dann och, dass genuch Leit sech wäerte fir dës Coursë mellen, fir dass se och reell wäerte kënnen stattfannen.

Ee Wuert zu deene sëllegen Onlinecoursen. Dat ass e Konzept, wat vläicht duerch Corona e bëssen aus der Nout gebuer ginn ass, wat sech awer op laang Dauer wäert etabléieren, well et gewësse Virdeeler zum presentielle Cours mat sech bréngt, virun allem fir Leit, déi beruffstäteg sinn an trotzdeem esou e Cours wëlle matmaachen. Et gewënnt een einfach Zäit.

Natierlech huet e presentielle Cours och seng Virdeeler, well een am Klassensall eng ganz aner Dynamik am Grupp huet, wéi an enger Webex-Videokonferenz. Béd Forme vu Cours wäerte sech awer op laang Dauer etabléieren. An ech mengen, dass dat och gutt esou ass.

Wat vläicht wichteg ass ze kucken, wa Leit sech an e presentielle Cours umellen, deen aus deem engen oder anere Grond da muss op e Webex Cours geswicht ginn, dass déi Leit egal wéi och d'Méiglechkeet kréien, fir u sou engem Cours deelzehuelen. Et ka jo sinn, dass deen een oder anere vläicht net déi technesch Moyenen zur Verfügung huet, fir un esou engem Webex Cours deelzehuelen. Da wär et schued wann, pandemiebedéngt zum Beispill, e Cours vu presentiel op Webex misst geswicht ginn, dass da Leit aus de Course missten ecartéiert ginn, well se d'Méiglechkeet net hunn un esou enger Videokonferenz deelzehuelen.

Et bleift och nach ee grouse Problem, dee gouf schonn ugeschwat, dat ass de Problem vun de Leit, déi dës Coursen halen. Mir fanne keng Chargéen. Dat ass bekannt. Fir déi Coursen ze hale brauch ee gutt forméiert Personal. An am Moment si mer an der Situatioun, dass déi Leit, déi den Zertifikat fir Lët-

En outre, personne ne sait si en automne ou en hiver, les cours en présentiel ne vont pas devenir des cours en ligne. Si tel est le cas, la commune n'est pas tenue de rembourser les étudiants. Ceux-ci doivent être capables de suivre des cours en ligne.

Les détails figurent dans la brochure et sur differdange.lu.

Christiane Brassel-Rausch remercie monsieur Gérard Zens, le directeur de l'EIDE, car les cours ont eu lieu dans cette école.

Les prochains cours commenceront en novembre 2022 et se poursuivront jusqu'en mai 2023. Chaque cours se compose de vingt séances de deux heures.

La commune rencontre des problèmes de recrutement d'enseignants. Le délai a été prolongé d'un mois.

Christiane Brassel-Rausch remercie à nouveau madame Brandenburger pour son engagement.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) trouve les cours de langues pour adultes très importants. La langue est un facteur d'intégration. Les 155 personnes ayant obtenu un certificat en luxembourgeois démontrent que l'intérêt pour la langue du pays est grand. C'est une bonne chose.

Pierre Hobscheit trouvait que l'offre était restreinte. Il se réjouit donc de la tenue d'un sondage. Il espère que suffisamment de gens s'inscriront aux nouveaux cours.

Les cours en ligne se sont imposés pendant la pandémie. Mais ils vont s'établir dans la durée, car ils offrent des avantages pour les gens qui travaillent. On gagne du temps.

Les cours en présentiel sont, quant à eux, plus dynamiques. Pierre Hobscheit pense que les deux vont subsister.

Le conseiller communal revient sur la question des cours en présentiel pouvant se transformer en cours en ligne. Il serait dommage d'écarter des étudiants parce qu'ils n'ont pas accès à Webex et ne peuvent pas assister aux cours par vidéoconférence.

Pour ce qui est des chargés de cours, il est difficile d'en trouver. Le personnel doit être formé. Actuellement, pour obtenir un agrément, il faut disposer du Zertifikat fir Lët-

3. Cours de langues pour adultes

zebuerger Sprooch a Kultur, le ZLSK. Ces enseignants doivent ensuite être disposés à venir enseigner à Differdange.

Pierre Hobscheit trouve qu'il faudrait revoir cette procédure ensemble avec le ministère de l'Éducation nationale. Ne pourrait-on pas orienter des professeurs de luxembourgeois qui ne veulent pas travailler dans un lycée vers les communes? Car actuellement, ils finissent tous à l'INL, qui n'est pourtant qu'un acteur parmi d'autres de l'enseignement pour les adultes. Le ministère de l'Éducation nationale ferait bien de développer de nouveaux modèles permettant aux enseignants motivés de tenir des cours dans les communes.

Pierre Hobscheit remercie tous ceux ayant élaboré le document ou tenant les cours. Les socialistes approuveront l'organisation.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) s'associe à ce que vient de dire monsieur Hobscheit. Elle aussi souhaitait une offre élargie. Elle est donc contente que des cours d'espagnol, de portugais et d'italien soient au programme. Le sondage réalisé en mars et avril a montré que l'intérêt est là. Nicole Wohl remercie tous ceux ayant participé au sondage et elle espère qu'ils s'inscriront aux cours.

Elle a eu l'occasion de suivre des cours en présentiel et partiellement aussi en ligne. Elle comprend parfaitement que la commune propose des cours en ligne, car cela permet aux gens de ne pas devoir prendre la voiture. Elle salue donc la tenue de cours en ligne dès que cela est nécessaire.

Actuellement, beaucoup de personnes sont atteintes de la COVID-19. En automne, cela risque d'être pire. Il faut se montrer proactif pour permettre à chacun de compléter les cours.

Nicole Wohl remercie madame Brandenburger pour le dossier.

Elle regrette comme l'année dernière le manque de cours de conversation en langues étrangères. Car beaucoup d'anciens étudiants n'utilisent pas la langue qu'ils ont apprise par manque d'opportunités ou de confiance. Nicole Wohl ne

zebuerger Sprooch a Kultur, den ZLSK, gepackt hunn, den Agreement kënne kréien. Mee da muss een natierlech och als Gemeng nach Leit fannen, déi bereet si bei eis schaffen ze kommen an déi Coursen ze halen.

Hei misst een, mengen ech, zesumme mam Educatiounsministère eng Kéier iwwer nei Weeër diskutéieren a vläicht ëmdenken an där ganzer Prozedur. Firwat net Leit, déi de Profefconcourse am Lëtzebuergesche maachen a sech géint eng Karriär an engem Lycée entscheiden, bei eng Gemeng oder ee Grupp vu Gemengen orientéieren?

Bis elo ass et esou, dass Leit, déi sech géint eng Karriär am Lycée entscheiden, automatesch am INL landen. Dobäi ass den INL an der Erwuessenebildung am Lëtzebuergesche jo awer just ee vu villen Acteuren an d'Gemenge spillen hei eng ganz, ganz wichteg Roll.

Ech mengen hei wär et um Educatiounsministère sech eng Kéier Gedanken ze maachen ob een do net nei Modeller kéint entwéckelen, fir dass och Leit, déi motivéiert si fir an der Erwuessebildung ze schaffen, vläicht fir eng Gemeng kënne schaffen an net automatesch bei den INL musse goen.

Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer zum Schluss allen Acteuren, déi un dësem Dokument matgeschafft hunn, d'nämmlecht wéi all deene Leit, déi dës Coursen halen, am Numm vun der LSAP e grouse Merci auszesprechen. Mir droen dës Organisatioun vun de Coursen natierlech mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Moien alleguerten. D'Madamm Buergermeeschter huet den Dossier ganz extensiv presentéiert, woufir ech Merci soen. Ech schlësse mech awer och dem Här Hobscheit senge Wiederer un. D'lescht Joer hat ech zu dësem Punkt scho bemierkt, dass ech mer méi eng grouse Offer u Sproochecourse géif wënschen. An ech sinn och elo frou, dass, ausser Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch, dës Kéier

nees Portugisesch Spuenesch an Italieesch um Programm steet.

Ech si jo net dat eenzegt, wat dat esou gesäit, well et ass jo ee Sondage Mäerz/Abrëll gemaach ginn, an do gesäit een, wéi en Interêt d'Bierger hunn. Doropshin ass d'Offer vergréissert ginn.

Ech soen all deene Leit Merci, déi sech um Sondage bedeelegt hunn an ech hoffen, dass si an och aner Leit sech dann och wäerten aschreiwten.

Et wäerten eng Rei Onlinecoursé ginn. Wat natierlech en Deel vun den Echangé verhënnert. Ech kennen dat. Ech hu selwer an deene leschte véier Joer d'Geleeënheet gehat, e Sproochecours ze maachen am Presentiel – leider fir mech och deelweis online, wat natierlech duerch d'Situatioun bedéngt war. Ech kann awer absolutt novollzéien, dass Onlinecoursen ugebuede ginn. Verschidde Leit arrangéiert et jo och, eventuell kann een esou Sprit spueren, wann een net ze Fouss oder mam Vëlo an de Cours kënnt oder ka kommen.

Ech begrëissen, dass alles virgesinn ass, fir all d'Coursen online ze maachen, de Fall gesat, dass et néideg wär.

Mer gesinn, dass am Moment vill Leit nees Covid-19-positiv sinn. D'Donkeltziffer ass natierlech vill méi héich. Am Hierscht riskéiert dat natierlech méi eng grouse Roll ze spillen. Et kann een also soen, dass proaktiv geschafft ginn ass, fir dass e Maximum Leit d'Geleeënheet wäerten hunn, de Cours ofzeschlëssen.

Ech soen der Madamm Brandenburger Merci fir d'Opstellung vun dësem Dossier.

Vermëssen dinn ech awer nach ëmmer, wat ech schonn d'lescht Joer gesot hunn, dass een och Konversatiounscoursen a Friemsprooché géif ubidden. Et ass esou, dass vill Leit an der Schoul oder an Owescourse Course gemaach hunn, elo awer net schwätzen, sief et well se sech dat net trauen oder d'Geleeënheet net gehat hunn.

Vläicht wier et eng Iddi, dat an enger Sprooch zum Beispill unzebidden. Mer müssen dat jo net gläich an all de Sprooché maachen. Ech denken un Englesch, mee natierlech och op Portu-

3. Cours de langues pour adultes

gisesch, Spuenesch oder Italieenesch. Vlächicht kéint een och doriwwer e Sondage maachen. Ech wier frou, wann de Schäfferot dat géif mat op de Wee huelen.

Déi gréng stëmmen dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Häre Schäfferot, Kolleegeen a Kolleegeen, fir d'éischt emol wollt ech der Madamm Brandenburger, wéi meng Virgänger och, Merci soe fir d'Schoulorganisatioun, déi wéi ëmmer iwwersichtlech presentéiert ass.

Aus der Schoulorganisatioun geet ervir, datt d'Madamm Brandenburger am Laf vum Joer 2023 an d'Pensioun geet, deemno an den nächste Méint ersat muss ginn.

D'Demokratesch Partei hätt e puer Froen zum Thema: Wéi leeft déi Transitioun an der Praxis of? Hu scho Leit hir Kandidatur fir e Posten als Lëtzebuergereschenseignante gestallt als Reaktioun op eis Annoncen, déi jo op enge sëllege Plaze publizéiert goufen? Ass scho gewosst, wéi et mat der Büroaarbecht, déi si gemaach huet, weidergeet? An och no hirem Depart e Responsabele fir de Volet Cours de langues pour adultes ernannt gëtt.

Et ass scho vill gesot ginn. Am Fong geholl ass et schued, dass déi vill Schüler wéinst Coronamesuren oder wéinst Krankheet net am Presentiel Coursen ofgehalen hunn. Ech hoffen, datt mam neie Schouljoer méi Schüler hire Cours fäerdeg maachen an e Certificat kréien.

Wat d'Offer vun de Coursë fir d'Schouljoer 2022/2023 ugeet, begrëissen ech, datt unhand vun de Resultater vum Sondage, deen d'Gemeng organiséiert huet, testweis zousätzlech Sproochen ugebuede ginn. Ech wëll se net nach eng Kéier widderhuelen. Dës sinn alleguerten Onlinecoursen. Et ass

natierlech och ze hoffen, dass sech genuch Leit dofir aschreiwen.

Wéi scho gesot, all Coursen am Presentiel ginn an der EIDE ofgehalen. A wéi all déi Jore virdu mussen d'Enseignanten och erëm en Agreement ministériel hunn. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. A mir wäerten dëse Punkt stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Madamm Buergermeeschter, léif alleguer, et ass scho villes gesot. Ech versichen, elo net nach eng Kéier alles ze widderhuelen. Am Numm vun der Déifferdenger CSV wëlle mer der Madamm Brandenburger, déi heirunner geschafft huet, villmools Merci soen.

Mir si ganz zefridden, wéi dëst ugeduecht ass. Fir déi lescht Sproochecoursen, wou mer hei gestëmmt hunn, gouf op dëser Plaz vun ons e bësse bemängelt – ech mengen, dat ass elo scho fir d'Drëtt gesot ginn –, datt nieft der klasescher Offer vu Lëtzebuergeresch, Franséisch an Englesch ee weider Sprooche géif vermëssen an een de Programm sollt erweideren.

Dëst sinn déi Responsabel flott ugaangen, andeems si am Virfeld e Sondage gemaach hunn, wou dann erauskoum, datt d'Leit effektiv un Italieenesch-, Portugisesch- a Spueneschcoursen interesséiert sinn, soudatt déi hei am Programm och elo virgesi sinn.

Natierlech virausgesat et melle sech duerno och genuch Leit, also mindestens zéng pro Cours. An natierlech brauche mer och Enseignanten, wat an de leschte Jore schonn ëmmer en Thema war, datt et Schwierigkeete gëtt fir der ze fannen, déi déi Course kënnen halen.

Zum Presentiel an zum Onlinecours gouf och scho vill gesot. Ech denken, eng Sprooch léiert sech warscheinlech besser am Presentiel, soss kann een och einfach en Tutorial vu YouTube erflieden. Mee natierlech ass et awer

demande pas que des cours de conversation soient proposés dans toutes les langues. Mais la commune pourrait organiser un sondage.

Les écologistes approuveront l'organisation.

CHRISTIANE SAEUL (DP) remercie à son tour madame Brandenburger pour la présentation claire de l'organisation scolaire.

Madame Brandenburger prendra sa retraite en 2023 et devra être remplacée. Comment la transition va-t-elle se passer? Des candidatures ont-elles été envoyées à la suite des annonces publiées pour les enseignants de luxembourgeois? Qui s'occupera du travail administratif? Le collège échevinal sait-il qui la remplacera?

Christiane Saeul regrette que de nombreux cours n'aient pas pu être tenus en présentiel à cause de la pandémie. Elle espère que plus d'étudiants compléteront leurs cours l'année prochaine.

La conseillère communale salue l'organisation de nouveaux cours. Elle espère que les gens en profiteront.

Les cours en présentiel sont tenus à l'EIDE. Les enseignants doivent disposer de l'agrément ministériel. Le DP approuvera l'organisation.

JERRY HARTUNG (CSV) ne va pas répéter tout ce qui a été dit.

Il remercie madame Brandenburger.

L'année dernière, il avait regretté que la commune ne propose que des cours traditionnels comme le luxembourgeois, le français et l'anglais. Le programme a été élargi cette année à la suite d'un sondage.

Les gens souhaitent des cours d'italien, de portugais et d'espagnol. Bien entendu, il faudra que suffisamment d'étudiants s'inscrivent aux cours et que la commune trouve des enseignants, ce qui a été difficile ces dernières années.

Pour ce qui est des cours en présentiel ou en ligne, Jerry Hartung imagine qu'il est plus facile d'apprendre une langue en présentiel. Autrement, il suffirait de télécharger un tutoriel sur YouTube. D'un autre côté, il s'agit d'une bonne solution pour ceux qui tra-

3. Cours de langues pour adultes

vailent qui n'ont pas le temps de se déplacer.

Dans l'ensemble, l'offre est chouette et peut satisfaire ceux qui ont besoin d'apprendre une langue professionnellement, ceux qui veulent obtenir la nationalité luxembourgeoise et ceux qui s'intéressent aux langues. Les chrétiens sociaux approuveront l'organisation.

Jerry Hartung tient cependant à signaler que l'association Reech eng Hand, qui s'engage pour les réfugiés, propose des cours de luxembourgeois à Differdange. L'enseignante est reconnue par le ministère de l'Éducation. Les cours sont gratuits. Le budget de l'association pour les cours se monte à 400 €, ce qui n'est pas rien pour des bénévoles. C'est pourquoi Jerry Hartung voudrait savoir si la commune peut les aider à acheter le matériel nécessaire. Les cours visent une cible particulière.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

rappelle que le service à l'égalité des chances organise un Café des femmes ou celles-ci peuvent s'entretenir en différentes langues. Par ailleurs, il est difficile de proposer des cours supplémentaires quand on ne trouve pas d'enseignants.

Ceux qui sont intéressés par le Café des femmes peuvent s'adresser au service à l'égalité des chances. Qui sait, peut-être qu'un jour, il y aura aussi un Café des hommes.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)

en avait discuté avec l'échevin à l'égalité des chances et elle se dit contente que ce projet ait été réalisé. Mais comme il est limité aux femmes, on ne peut pas parler d'égalité des chances. Il faudra développer le concept.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

confirme que madame Brandenburger partira à la retraite l'année prochaine et que la commune cherche son remplaçant. Les candidatures ne sont pas nombreuses.

Il est possible qu'à ce moment-là, la structure soit modifiée et que les cours de langues soient rattachés à un service.

(Vote)

eng gutt Alternativ fir Leit, déi effektiv berufstäteg sinn an net déi Zäit hunn, fir sech dann ëmmer ze deplacieren.

Alles an allem eng flott Offer, déi souwuel d'Leit usprécht, déi Sproochecoursë brauchen, fir um Niveau vun hirer Aarbecht weiderzecommen oder fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. An elo dann och fir Leit, déi aus eegem Interesse sech einfach wëlle sproochlech weiderentwéckelen.

D'CSV stëmmt dës Organisatioun esou mat. Da wollt ech awer just nach op eppes hiweisen, wat ech matkrut, wou mer op der Generalversammlung vun der Associatioun „Reech eng Hand“ waren, eng Associatioun, déi sech jo am Benevolat fir Flüchtlingen zu Déifferdeng asetzt.

Si bidden och Lëtzebuergercoursë fir hir Refugiéen un iwwer eng brevetéiert Enseignante hei zu Déifferdeng. An et ass och unerkannt vum Ministère de l'Éducation. Dëst ass gratis fir déi Leit, vu datt d'Enseignante dat éierenamtlech ausüübt an deemno hu si och just minimal Ausgabe fir d'Material. An hirem Budget hate se ronn 400 Euro stoen. Fir si awer net näischt, vu datt d'Associatioun sech haaptsächlech iwwer Donen an Aktivitéite finanzéiert.

Hei d'Fro, ob een als Gemeng hinnen dëst Material kéint stellen, well dës Initiativ ass jo änlech am Sënn vun eise Sproochecoursen an der Integratioun. Leider kann ee se net an de Programm ophuelen, well si hir Coursë jo net ausschreiwen, mee geziilt fir hir Zilpopulatioun organiséieren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Ech wëll nach eng Kéier ganz kloer soen, par rapport, zu der Madamm Wohl mat de Sproochecoursen, mam Austausch, dass eise Service à l'Égalité des chances schonn eng Initiativ ergraff huet an deen heescht Café des femmes. Wou reegelméisseg Seancë stattfannen, wou Frae sech treffen, déi kënne mëndlechen Austausch a verschiddene Sproochen un. Dat kann ee vläicht nach besser publizéieren, mee et gëtt et schonn.

De Recrutement ass e Problem. A soulaang mer keng Leit hunn, déi et kënne maachen, ass et schwéier, esou e Cours unzebidden, elo als Gemeng am Kader vun de Sproochecoursen. Mee d'Initiativ gëtt et schonn hei an der Gemeng. Ech gi se weider: Café des femmes. Adresséiert Iech un eise Service à l'Égalité des chances. Vlächicht maache mer och ee Café des hommes, kucke mer mol, fir gendergerecht ze sinn. Dir kënnt jo eng Petitioun eraginn. Mee wéi gesot, d'Initiativ gëtt et hei schonn an der Gemeng.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Jo, effektiv. Ech hat mech schonn eng Kéier mat dem Schäffen, dee fir d'Égalité des chances responsabel ass, getraff, fir dat ze proposéieren. Ech sinn och frou, dass dat gemaach gëtt, mee effektiv just e Café des femmes. Domadder hunn ech dann awer e Problem, well Egalité des chances ass dat dann net. An ech hoffen, dass mer dat dann nach weider ausbaue kënnen a vlächicht och e Mix maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Ech war mer net sécher, ob ech et sollt soen, mee d' Madamm Brandenburger wäert d'nächst Joer an d'Pensioun goen a mir si scho mam Service mam Recrutement amgaangen, fir ze kucken, eng Damm oder en Här ze fannen, deen d'Relève vun der Madamm Brandenburger iwerhëlt.

Et ass net evident. Et hu sech bis elo nach net vill Leit gemellt. Ech wollt dat just einfach als Informatioun weiderginn. Dass Der wësst, dass do dann och e Changement wäert kommen. Ech wollt et le moment venu soen, mee elo wësst Der et. Da sidd Der virgewart. Dee Rekrutement leeft, fir d'Madamm Brandenburger ze ersetzen.

An da wäerte mer och vlächicht aneschters strukturéieren, dass se un de Service ugedockt gëtt. Dat alles si mer amgaangen ze kucken, wéi mer dat wäerte gestalten. Villmools merci.

4. Convention collective de travail

An da géife mer elo zum Vott kommen, wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation des cours de langues pour adultes pour l'année scolaire 2022-2023.

Villmoos merci. Mir si beim Punkt 4, do geet et ëm eise Kollektivvertrag, dee geet vum 1.1.2019 bis den 31.12.2021. Mir si mëttlerweil Juni 2022. Heizou gouf och den 19.1.2022 de Protocole d'accord vum Gemengerot guttgeheescht, nodeems Enn 2021 endlech en Accord fonnt gouf, fir e Vertrag, deen dee Moment schonn erëm ausgelaf war.

Ech mengen, et mécht elo kee Sënn, hei nach eng Kéier an den Detail vum Accord anzegoen, well dat Dokument, wat mer elo haut um Ordre du jour hunn a wat do steet, ass näischt anescht wéi dee restrukturierte Gesamttext vum ganze Kollektivvertrag vum 1.1.2019 bis den 31.12.2021.

Mam Accord vun Enn 2021 war et néideg ginn, dee ganzen Text erëm e bëssen ëmzestrukturieren. Et hu missen nei Numerotatione gemaach ginn an Artikelen hu geännert. Et ass éischer eng Formsach, wat mer elo hei stëmmen.

Dir wësst jo, am Moment lafen och d' Verhandlungen – als Buergermeeschter léiert Der ëmmer bäi – fir déi nei Revendicatione fir den aktuelle Vertrag. Fir do sou séier wéi méiglech en Accord ze fannen. Mir probieren, fir dee virun der Sommervakanz stoen ze hunn. Dat ass op d'mannst d'Zil an de Wëlle vun de Leit, fir deen neien Accord virum 15. Juli ze hunn. Ech hoffen, dass mer et fäerdegbréngen, mee dat ass op jiddwer Fall de Wonsch vu ville Leit an deene Verhandlungen.

Wéi gesot, et ass éischer eng Formsach wéi elo eng inhaltlech Saach. Villmoos merci.

Här Weirich, wannechgelift.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech ginn och net méi an den Detail vum Accord an. Dat hate mer effektiv am Januar scho beschwat. Erlaabt mer awer, een, zwee Wuert dozou ze soen.

Ee Punkt ass, fir beim Thema ze bleiwen, Dir hutt gesot Gendergerechtekeet oder Égalité des chances oder d'Gläichstellung tëscht Mann a Fra. Wéi och ëmmer een et ausdrécke wëll, gouf mer vu Gewerkschaften zougedroen, dass et do en Handlungsbedarf gëtt an de Niveaue vun de Karriäre vun den Agents de nettoyage, vum Botzpersonal, wat haaptsächlech Botzfrae sinn. Dat heescht, dat ass d'Karriär A.d

Do gëtt et eng Fuerderung vun de Gewerkschaften an och vu verschiddenen Organisationen, zum Beispill vum nationale Fraerot, fir déi ze revaloriséieren an déi all an d'A3-Karriär ze setzen.

Et ass nämlech esou, dass haaptsächlech eebe Fraen an deenen A2-Karriären haut sinn, also Botzpersonal ass. An dass dat nach manner entlount gëtt wéi en Agent polyvalent am A3. Do ass zum Beispill d'Gemeng Beetebuerg, déi huet d'A2 eropgehewen op d'A3. An d'Fro un Iech wär, ob dat vläicht och eng Iwwerleeung wär fir eis A2-Karriären eropzehiewen op eng A3. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et kann een natierlech soen, et ass eng Formsach, dass mer dat elo definitiv unhuelen, well do da verschidde Paragrafen an Nummere anneren an esou weider an esou fort. Mee am Fong ass et méi wéi eng Formsach, well soulaang deen neie Kollektivvertrag net ofgeschloss ass, huet deen ale Kollektivvertrag seng Gültgekeet. Dat heescht, en huet se och iwwert den 31.12.2021 eraus. A wat ee muss bedauern, dass dat esou laang gedauert huet, dass mer elo hei eppes unhuelen, wou den Datum schonn ofgelaf ass praktesch.

Christiane Brassel-Rausch passe au contrat collectif du 1^{er} janvier 2019 au 31 décembre 2021. Un accord a finalement été trouvé fin 2021, mais le contrat est arrivé à échéance.

Pour Christiane Brassel-Rausch, il ne sert à rien de revenir sur les détails de l'accord, car le document n'est que la version restructurée du contrat collectif de 2019 à 2021.

Avec l'accord de fin 2021, il est devenu nécessaire de restructurer le texte — notamment changer la numérotation et modifier les articles.

Des négociations sont également en cours concernant le contrat actuel. L'objectif est de trouver un accord rapidement — idéalement avant les grandes vacances. La bourgmestre espère que ce sera possible.

Le vote d'aujourd'hui porte sur une question de forme.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) ne va pas non plus revenir sur les détails, mais discuter de certains points.

En ce qui concerne l'égalité des chances entre les hommes et les femmes, les syndicats estiment que des améliorations sont nécessaires dans les carrières des agents de nettoyage. Il s'agit de la carrière A. Les syndicats et le Conseil national des femmes demandent une revalorisation de leur carrière.

La plupart des agents de nettoyage dans la carrière A2 sont des femmes. Or elles sont moins rémunérées que les agents polyvalents de la carrière A3. C'est pourquoi la commune de Bettembourg les a reclassées en A3.

ALI RUCKERT (KPL) estime que l'on peut effectivement parler d'une question de forme, car le numéro de certains paragraphes évolue. Mais en réalité, sans nouveau contrat collectif, l'ancien contrat restait en vigueur au-delà du 31 décembre 2021. Ali Ruckert regrette qu'il ait fallu autant de temps pour trouver un accord.

4. Convention collective de travail

Pendant longtemps, les communes et les négociateurs ne voulaient pas tenir compte des revendications des syndicats.

Ils refusaient même d'appliquer certains points de l'accord sur la rémunération de la fonction publique datant de 2018.

Habituellement, des délais de ce genre existent uniquement dans l'économie privée, où certains patrons ne veulent en aucun cas augmenter le salaire des employés. Mais grâce à l'OGB-L, un contrat collectif progressiste a finalement été adopté. Le contrat collectif du Sud a d'ailleurs toujours été à la pointe du progrès social.

La bourgmestre espère que les négociations actuelles seront conclues avant l'été. Ali Ruckert n'en doutait pas parce qu'autrement, les négociations pourraient jouer un rôle dans la campagne électorale. Mais il faudra que les communes tiennent compte des revendications. Car certaines ne figurent pas dans le contrat actuel.

Il existe notamment des inégalités au sein des groupes de salaires. Par exemple, en ce qui concerne les femmes de ménage. Il faudra aussi renégocier les primes de permanence sans que le plan de travail empire. Car c'est ce que certaines communes recherchent. Et si tel devait être le cas, il se pourrait bien que les négociations durent très, très longtemps.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que le contrat collectif des communes a été signé par les deux parties. Il ne peut pas être modifié sans que les syndicats interviennent.

En ce qui concerne les femmes de ménage, les socialistes exigent depuis des années qu'elles soient rémunérées comme les ouvriers. Certaines communes le font d'ailleurs déjà. Cela n'a rien à voir avec le contrat collectif. C'est au collège échevinal d'apporter des réponses. Cette discussion doit être menée en interne par le conseil communal. Fred Bertinelli répète que les socialistes revendiquent depuis des années que les femmes de ménage et les ouvriers soient traités de la même façon.

Malheureusement, il n'en a pas été question lors des négociations sur

Wat awer drop zrécckzeféieren ass, dass d'Gemengen oder déi, déi d'Verhandlung gefouert hunn, d'Fuerderunge vun de Gewerkschafte ganz laang net zur Kenntnis geholl hunn. An nach vill méi schlëmm, dass se sech geweigert hunn, verschidde Punkte vum Gehälterofkommen vum ëffentlechen Déngscht vun 2018 ze erfëllen.

Also, wann een déi Delaie kuckt, déi hei sinn, da fënnt een dat just a Kollektivvertragsberäicher an der Privatwirtschaft. Wou et wierklech Patrone gëtt, déi de Lounofhängegen iwverhaapt näischt wëlle bäiginn. Mee hei muss een awer soen, dass schlussendlech awer ënner der fréierer Féierung vum OGB-L e ganze fortschrëttleche Kollektivvertrag ugehall ginn ass, sou wéi dee Südkollektivvertrag do nach ëmmer an der Vergaangenheet och am Fong un der Spëtzt vum Fortschrëtt am Sozialberäich stoung.

Mee et bleiwen natierlech nach eng ganz Rei Saachen, déi mussen diskutéiert ginn. An d'Madamm Buergermeeschtesch huet et gesot, et gëtt gehofft, dass dat bis de Summer ënner Dach a Fach ass. Ech verstinn dat och, wann dat d'Hoffnung ass vu ville Gemengen, well soss kéint dat jo wuel mol eng Roll am kommende Walkampf spilen.

Mee dann ass et awer och esou, dass d'Gemengen och deene berechtigte Fuerderungen, déi do stinn, och mussen entgéintkommen. Well mer wëssen och, dass eng Rei Fuerderungen, déi gestallt gi sinn, net erfëllt gi sinn an deem Kollektivvertrag, deen elo do ass.

Besounesch, dat ass elo hei schonn ugeschnidde ginn, déi Ongerechtekeiten, déi et an den ënneschte Loungruppen an deem Kollektivvertrag gëtt. An dat gëllt grad och fir d'Botzfraen.

Mee awer och d'Zoulage fir de Bereettschaftsdéngscht, zum Beispill, muss nei diskutéiert ginn. An et dierf net – an dat hunn d'Gewerkschafte scho bei deem hei Kollektivvertrag gesot –, et dierf net derzou kommen, dass den Aarbechtsplang, also de POT, dass dee verschlechtert gëtt.

Do ware Bestriewungen elo déi lescht dräi Joer vu gewësse Leit aus verschidene Gemengen, fir do Verschlechterte

runge virzehuelen. A wann natierlech bei deene Verhandlungen, déi elo stattfannen, drop gehale gëtt, dass Verschlechterunge kommen, ech mengen, da kéint et erëm eng Kéier derzou kommen, dass dat awer ganz, ganz laang géif daueren, bis een do zu engem Accord kéim. Ech hoffen, dass dat net de Fall ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Bertinelli, wannechgift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat Är Fro richteg verstanen, et war jo zum Accord vum leschte Kollektivvertrag vun de Gemengen, dee vun zwou Säiten ënnerschriwwen ginn ass. An Dir hutt jo do gesot, datt verschidden Ännerunge gemaach ginn, wat jo awer net de Fall war, well soss hätt jo d'Gewerkschaft sech hei gemellt.

Dat anert, wat gesot ginn ass iwver eis Botzfraen, ass eng Fuerderung, déi d'LSAP scho jorelaang mécht, datt eis Botzfraen d'selwecht behandelt gi wéi eis Aarbechter. Mee dat ass vu Gemeng zu Gemeng anescht. Verschidde Gemengen hunn dat schonn. Et ass eng Fro, déi déi heite Gemeng muss beäntwerten. Dat huet elo net direkt eppes mam Kollektivvertrag ze dinn, datt d'Gemengen dat schonn hunn, wou guer keen Ënnerscheid zwëschen dem Ouvrier an der Femme de ménage gemaach gëtt, wat bei eis nach ëmmer gemaach gëtt.

Dat ass fir mech eng Diskussioun, déi muss eng Kéier hei am Haus, also an deem Gemengerot, gefouert ginn. Dat ass eng Fuerderung vun der LSAP säit Joren.

Et ass e bësse schued, well mer och intervenéiert ware bei deem leschte Kollektivvertrag, datt dat e Punkt ass, dee matbehandelt misst ginn. Wat leider net de Wee bis dohinner gepackt huet. An dat ass eng Fuerderung, déi mir wäerte weider ëmmer erëm nach stellen, datt dat och geschwë geschitt. Datt do eng Gläichstellung kënn, datt et keen Ënnerscheid méi zwëschen engem Ou-

5. Actes et conventions

vrier an enger Femme de ménage gëtt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Erlaabt mer op e puer Saachen ze äntweren. Ech denken, déi Punkten, déi elo hei opgezielt gi sinn, dat si Sujete vun de Verhandlungen. Déi sinn net Sujet hei vun dësem Gremium, wéi wat wou verhandelt gëtt. An dann heescht et Süd, dann heescht et Kollektivvertrag. An da stellen ech mer awer ganz éierlech d'Fro: Wat heescht dee Kollektivvertrag, wann eenzel Gemengen ausschären aus dem Vertrag an eenzel fir sech Decisiounen huelen? Dat wëll ech awer ganz kloer gesot hunn.

An ech denken, bei den neie Verhandlung gëtt gekuckt, wat elo erauskënnt, an da gesi mer virun. D'Zil ass de 15. Juli, fir et net als politesch Base ze huelen, fir elo, wou mer an d'Wale ginn. Fir dass et do kee Sujet soll sinn.

Dat ass ganz kloer de Wëlle vun alleguer de Leit. Mee wéi d'Revendicatioune sinn a wéi d'Zousoe sinn, dat kann ech elo leider net am Viraus soen.

An elo géif ech dann zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le texte coordonné (version structurée) de la convention de travail pour les salariés des communes du Sud du 1^{er} janvier 2019 au 31 décembre 2021.

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 5a. Do geet et ëm zwou Parzellen, eng kleng an eng méi grouss. Den Terrain ass 53,76 a. Deen Terrain war am ale PAG am Bauperimeter an ass elo erausgeholl ginn an ass reklasséiert ginn. An et ass gesot ginn, well et awer eng grouss Fläch ass, mir géifen den Terrain kafen als Utilité publique. Dir hutt dat alles gelies. Et geet ëm 50.000 Euro. An d'Proprietären hu Recht, wann deen Terrain an deenen nächsten 20 Joer erëm sollt zrëck an de Bauperimeter geholl ginn, dass d'Leit dann indemniséiert gi par rapport zum Präis.

Et ass fir eng Utilité publique, also d'Gemeng hëlt e pour loisir. Méi hunn ech elo zu dësem Sujet näischt ze soen. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech hunn eng Fro. Et ass fir d'éischte Kéier, dass ech esou eppes héiere vun 20 Joer. Ass dat normalerweis esou? Ech hat bis elo mol ëmmer d'Wëssen, dass et 10 Joer wäeren. Kann een do drasetzen, wat ee wëll?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech géif d'Wuert un den Här Krecké ginn.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Am Code civil ass d'Verhältnis vun 20 Joer dra verankert. An 20 Joer hu mer och an der Vergaangenheet geholl, wann eng Plus-value kéint geschéien, dass d'Gemeng et erëm géif reklasséieren. 20 Joer, dat ass elo net fir d'éischt, dass mer dat esou maachen. Dat hate mer schonn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié d'acquisition de 2 parcelles (vaine et pré) situées à Oberkorn, aux lieudits Rue Charles Schambourg et Auf dem Katzenbusch, d'une superficie de 53,76 a.

Villmools merci. Am nächste Punkt 5b geet et ëm en Akt, eng ganz kleng Parzell hannen an der Spidolsstrooss vun 3,60 a. Et ass en Terrain, deen dem Fonds de Logement gehéiert huet. Dir

le dernier contrat collectif. Mais le LSAP n'arrêtera pas de revendiquer l'égalité de traitement entre les femmes de ménage et les ouvriers.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

constate que les points mentionnés font partie des négociations. Elle ne comprend pas à quoi sert un contrat collectif si certaines communes prennent des décisions toutes seules.

Il faudra voir le résultat des prochaines négociations. Le but est de trouver un accord avant le 15 juillet pour éviter de faire du contrat collectif un sujet politique. Mais Christiane Brassel-Rausch ne peut pas encore parler des revendications et des décisions.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à 2 parcelles d'un terrain de 53,76 a. Le terrain se trouvait dans le périmètre de construction et vient d'être reclassé. La commune veut acheter ce terrain d'utilité publique. Le prix est de 50 000 €. Les propriétaires seront indemnisés si le terrain est réintégré au périmètre de construction au cours des vingt prochaines années.

GUY TEMPELS (CSV) *s'étonne que l'indemnisation reste possible pendant vingt ans. Ne s'agit-il pas habituellement de dix ans? Peut-on fixer librement les délais?*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

répond que non. Le Code civil fixe le délai à vingt ans. La même chose a été faite dans le passé.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à une parcelle de 3,6 a dans la rue de l'Hôpital.

5. Actes et conventions

Le terrain appartenait au Fonds du logement. La commune en avait besoin pour s'assurer un accès au carreau Thillebiërg.

Le prix est de 2700 €, c'est-à-dire 750 €/a. Christiane Brassel-Rausch répète que cela garantit à la commune un accès à plusieurs terrains et au carreau Thillebiërg. Le prochain collègue échevinal pourra donc y réaliser un projet le cas échéant.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une convention de concession de 51,34 a dans la zone d'activité Haneboesch et propose une pause ensuite.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

lui signale qu'elle a oublié deux points.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

s'excuse. Elle passe aux appartements de Gravity. Il manquait deux actes pour vendre les trente appartements.

Un des appartements fait 126,71 m² et l'autre 126,21 m² pour un prix de 534 000 € et 389 000 €. Ce sont des prix de rêve.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à un bout de jardin de 1,4 a dans l'avenue Charlotte. Le terrain se trouve à côté d'une parcelle appartenant à la personne qui achète le terrain à la commune. La commune le lui vend au prix de 12 600 €.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une parcelle de 51,35 a dans le Haneboesch à Niederkorn. La convention dont il est question aujourd'hui a vu le jour en étroite collaboration avec le ministère de l'Économie.

Un compromis de vente avait déjà été signé pour ce terrain il y a longtemps. La convention permet à la commune de couvrir ses frais, qui se sont accumulés au fil des années.

wësst, mir hunn an engem viëge Gemengerot en Terrain verkaf fir Gaart. An deen hei wollt d'Gemeng sech sécheren am Fall vum Karro Thillebiërg, dass mer en Zougang hunn. An dass mer d'Garantie hunn, dass mer eis do näischt verbauen.

Et geet genau ëm 2.700 Euro, dat heescht 750 Euro den Ar fir dëse klengen Terrain. Fir der Gemeng eng Garantie ze ginn, fir Zougang zu deenen Terrainen ze hu respektiv zum Karro Thillebiërg uewen. Wann de spéidere Schäfferot do eppes wëlte maachen, fir eis de Wee net ze verbauen.

Da komme mer zur Ofstëmmung. Villmools merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié d'acquisition d'une parcelle (jardin) située à Differdange, au lieudit Rue de l'Hôpital d'une superficie de 3,60 a.

Villmools merci. Ech géif soen, mir huelen dësen Dossier nach an duerno hu mer eis eng Paus verdéngt. Et geet ëm eng Convention de concession an der Zone d'activité Haneboesch vun 51,35 a.

GEMENGESKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Du hues der zwee iwversprongen. De 5c misst elo kommen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

O pardon, entschëllegt villmools. De 5c, dat sinn eis Gravity-Appartementer. Där hate mer der schonn. Et ass d'Suite am Fong vun deenen Akten, déi mer hei schonn am Gemengerot haten. Et feelen der u sech nach zwee, dann hätte mer 30 Appartementer verkaf.

Et geet ëm een Appartement vun 126,71 m² an ëm ee vun 126,21 m² zu engem Präis vu 534.000 an 389.000 an eppes Euro. Vun esou Präisser kënne mer just nach dreeme mëttlerweil. Ech bieden Iech, dat matzestëmmen. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements situés dans le Gravity Tower à Differdange.

Merci. Deen nächste Punkt, deen ech iwversprongen hat, ass en Akt vun engem Stéck Gaart vun 1,4 a an der Avenue Charlotte. Deen Terrain läit niewent enger Parzell vun deem Här, deen deen Terrain elo keeft. Et war eisen Terrain. Mir kënnen u sech näischt direkt domadder ufänken. Den Här huet eis en ëmmer propper gehalen an en huet gefrot, ob en e kéint kréien. D'Gemeng ass bereet, him deen Terrain ze verkaufen zu engem Präis vun 12.600 Euro.

Da soen ech Iech Merci. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de vente d'un jardin situé à Differdange au lieudit Avenue Charlotte d'une superficie de 1,4 a.

Merci. Da kommen ech elo zu mengem Dossier, no deem mer dann awer eng Paus wäerte maachen. Hei geet et ëm d'Zone d'activité Haneboesch zu Nidderkuer vun 51,35 a. Heizou kann ee soen: „Was lange währ, wird endlich gut.“ Well et ass eng Saach, déi scho méi laang währ, déi geet op d'Joer 2009 zrëck. Wéinst enger Vente forcée sinn do Saachen entstanden. Duerch enk Kollaboratioun mam Wirtschaftsministère, wëll ech ganz kloer ënnersträichen, ass elo dës Konventioun zustane komm.

Deen Här, deen dat elo huet, war laang drun, huet et scho laang versprach kritt, et war e Compromis de vente scho méi laang ënnerschriwwen. Als Gemeng wäerte mir och elo iwwert déi Konventioun hei eis Käschte gedeckt kréien, déi sech iwwert d'Joren ugeheeft hunn, wat d'Juristerei an esou viirun geet.

5. Actes et conventions

Also ech muss Iech soen, ech si frou, wa mer dësen Dossier duerch hunn. Ech mengen, et deet der Stad Déifferdeng a virun allem dem Haneboesch immens gutt, wann do elo mol Aktivitéite kommen.

Et ass e groussen Terrain. Den Här huet sech scho bereet erkläert, wann e Besoin do wär, dass e géif d'Parzell oder Dealer vu sengem Terrain zur Verfügung stellen, wann e géif gebraucht ginn. A mir denken, dass mer op dee Wee ginn.

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech weess, datt ganz vill Betriber sech interesséiert hu fir deen Terrain. Ech weess, dass den Här Krecké sech jorelaang beméit huet, fir dat hinzekréien. Mee ech weess elo net méi, wien dat ass a wat dee genau hierstellt a wat dee mécht, deen elo déi Hal do kritt. Et wier vläicht interessant, fir gewuer ze ginn, wat e mécht, wat fir ee Betrib dohinner kënnt.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech gi vläicht e puer Erklärunge vun AP Génie-civil & Consulting, wat se grondsätzlech maachen. Hien huet all méiglech Ekipementer: kleng Bobcaten, Machinerie, Aménagements extérieurs fir Gaart, och fir klenger Manutentionne vu Buedembewegungen.

Säit dräi Joer huet hien ee Patent, wou e mat Elektromotoren ee Konzept an eng Mark ubitt. Dat sinn am Fong geholl d'Haaptbusinessen, alles an där klenger hydraulischer Machinerie awer och ronderëm de Paysager a Gaart. Dat ass elo mol grosso modo de Corebusiness vun dem Här senger Aktivitéit.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Erlaabt mer, Iech ze felicitéieren, dass elo endlech een et fäerdegbruecht huet, déi Kou do vum Äis ze kréien. Nodeem

sech do schonn, mengen ech, op d' mannst zwee Schäfferéit d'Zänn ausgebass hunn. Wann net souguer dräi, dat kann och nach sinn. Also ech mengen, dat geet scho wäit, wäit zréck.

Et muss een awer och soen, firwat et net virugaangen ass. Op där enger Säit war et net einfach, mat där enger Person ze kommunizéieren, well een net onbedéngt wouss, wou déi ëmmer esou dru wier.

Op där anerer Säit, wéi mer dat da bis endlech fäerdegbruecht haten, eng Kommunikatioun mam Proprietär oder mat deem, wou et am Moment elo huet, opzebauen, hate mer dunn nach mat engem ze dinn, deen eis als Gemeng, dat muss een awer esou soen, zimmlech bei d'Lisette gelooss huet an eis virgefouert huet. E Mann mat ville Suen, den Numm wäert ech elo natierlech hei net nennen, deen eis awer hei wierklech fir domm verkaf huet, laang Joren.

Vläicht, wann deen net gewiescht wier, hätte mer dat heiten éischter kënne maachen. Mee ech sinn awer ganz frou, dass déi Hal, déi esou laang eidel stoung, déi éischters net schéin ass an zweetens keng Aktivitéit do konnt stattfannen, dass elo endlech eppes ka geschéien.

Déi Entreprise, déi den Här Krecké eis elo virgestallt huet, hunn ech och scho gesi gehat, huet mir jiddefalls e ganz seriösen Androck gemaach. An ech denken, dass déi och gutt dohinner passt vun deem, wat se mécht. Ech si ganz frou, dass mer elo dee leschte Fleck do an deem Eck, dass mer eppes Sënnvolles draus maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Liesch. Ech muss Iech soen, et ass eis allegueren e grouse Stee vum Häerz gefall, wéi mer present waren an den Akt ënnerschriwwen ginn ass.

Ech erlabe mer, hei awer ze soen, dass deen Dossier net ouni den Asaz vum Här Krecké a vum Här Leblanc méiglech gewiescht wär, dass mer en haut kënne hei ofstëmmen. En huet eis vill Zäit kascht, en huet eis vill Nerve

Christiane Brassel-Rausch se dit contente de clôturer ce dossier. L'ouverture de nouvelles activités est une bonne chose pour Differdange et pour le Haneboesch. Le terrain est grand. La personne en question mettra son terrain à disposition le cas échéant.

FRED BERTINELLI (LSAP) sait que de nombreuses entreprises s'intéressent à ce terrain. Les efforts de monsieur Krecké remontent à des années. Mais Fred Bertinelli ne se souvient plus de ce que cette entreprise produit ou fait.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) va expliquer ce que fait AP Génie civil & Consulting.

Ils disposent d'équipements de type bobcat, machinerie, aménagements extérieurs pour les jardins, etc. Ils sont aussi détenteurs d'une marque patentée concernant les moteurs électriques. Son activité principale se concentre autour de la machine hydraulique pour les jardins.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) félicite le collègue échevinal pour avoir réussi à trouver une solution, car les deux ou trois collèges échevinaux précédents s'y sont cassé les dents. Mais il faut avouer que communiquer avec une personne dont on ne sait jamais ce qu'elle pense n'est pas facile. Une fois la communication établie avec le propriétaire, il a fallu traiter avec quelqu'un qui essayait d'avoir la commune. Il s'agit d'un homme riche, qui prenait les responsables de la commune pour des imbéciles.

En tout cas, Georges Liesch se dit content que la halle, qui a longtemps été vide, serve enfin à quelque chose. L'entreprise dont vient de parler monsieur Krecké a fait bonne impression à Georges Liesch. En outre, le concept est adapté au site. Le dernier recoin du Haneboesch est viabilisé.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) signale que la signature de cet acte a soulagé tout le monde. Mais clôturer ce dossier n'aurait pas été possible sans monsieur Krecké et monsieur Leblond. Il aura fallu du temps, de la patience et de l'engage-

5. Actes et conventions

ment. *Christiane Brassel-Rausch les remercie.*

TOM ULVELING (CSV) *est également satisfait de clôturer ce dossier. Il s'en occupait déjà en 2002. Une de ses premières interventions en tant qu'échevin concernait ce dossier. Un huissier de justice s'est présenté à sa porte. Cela signifie que les halles sont inoccupées depuis vingt ans. C'est scandaleux compte tenu du fait que de nombreuses entreprises ont besoin de halles dans notre pays.*

Tom Ulveling espère que le ministre en tirera une leçon et qu'il ficèlera les contrats autrement à l'avenir.

Il félicite tous ceux qui ont contribué à ce résultat.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *veut passer au vote.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *rappelle que trois notaires ont essayé de régler ce dossier et n'y sont pas parvenus. Un notaire avait réalisé une transcription hypothécaire lors de la vente forcée, ce qui n'aurait jamais dû être fait. Il était devenu pratiquement impossible d'agir plus vite.*

Il y a plusieurs années, Henri Krecké avait juré de prendre une cuite une fois ce dossier approuvé. Il le fera donc ce soir.

Il s'agit d'une affaire triste. La commune dispose de peu de terrains pour y implanter des activités. Perdre des décennies pour un demi-hectare n'a aucun sens.

Maintenant, il ne reste qu'à espérer que le dossier sera approuvé par le ministère de l'Intérieur.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *annonce une pause jusqu'à 10 h.*

(Pause)

Christiane Brassel-Rausch passe à une convention de prêt à usage. Il est question de 90,32 a en relation avec la rocade et la piste cyclable.

TOM ULVELING (CSV) *signale que ce dossier n'a rien de nouveau non plus. La commune a dû attendre des années pour que le projet soit lancé. Et c'est là que l'ancien direc-*

kascht, en huet eis vill Gespréicher kascht, déi mer gär gemaach hunn, mee virun allem vill Asaz kascht, dass mer elo op dëst Resultat kommen. Dofir wëll ech deenen zwee Hären hei ausdrécklech villmools Merci soe fir hiert Engagement.

Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter, ech sinn och frou, dass deen Dossier oder déi Kou endlech vum Äis ass, wéi den Här Liesch gesot huet. Ech war schonn 2002 domat befaasst, dat war eng vu mengen éischten Aktiounen. Do ass den Dierwiechter komm, an do hunn ech missen dobäi sinn, ech war knapps veredeegt. Dat heescht, déi Haiser oder déi Hale stinn elo scho méi wéi 20 Joer eidel.

A wann ee jo awer weess, dass hei an dësem Land sou vill Firmen no Hale sichen, fannen ech et skandaléis, dass een do kee Moyen huet, fir esou Situatioun éischter a méi schnell ze berengegen. Ech hoffen, dass um Ministère vläicht aus där Saach do geléiert ginn ass a vläicht dann d'Kontrakter e bëssen anescht opgesat ginn, fir dass ee bei esou Geschichten éischter lass gëtt, wéi dat elo hei de Fall war.

Ech felicitéieren och deene Leit, déi an dësem Dossier, elo an der Schlusphas, derbäi waren. Well ech weess, dass et net einfach war.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wa keng Froe méi sinn, komme mer zum Ofschloss an dann hu mer eng wuelverdénge Paus.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Vläicht just nach, ofschléissend, an deem Dossier sinn zwee, dräi Juristen ofgebrannt ginn. Et sinn dräi Nottären déi à tour de rôle versicht hunn, déi Kou vum Äis ze kréien. Et muss ee wëssen, do war eng Transcription hypothécaire vum viregen Nottär bei der Vente forcée gemaach ginn, déi ni hätt dierfe gemaach ginn. Mee déi am Rechtsstaat,

deen ass wéi en ass, eis et schwéier gemaach huet – praktesch bal onméiglech gemaach huet – fir éischer kënnen ze agéieren. No enger gewëssener Peremption konnte mer elo deen heiten Akt mat engem Nottär maachen.

Ech hat eng Kéier viru Jore gesot: Wann deen Dossier do wierklech gemaach ass, 51 a, déi mer joerzengtelaang wierklech net konnten agéieren doen, da géif ech mer owes eng knätzelen, da wësst Der, wat haut kënnt. Dat war een trauregen Dossier. Mir hu schonn net vill Terrain, fir Aktivitéite bei eis ze zéien, dass den hallwen Hektar esou laang huet misse stëlleien, dat war wierklech ganz schro.

Mee elo ass den Dossier gereegelt a loosse mer hoffen, dass en nach validéiert gëtt am Inneministère, an da kënnen mer do aktiv ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de concession d'un droit de superficie pour une parcelle de 51,35 a située dans la zone d'activités Haneboesch à Niederkorn a AP Génie Civil & Consulting SARL.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Um zéng Auer leeë mer erëm lass. Villmools merci.

(Paus)

Da si mer elo beim Punkt 5f, dat ass eng Convention de prêt à usage. Do geet et ëm 90,32 a tëschent der Arcelor. Wat d'Terraine vun der Rocade, vum Véloswee an esou virun ubelaangt, dat wäert den Här Ulveling eis elo erklären. Dat ass elo ënnerschriwwen an unter Dach und Fach. Ech géif dofir dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, dat ass och e laangen Dossier. War och schwierig, well just ier mer ufänke wollte mam

5. Actes et conventions

AS-Terrain – wou mer elo iwwer dräi Joer gewaart hunn, dass endlech eppes soll do geschéien, dat louch jo net an eiser Hand –, du hat op eemol de fréieren Direkter vun der Arcelor gemierkt, dass hien eis den Terrain guer net wéilt ginn. Woumat dann déi ganz Vëlospist a Fro gestallt war.

Do hate mer zeg Reunionne mat der ganzer Direktioun respektiv mat Leit aus der Stad. Een Deel gehéiert Arcelor Déifferdeng, dat anert gehéiert Arcelor-Mittal an der Stad. Jee, et war komplizéiert. Mee finalement hu mer awer elo endlech en Accord fonnt.

Ëm wat geet et genau? Ëm dee ganzen Terrain, dee sech uschléisst un den AS-Terrain, dee parallel zum Contournement leeft bis bei déi Hal hanner der Gulf-Station. Do ass nach ee klengt Stéck, wat derzou gehéiert, wat mer hei kréien. Dat läit an der Cité Henri Grey. Deen Terrain ass net bebaubar fir d'ArcelorMittal, well do en Arbre remarquable drop steet.

Eis Iddi war, vu dass mer dat jo scho laang decidéiert haten – do war den Här Muller nach am Coup –, fir do eng Vëlospist ze maachen. Dass een deen Terrain hannert deenen Halen och kéint benotzen a fir de Public fräi maachen. Dat gläicht de Moment enger Brousse, enger Jungle. Mee dat kënne mer erëm hierstellen. Soudass d'Leit do en Noerhuelungsgebitt wäerten hunn, deen direkt iwwert d'Cité Henri Grey accessibel wier. Wou een dann och vun do aus op d'Vëlospist kéint trëppelen, wat ee kéint esou amenagéieren.

D'Madamm Buergermeeschter huet et gesot, et si bal néng Hektar dat Ganzt. Mir hunn elo e Prêt à usage mat der ArcelorMittal verhandelt. Dat heescht, et si follgend Oplagen: Et muss en Terrain d'utilité publique sinn. E soll benotzt gi fir d'Renaturéierung vun der Kalekerbaach, fir eng Vëlospist ze bauen an och fir eng sougenannten Exploitation récréative mat de Gréngflächen ze maachen.

Mir iwwerhuelen dat Ganzt zum aktuelle Stand, also esou, wéi et sech elo do presentéiert. Mir müssen d'Terrainen ënnerhalen an iwwerhuele sämtlech Responsabilitéit. Mir müssen och all déi néideg Geneemegungen ufroen, wa mir eppes wëlle bauen. A mir hunn de

Risiko matiwwerholl, wann do eng eventuell Pollutioun wier, fir dat dann ze sanéieren.

Dat Gutt bei där ganzer Saach war, no der Fuerderung vun ArcelorMittal, fir eis dat fir eng relativ héich Zomm zur Verfügung ze stellen, hu mer schlussendlech erreecht, dass mer dat gratis zur Verfügung gestallt kréien. Wou ech och vun dëser Plaz wëll profitéieren, fir ArcelorMittal dofir Merci ze soen.

Mir wäerte vill müssen an deen Terrain investéieren, fir en erëm hierzustellen – well e war praktesch à l'abandon –, fir dass mer e kënne notzen. Mee ech mengen, et ass awer fir d'Stad Déifferdeng eng flott Saach.

Mir hunn en Droit de préemption, dat heescht, am Fall, wou d'Arcelor dat wéilt verkafen, hätte mir e Virkafsrecht. Et ass och festgehale ginn, dass wann Arcelor géif un en anere verkafen, dass mir net all déi Saachen, déi mir do installéiert hunn, wéi Vëlospist a Renaturéierung, misste réckgäenge maachen. Dat heescht, dat ass acquis, dass dat dann däerf bleiwen, och wann den Terrain verkaf gëtt.

Mir müssen d'Accès fräi loossen, fir den Entretien vu sämtleche Leitungen. Do si Gasleitungen, Kanalisatioun vu Waasser an esou weider, déi an d'Wierk ginn. Fir dass si do drukommen. Deen Terrain vu 85 m², wou d'Post wëllt e Pylon vu 40 m fir d'Telekommunikatioun oprichten, musse mer stoe loosse.

An déi Hale ronderëm, déi nach do sinn, wou elo dee Mechaniksatelier ass an och wou déi Handicapéiert hir Kleeder sammelen, do musse mer ronderëm en Accès vun zwee an en hallwe Meter fräi loossen. Dat heescht, mir müssen dat botzen, dass dat ëmmer fräi ass.

Ech mengen, et ass en exzellenten Deal, dee mer finalement konnte mat ArcelorMittal aushandelen. Dat wäert deem ganze Quartier zegutt kommen, wa bis alles an d'Rei gesat ginn ass, wéi dat soll sinn. Dofir géif ech Iech bieten, déi Convention de prêt à usage ze stëmmen. Ech soen Iech Merci.

teur d'Arcelor a réalisé qu'en fait, il ne voulait pas céder le terrain.

De nombreuses réunions ont eu lieu avec Arcelor Differdange et Arcelor Luxembourg-ville. C'était compliqué, mais finalement un accord a été trouvé.

Il s'agit du terrain le long du contournement jusqu'à la halle derrière la station Gulf. La commune obtient également un petit terrain dans la cité Henri-Grey, qu'Arcelor ne peut pas utiliser à cause d'un arbre remarquable.

L'idée consiste à aménager une piste cyclable. Actuellement, le terrain derrière les halles ressemble à une jungle. Mais une fois réaménagé, il deviendra une zone de repos pour les habitants de la cité Henri-Grey. Et on pourrait y aménager une piste cyclable.

En tout, il est question de neuf hectares. La commune a obtenu un prêt à usage, ce qui signifie que le terrain doit être d'utilité publique. Il doit servir à la renaturation de la Kalekerbaach, et à l'aménagement d'une piste cyclable et d'une exploitation récréative.

La Ville de Differdange reçoit les terrains tels quels. Ce sera à elle de les entretenir. Elle devra demander les autorisations nécessaires pour y construire d'éventuelles structures. Elle sera aussi responsable d'assainir le site le cas échéant.

Au départ, ArcelorMittal avait demandé une somme importante, mais finalement, ils céderont les terrains gratuitement. Tom Ulveling en remercie ArcelorMittal. Actuellement, ces terrains sont à l'abandon, mais la commune va investir.

La Ville de Differdange dispose d'un droit de préemption si ArcelorMittal décidait de vendre. En cas de nouveaux propriétaires, la piste cyclable et la renaturation de la Kalekerbaach seraient préservées.

Les accès doivent rester libres afin de permettre l'entretien des conduits. De même, il faudra prévoir un accès à l'atelier de mécanique et à la halle d'Aide aux enfants handicapés.

Pour Tom Ulveling, la commune a fait une bonne affaire dans l'intérêt de tout le quartier. Il demande au conseil communal d'approuver la convention.

5. Actes et conventions

ERNY MULLER (LSAP) remercie monsieur Ulveling pour ses explications. Il est content d'entendre qu'au bout de cinq ans, l'aménagement du parc soit enfin lancé.

TOM ULVELING (CSV) précise que les travaux de terrassement ont commencé.

ERNY MULLER (LSAP) constate que la convention porte sur un terrain de 90,32 a et salue le fait que la commune n'ait pas à payer un droit d'usage. Le terrain est important pour la compensation des biotopes et pour l'installation d'une piste cyclable. Monsieur Ulveling a aussi parlé des effets positifs pour la cité Henri-Grey.

Erny Muller souhaite cependant revenir sur les inondations du 4 juin 2021. À l'époque, le conseil communal avait discuté des conséquences pour la Ville de Differdange et ses habitants. Le collègue échevinal avait prévu de dresser un catalogue des causes et un catalogue de mesures à prendre. Un an plus tard, le conseil communal n'a encore rien vu. Où en est ce rapport?

En ce qui concerne la parcelle dont il est question aujourd'hui, Erny Muller rappelle que des masses d'eau ont coulé du Woïwer vers le contournement et la rue Émile-Mark. Des mesures sont-elles prévues sur la parcelle d'ArcelorMittal? Le bassin de rétention du parc AS est-il suffisamment grand pour recueillir de telles masses d'eau? Le bassin aurait-il pu éviter la catastrophe du 4 juin 2021?

Erny Muller précise qu'il n'aborde qu'une partie des mesures nécessaires afin d'éviter des inondations dans le Fousbann.

Il espère que le catalogue des mesures sera présenté au conseil communal avant la prochaine catastrophe. Il a peur chaque fois qu'on annonce un orage.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch fir d'Wuert. Och merci deem zoustännege Schäfte fir all déi Erklärungen.

Fir d'éischt emol dat Positiivt. No bal fénnef Joer, wou näischt geschitt ass, geet et elo endlech lass mam Aménagement vum Park Fousbann, dat heescht dem fréieren AS-Terrain.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass amgaang. D'Terrassement-saarbechte sinn amgaang.

ERNY MULLER (LSAP):

Et ass amgaang, jo. Deen Deel Terrain vun ëmmerhin 90,32 a, wou mer haut d'Convention de prêt à usage mat ArcelorMittal ënnerschreiwen – wat mer begréissen an och d'Manéier, wéi dat geschitt ass, an dass mer keen extraen Droit do musse bezuelen –, huet eng wichteg Funktioun, net nëmme fir d'Biotopskompenséierung, mee fir d'Uleeë vun engem Vëloswee a Richtung Woïwer wéi och fir d'Renaturéierung vun der Kalekerbaach. Déi aner Moosnam an der Cité Henri Grey, hutt Dir grad erkläert, wat positiv ass fir dee ganze Quartier.

Ech wéilt awer elo op eppes anescht agoen, wann Der mer erlaabt, am Zesammenhang mat der Gréngsträif laanscht d'Rocade op d'Iwwerschwemmungen um Fousbann vum 4. Juni 2021. Mir haten hei op deser Plaz, dat war am Gemengerot vum 16. Juni 2021, dat ass méi wéi ee Joer hier, rieds iwwert d'Konsequenze fir d'Stad Déiferdeng a speziell iwwert d'Awunner vum Fousbann. Do sollt en Ursachekatalog opgestallt ginn an och e Moosnamekatalog virgeschloe ginn, fir esou eng Katastroph an der Zukunft ze vermeiden.

Bis zu deem Zäitpunkt, dat heescht méi wéi ee Joer no deem fatale Virfall,

hu mir als Gemengerot kee Bericht virleien, net emol en Zwëschebericht. Dofir eis Fro un d'Madamm Buergermeeschter oder de ganze Schäfferot: Wou ass dese Rapport drun?

Eng zweet Fro betrëfft déi Parzell – an dofir schwätzen ech och elo zu deem Zäitpunkt driwwer –, vun där mir haut schwätzen. eEt ass festgestallt ginn, dass vill Waassermassen aus Richtung Woïwer op d'Kräizung Contournement mat der Rue Emile Mark gefloss sinn. Dat Waasser huet deelweis um AS-Terrain och gestaut. Dofir ass d'Fro: Sinn op der ArcelorMittal-Parzell laanscht d'Penetrante Moosnamen ageplangt, fir esou Waassermasse geziilt ze drainéieren?

Eng weider Fro, déi sech stellt, ass déi vum Bassin de rétention um Park AS-Terrain. Geet desen duer, fir d'Waasserquantitéite vu säitens Woïwer, déi an Zukunft do kënnen optrieden, opzehuelen? Ass dat kontrolléiert ginn? Déi Moosnam vun deem Retentionsbaseng op deser Plaz, dréit déi deem Rechnung?

An dann nach eng weider Fro heizou: Wann dee Baseng a Betrib gewiescht wier, déi Retentionsfläch, wann déi schonn do gewiescht wär, hätt dat eventuell een Deel vum Problem vum Héichwaasser geléist?

Ech schwätzen natierlech hei nëmme vun engem Deel vun de Mesuren, vun der Awierkung vum Héichwaasser op dese Quartier. An nëmme een Deel, wéi gesot, fir d'Iwwerschwemmungen um Fousbann ze vermeiden.

Mir hoffen, dass mer hei am Gemengerot deemnächst kënnen iwwert dee ganze Katalog schwätzen, op jidde Fall ier eventuell eng nei Katastroph erëm geschitt. Well allkéiers, wann e Wiederugekënnegt ass, da gëtt et eis erëm Angscht a mer erënneren eis un de 4. Juni 2021.

Mir wäer wierklech frou, wa mer elo schéin an deem Quartier an an där neier Situatioun géife kucken, fir deen Deel op jidde Fall, déi Mesurë matanzupläng, déi eis vun där doter Richtung aus, vu Richtung Woïwer, géifen déi Waassermasse vermeiden.

5. Actes et conventions

Selbstverständlich müsse mer déi ganz Problematik kucken a mir wëssen nach net, wat do erauskënnt. Dir kënnt eis vläicht eppes soen doriwwer. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech kommen zréck op déi Konventioun, déi mer hei virleien hunn. Fir eis ass dat eng wichtig Konventioun. Ech felicitéiere ganz gär den Här Schäffen Ulveling, deen dat fäerdegbruecht huet. Well et effektiv, wéi hie gesot huet, am Ufank zimmlech kloer war, wat mer alles wollten an ofgeschwat war, an dunn op eemol ee vun de Partner eng 180-Grad Kéier gemaach huet. Da kann ee mol erféieren. Well eigentlech war dat jo Bestanddeel vun deem Ganzen. Wéi mer d'Rocade geplangt hunn, war dat eigentlech scho matgeplangt.

Et ass ëmmer komesch, wa Leit op der Arcelor-Säit änneren, op eemol ganz aner Gedanken hunn an een da virun engem Fait accompli steet, wou een net méi weess, wéi an ob et virugeet.

Mir si ganz frou, dass dat heiten awer elo konnt reusséieren, dass mer dat heite finalement hunn. Firwat ass et esou wichtig? Evident ass et, dass mer hei eng vun de Strecken hunn, déi eis eng Ubannung gëtt, vëlostechnesch gesinn op jidde Fall. Net nëmme innerhalb vun eise Quartieren, mee och ausserhalb vun eiser Gemeng.

Et ass eng wichtig Deel-Etapp, fir d'Ubannung ze kréien op den nationale Vëlosreseau, deen net méi allze wäit ewech läit. An et ass awer och wichtig, fir deen heiten Deel ze hunn, fir wa mer eng Kéier Opfänparkinge sollte realiséieren. Wat jo och ugeduecht ass op der Héicht vun der Tankstell, déi elo do ass. Da wär een iwwert dës Vëloswee ganz séier am Zentrum. Duerfir ass dat heiten extrem wichtig, dass mer dat Puzzlestéck elo hunn.

Meng Opfuerderung un de Schäfferot wär elo, dass mer d'Diskussione mat der Nopeschgemeng weiderféieren. Dass op der Bielesser Säit, nämlech déi aner Säit vun der Tankstell, wou den Trafo ass, wou der Bielesser Gemeng hir Terrainen uginn, dass een do elo weider plangt an diskutéiert. Ech weess, dass d'Iwwerleeunge schonn an déi Richtung ginn, fir dass mer méiglechst schnell, zumindest mol bis op deen éischten Deel vum nationale Vëlosreseau, géife kommen.

Déi lescht Etapp ze maachen, dat wäert net esou einfach ginn, fir bis erop bei d'Kronospan ze kommen, wou mer e schnellen Accès hätten. Mee wa mer déi bis hunn, da si mer wierklech vëlostechnesch extrem gutt ugebonnen, wou een am Moment jo net ka fueren. Mam Vëlo iwwert d'Collectrice ze fueren ass zimmlech liebenswürdig, dat maachen ech och net. Do feelt dann nach e klenge Puzzlestéck. An dat heiten ass e wichteg Element op Déifferdenger Säit, et feelt elo just nach d'Element op der Suessemer Säit, fir ze kucken, wéi een d'Ubannung dohi fäerdegbréngt.

Mir sinn op jidde Fall ganz frou, dass mer déi Konventioun kënne matstëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der Kommunistescher Partei begréissen ech déi Konventioun, déi do gemaach ginn ass. Besonnesch och well ennerstrach ginn ass, d'Gemeng géif dat gratis zur Verfügung gestallt kréien. Wat jo exzeptionell ass an deem Fall. Well ech wëll drun erënneren, dass eigentlech ArcelorMittal all déi Terrainen, déi se vun de Bauere fir en Apel an e Stéck Brout ofkaaft huet, sech ëmmer deier derfir bezuele léisst, wa se eppes verkeeft. Mee wéi gesot, an deem Fall ass dat jo dann net esou.

Les socialistes demandent au collègue échevinal de prévoir les mesures nécessaires dans ce quartier. Ensuite, il faudra étudier le problème dans son ensemble.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) revient à la convention. Il félicite monsieur Ulveling pour ce qu'il a accompli. Car au départ, tout semblait clair, mais ensuite un des partenaires a fait volteface. Or cette parcelle faisait partie du projet de la rocade dès le début des planifications. Il est étonnant de constater que quand les têtes changent chez ArcelorMittal, les décisions prises ne comptent plus et les partenaires sont placés devant des faits accomplis.

Les écologistes sont contents qu'une solution ait finalement été trouvée. C'était important, car cette parcelle permet d'aménager une piste cyclable reliant les quartiers de Differdange entre eux, et la ville à d'autres communes.

Pour Georges Liesch, il s'agit d'une ultérieure étape visant à connecter le réseau de Differdange au réseau national. En outre, un parking est notamment prévu à hauteur de la station-service à l'avenir. La piste cyclable permettrait de rejoindre le centre-ville rapidement.

Georges Liesch exhorte le collègue échevinal à poursuivre les négociations avec les communes voisines. Il mentionne les terrains de Belvaux en face de la station-service. Il voudrait que la connexion à la première partie de la piste cyclable nationale soit réalisée rapidement. Accéder à Kronospan constituerait la dernière étape, mais ce ne sera pas évident.

Comme on ne peut pas emprunter la collectrice à vélo, il manque une petite pièce du puzzle. Le terrain dont il est question aujourd'hui représente un élément important. Il ne manque plus qu'un élément à Sanem.

Les écologistes approuveront la convention.

ALI RUCKERT (KPL) salue à son tour la convention, d'autant plus que le terrain sera mis à disposition de la commune gratuitement. Il rappelle qu'ArcelorMittal a acheté ces ter-

5. Actes et conventions

rains pour un bout de pain, mais que généralement, il les revend cher. La commune devra assainir le terrain le cas échéant. Le collègue échevinal sait-il à quoi a servi le terrain? Il existe un cadastre de la pollution. La commune a-t-elle des informations précises ou s'agit-il d'une formulation standard pour protéger le vendeur?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) a participé aux réunions ensemble avec monsieur Ulveling. Le collègue échevinal savait ce qu'il voulait. Elle cède la parole à monsieur Ulveling, dont les services ont réalisé un travail formidable.

TOM ULVELING (CSV) répond à monsieur Ruckert que la commune ne prévoit pas d'importants travaux. La piste cyclable nécessite des excavations de quelque cinquante centimètres. Pour le reste, tout sera laissé en l'état. Un bois devrait voir le jour derrière les halles.

La formulation dont parle monsieur Ruckert permet à ArcelorMittal de rejeter toute responsabilité après la vente.

Pour ce qui est des inondations, le collègue échevinal a rencontré plusieurs fois l'Administration de la gestion de l'eau. Pour que l'AGE subventionne les études nécessaires, la commune doit se tenir à ses conditions. Or le collègue échevinal n'était pas d'accord avec une des conditions: que les études soient réalisées par un célèbre bureau qui risquerait de ne pas être impartial. Car c'est le bureau ayant réalisé ces ouvrages et il est improbable qu'il conclue avoir commis des erreurs. Finalement, un autre bureau a été choisi. Les premières conclusions arriveront dans six mois. Autrement, la commune aurait dû financer elle-même les études.

ArcelorMittal sait que la commune envisage de percer des trous dans le mur pour permettre à l'eau de s'écouler. Ils réfléchiront à la question.

Tom Ulveling rappelle que les orages étaient exceptionnels. Il est inutile d'avoir peur dès qu'il pleut. En plus, du bois bouchait les canalisations à hauteur du CID. Entre-temps, la commune nettoie

Ech hu mech awer gefrot, wou an där Konventioun do drasteet, wann eng Pollutioun géif entdeckt ginn, d'Gemeng derfir zoustänneg wär. Gëtt et Informatiounen doriwwer, wat do op deem Deel gemaach ginn ass? Souwäit ech weess, existéiert kee Kadaster iwwer Pollutioun. Sinn do vläicht scho Fuerschung gemaach ginn, wat do kéint sinn? Oder ass dat eng allgemeng Formel, déi do ausgestellt gëtt, wou dann deejéinegen, dee verkeeft, dann all Verantwortung vu sech ofleet?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Ulveling an ech, mir hunn d'Entrevuen an d'Verhandlung gefouert. Ech wëll dem Här Ulveling näischt ofschwätzen, mee mir waren zu zwee do, a wichtig ass, dass mer eis eens waren, wat mer wollten. Ech wëilt d'Wuert awer elo direkt un den Här Ulveling ginn, well et seng Servicer sinn, déi dat alles matausgeschafft hunn, déi eng formidabel Aarbecht do geleescht hunn. Dir hutt Froe gestallt kritt, dofir kritt Dir d'Wuert Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Fir den Här Ruckert: Mir plangen elo net, iergendwellech déif Ouvragen ze maachen. Et kënn eng Vëlospist dohin, da gëtt vläicht 50 cm oder esou ausgehewen. Wa mer do géifen eppes entdecken, da misste mer dat natierlech entsueren. Mee fir de Rescht loosse mer jo alles sinn. Mir wäerte versichen, do eng Aart Bësch ze loosse, hannert deenen Halen. Mir wäerte versichen, dat natierlech unzeplanzen, fir dass dat e bësse convivial gëtt. Dat ass eng Formel, déi drasteet, fir dass ArcelorMittal am Fong sech do ofséchert, dass mir si net duerno géifen domadder belaaschten.

Wat den Här Muller gefrot huet, dat ass eng Story, wou ech Iech muss soen, dass mer mat där Etüd elo just ugefaangen hunn. Mir haten e puer Sitzunge mat dem Waasserwirtschaftsamt, déi net einfach waren. A mir waren eis eens, dass, vu dass d'Waasserwirtschaftsamt eis gesot huet, dass si déi Etüd géife ganz subventionéieren,

misste mer eis un hir Konditiounen halen. Wat mer an enger éischer Phas dann och akzeptéiert hunn.

Mee wat mer net wollten, a wou mer eis am Fong net eens gi sinn eng Zäit laang, an dofir huet et esou laang gedauert, dat ass, dass d'Waasserwirtschaftsamt ee Büro hei wollt hunn, e gutt bekannte Büro, deen hei och sämtlech Etüde gemaach huet, a mir der Meenung wäeren, et misst awer ee sinn, dee vläicht méi neutral wär. Well mer gefaart hunn, dass dee Büro, deen hei all seng Ouvragë gemaach huet, dass dee vläicht dann awer net kéint op eemol feststellen, dass dat, wat hie gemaach hätt, vläicht net esou richtig wär.

Dofir hu mer geduecht, et wär besser, et wär e Büro, deen net direkt hei tätég war, deen déi Analyse sollt maachen. Eréischt a sechs Méint dorëmmer wäerte mer do éischt Konklusioone kréien, net éischer. Et deet mer leed. Mee et war wierklech net anescht méiglech. Oder wa mer et selwer bezuelt hätten, da wäere mer vläicht e bësse méi schnell virukomm.

An deene Reunione mat ArcelorMittal gouf dee Problem do ugeschwat, a mer hunn hinne matgedeelt, dass mir géifen envisagéieren oder virgesi wär, eventuell Lächer an déi Mauer ze bueren, fir dass d'Waasser oflafe kann. Si waren net direkt dogéint, mee si hu gesot, si misste sech dat dann nach iwwerleeën.

Mee ech wëll just soen, mir haten do e Joerhonnertreen. Mir sollen elo net panikéieren, allkéiers, wann d'Meteo seet, muer reent et. Et war e Joerhonnertreen. An dat, wat e groussen Deel dozou bägedroen huet – dat huet d'Analyse erginn –, war, dass e ganze Koup Holz ugeschwemmt gi war. Den Offloss op der zentraler Plaz beim CID, dee war komplett zou duerch dat Holz an alles, wat dohi geschwemmt ginn ass. Dat gëtt elo reegelméisseg ëmmer gebotzt. A wann e gréissert Wieder ugemellt gëtt, schécke mer Ekippen eraus, fir ze kucken, dass néierewou eppes trëllt, wat den Offloss kéint verstoppen.

Soudass mer kleng Mesuren awer schonn ergraff hunn. Mee déi Gesamtetüd, déi mer eis erwaarden, déi wäert nach awer sechs Méint mindestens

5. Actes et conventions

brauchen, ier mer déi kënne presentéieren. Mee, wéi gesot, et ass net direkt eise Feeler.

Dat anert, wat Der gesot hutt vum Waasserretentiounsbecken, do ass e gréissere Becke virgesinn um AS-Terrain. Dat muss natierlech déi Etüd erweisen, fir ze wëssen, ob et gehollef hätt, wann et schonn do gewiescht wär oder net. Oder ob et och eppes hëlleft an Zukunft, wann et installéiert ass.

Et schéngt och e Problem gewiescht ze sinn op deem neien Ouvrage, wou mer dee Retentiounsbecken ënner dem Terrain hunn. Do schéngt och eppes net richteg geklappt ze hunn. Respektiv ganz am Ufank sinn déi Motoren ënner Waasser gesat ginn, soudass déi net konnte richteg schaffen. Dat heescht, och do si se amgaangen, fir do ze remediéieren.

Ech hoffen, dass ech elo op all d'Froer geäntwert hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech ka just soen, mir bedauern et wierklech, dass dat esou laang dauert, dass déi grouss Causen erfuerscht gi vun deenen Entrepreneuren, déi drop spezialiséiert sinn.

Op där anerer Säit wëll ech awer soen, dass déi kleng Hëllef, déi mir als Gemeng ugebueden hunn, dass déi gutt bei de Leit ukomm sinn. An dass se an Usproch geholl ginn. Eis Servicer si bei d'Leit heem gaangen, fir ze kucke mat de Leit, wou de Problem ass vun hiren Iwwerschwemmungen an esou.

D'Ursaache si villfälteg. Wann et zum Beispill op privatem Terrain e Problem gétt, do kënne mir als Gemeng net direkt eppes maachen. Mee d'Leit sinn awer berode ginn, wat se kënne maachen. An ech verstinn Iech, Här Bertinelli, Här Muller, ech kréien och heiansdo Angscht, wa vill Reen gemellt ass, well dat war sécher keng schéi Situatioun, et wënscht kee sech se erëm.

Jo, et wär gutt, wann déi Etüd kéint méi séier gemaach ginn. Mir kënnen elo just mat deene Mëttele schaffen, déi eis als Gemeng zur Verfügung stinn. An do kann ech Iech awer garantéieren, dass

mer engagéiert sinn an dat wäerte maachen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Däerf ech nach eppes dozou soen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech kann och nach eppes dobäi soen, wat Dir elo gesot hutt, Madamm Buergermeeschter, beim fréiere Valezzo, do si véier oder fënnf Haiser, déi gi quer an ee selwechte Kanal. Do goufen Etüde gemaach an do ass erauskomm, dass dee Kanal futti ass. Mir hunn d'Proprietären drop higewisen, si missten dat reparéieren, soss wär de Risiko grouss, dass d'Waasser nees an hire Keller leeft. Do si verschidde Proprietäre gefuerdert, eppes ze maachen.

Mir waarden déi Etüd of an da wäerte mer esou schnell wéi méiglech dat maachen, wat déi Etüd eis opdréckt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de prêt à usage ou commodat avec la SA ArcelorMittal Belval et Differdange portant sur des terrains aux lieudits Differdinger Hüttenwerk, Cité Henry Grey et Rue C.-M. Spoo d'une contenance de 90,32 a.

Am nächste Punkt geet et ëm en Avenant vun enger Konventioun vun 2022 tëschent der Gemeng Déifferdeng an dem CIGL. Ech géif dem Här Mangen dofir d'Wuert ginn.

régulièrement et effectue des contrôles avant les orages. Il s'agit de petites mesures en attendant la fin de l'étude dans six mois.

Il est prévu d'aménager un grand bassin de rétention dans le parc de l'AS. L'étude établira si ce bassin aurait pu éviter les inondations et s'il sera efficace à l'avenir. Apparemment, quelque chose n'a pas bien fonctionné à hauteur du nouvel ouvrage, où se trouve le bassin de rétention. Les moteurs étaient sous l'eau et ne pouvaient pas fonctionner correctement.

Tom Ulveling espère avoir répondu à toutes les questions.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

regrette qu'il ait fallu autant de temps pour que les experts lancent les études. Elle rappelle cependant que la commune a soutenu ses habitants et que ceux-ci ont apprécié l'aide fournie. Les services communaux se sont notamment rendus chez les gens pour voir où se trouvait le problème dans leurs maisons. Car la commune ne peut pas intervenir sur les terrains privés, mais elle peut donner des conseils aux gens. Christiane Brassel-Rausch dit comprendre monsieur Muller: elle aussi a peur quand il pleut beaucoup.

Elle voudrait que l'étude soit réalisée plus vite, mais ce n'est pas possible. Elle garantit au conseil communal que la commune fait ce qu'elle peut.

TOM ULVELING (CSV) *ajoute qu'à hauteur de Valezzo, cinq maisons sont reliées au même canal. Or des études ont montré que ce canal est cassé. La commune a demandé aux propriétaires de le réparer. Autrement, leurs caves risquent de se retrouver inondées une nouvelle fois. Une fois les études terminées, la commune fera le nécessaire.*

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé à l'avenant d'une convention de 2022 entre la commune et le CIGL.

5. Actes et conventions

ROBERT MANGEN (CSV) précise qu'il s'agit d'une formalité. La Ville de Differdange prend 80 % des frais de certains services à sa charge. Elle va verser une avance au CIGL le 1^{er} mai tous les ans sur la base des travaux réalisés l'année précédente. Après le décompte annuel, la commune payera le reste ou sera remboursée en partie en fonction des dépenses réelles. La seule modification de cette convention concerne la date du 1^{er} mai.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise que les modifications sont en gras dans le dossier. Elle rappelle que la dernière convention fixait le 1^{er} mars pour payer l'avance. Il s'agit donc d'une formalité.

FRED BERTINELLI (LSAP) remercie le CIGL pour le travail accompli au service de Differdange. Il rappelle que les aires de jeux ont une grande importance pour la Ville. Le CIGL est désormais soumis à un double contrôle, ce qui est compréhensible. L'État vérifiera notamment son budget. De cette façon, même le dernier des sceptiques comprendra qu'il n'y a rien à cacher. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à un avenant à la convention sur le réseau de chauffage du plateau du funiculaire avec Luxenergie.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) explique qu'il s'agit du premier avenant au contrat avec Luxenergie signé en 2008. La centrale a été construite sur la base des conditions énergétiques de l'époque. Mais avec le développement du plateau, Luxenergie a atteint la limite et ne peut plus garantir l'approvisionnement en chauffage. Paulo De Sousa rappelle qu'au départ, le lycée et Gravity n'étaient pas prévus.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass eng kleng Formalitéit. Iwwert d'Konventioun mam CIGL an der Gemeng Déifferdeng hate mer jo schonn an engem virege Gemengerot ofgestëmmt. D'Gemeng Déifferdeng iwwerhëlt d'Käschte vu folgende Servicer am Beräich Environnement: Naturschoul Lasauvage, Minnen an Entretien zu 80 %, wann déi Aarbechte fir d'Gemeng gemaach ginn.

D'Gemeng bezilt eng Avance den 1. Mee, dat ass elo derbäi komm, all Joer un de CIGL. Dat baséiert sech op dat, wat mir als Gemeng bezuelen op d'Aarbechten, déi dat Joer virdu gelleescht gi sinn.

Nom Bilan annuel, deen de CIGL der Gemeng gëtt, gëtt dann déi endgültig Ofrechnung gemaach. Wann do nach Suen ze bezuele sinn, da bezilt d'Gemeng déi. Wann d'Gemeng ze vill Sue bezuelt huet, kritt si déi Sue vum CIGL erëm zrëckbezuelt.

Dat eenzeg, wat geännert huet un der Konventioun ass den Datum vum 1. Mee, wou mir hinnen 80 % vun den Aarbechte vum virege Joer bezuelen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Alles, wat geännert ginn ass, ass dat, wat déck geschriwwen ass. Elo ass et den 1. Mee. An där vireger Konventioun, déi mir ënnerschriwwen hunn, war et den 1. Mäerz. Si si fir den 1. Mäerz net fäerdeg, dofir hu se den Datum op den 1. Mee geréckelt. Et ass wierklech just eng Formalitéit.

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech soen dem CIGL Merci fir déi wäertvoll Aarbecht, déi en an eiser Stad hei mécht. Verschidde Projeten, wou mer hinnen dann Aarbechten och zougestinn, déi se maachen. Wann ee kuckt, déi Spillplazen an eiser Gemeng an déi Plazen, wou se gemaach hunn, dat ass jo wierklech eng wäertvoll Aarbecht, déi zu vollster Zefriddenheet vun eiser Gemeng ass.

Wat dat anert ubelaangt, ass elo bei dem CIGL eng duebel Kontroll – wat ee jo ka verstoen –, an och nach vläicht eng zu de verschiddene Budgeten, Ännerungen. An duebel Kontroll, dat heescht, datt se zwee- oder dräimol kontrolléiert ginn, och dem Staat musse se dat esou virleeën. Duerfir kommen dann esou Saache wéi dat heiten, déi mer dann esou musse stëmmen, soudatt och dee leschten dann och mengt, datt do näischt méi kann hanner der Heck sinn. Duerfir ass dat heiten esou gemaach. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention 2022 conclue avec le CIGL Differdange ASBL.

Villmools merci. Am Punkt 5h geet et ëm en Avenant zu enger Konventioun, nämlech de Réseau de chauffage vum Plateau du Funiculaire mat der Luxenergie. Ech géif dofir dem Här De Sousa d'Wuert direkt ginn.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, hei ass den éischten Avenant vum Kontrakt mat Luxenergie, dee mer 2008 ënnerschriwwen hunn. D'Zentral, déi momentan op der Plaz ass, gouf no den Energie-Fuerderunge vum initiale Projet vum Plateau du Funiculaire geplangt.

Déi aktuell Entwécklung vum Site Funiculaire féieren zu enger Situatioun, wou Luxenergie als Fournisseur eng Limité erreicht huet a se net méi fäeg ass, déi néideg Wärmeversuergung zu all Moment ze garantéieren. Dëst ass jo bekannt, well an der Ufanksplanung waren de Gravity an de Lycée net virgesinn.

5. Actes et conventions

Esou eng Stärkung vun der Disposition vu Wärmekraaft ass eminent fir d'Versuergung zu all Moment ze garantéieren. Zënter Ufank 2020 huet de Fournisseur eng nei Wärmeproduktionsléisung fonnt, genannt Plug and heat. De Plug'n'heat besteet aus engem 1.000-Kilowatt-Kesselraum mat Holzpellets an engem beweegende Container, dee komplett virmontéiert ass.

Dës Léisung mécht et méiglech, den zousätzlechen Ufuerderunge gerecht ze ginn. Esou ee Container kënnt elo op den Terrain vum aktuelle CID, als Provisorium, bis mer wëssen, wéi et mam Plateau Hauts-Fourneaux op där anerer Säit weidergeet. Do schaffe mer schonn un engem Energiekonzept mat ArcelorMittal, fir e Réseau mat enger Backup-Chaufferie.

Mam Container si mer flexibel fir déi nächst Joren, bis mer eebe wëssen, wéi et weidergeet.

Déi Leitung fir dësen Uschloss vum Container gëtt duerno als Raccordement chauffage fir dat neit Gebai, wat dann eventuell um Site vum aktuelle CID soll kommen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. Mir sinn och der Meenung, dass dat do, wéi Dir och richteg gesot hutt, eng provisoresch Léisung soll sinn. Ech war schonn eng Kéier drop agaangen, wa mer an de Woiwerwisen, d'Woiwerwisen, ier mer bei d'Servior kommen, gesi mer och esou e Container stoen. Dat ass wuel eng kompakt Léisung, mee et gesäit éischter wéi en industrielle Projet aus wéi en urbanisteschen.

Nëmme fir Iech eng Kéier e Bléck drop ze werfen: Dee Block huet eng Längt vu 15,5 m, ass 7 m héich an dee geréngsten Deel, deen da vun enne bis uewe geet, ass 3,20 m. Do derniewent kommen

nach Anlagen, fir d'Äschen erauszeféieren an esou weider an esou fort. Also et ass schonn net näischt.

An da kënnt nach déi ganz Fërderung vun de Pellets, 10 m héich an d'Luucht, an de Kamäin, 13 m héich an d'Luucht. Also kënnt Der Iech virstellen, dass do keng kleng Wärmезentral matzen an de Quartier gesat gëtt, hannert d'Primärschoul vun der EIDE.

De Layout ass zwar kompakt an interessant, fir direkt op e Problem ze reagéieren. Awer déi Heizzentral, fir se mol einfach esou ze nennen, muss herno integréiert ginn a Gebai. An do ass virun allem net ze vergiessen, dass mer drun denken, wann en neie Projet gemaach gëtt op deem aktuelle CID.

Ech hu mat dem Chargé d'affaires geschwat vun der Gemeng, dee sech ëm déi Saachen do bekëmmert. An en huet mer dovu geschwat, dass jo och nach ëmmer den Echange vun der Récupération d'énergie mat ArcelorMittal vum Fonds du logement, dass dee Projet jo och nach besteet. An et kéint herno sinn, dass déi Zentral duerch en einfache Kollektor ersat gëtt, wou dann d'Kupplung gemaach gëtt mat ArcelorMittal.

Dee Moment, wou dat geschitt, muss op der Säit vun ArcelorMittal direkt e Backup sinn, well do jo och – et war jo och hei erwäant ginn – um Niveau vum Plateau des Hauts-Fourneaux déi Gebai matabezu ginn, respektiv alles, wat d'Entwécklung nach an Zukunft do bréngt, soudass dee Backup vum Heizsystem muss direkt doniewent sinn, wou déi Energie recuperéiert gëtt.

Mir hoffen, dass dat net ze vill Belaschtung gëtt am Quartier. Mir stëmmen derfir. Mee wéi gesot nach eng Kéier: Loosst eis kucken, dass mer déi Ekipementer an dësem Fall awer och an de Woiwerwisen dann definitiv plangen an engem Gebai.

Ech wollt nach eppes soen zur Zouliwwerung. Dir gesitt op de Pläng, wéi grouss déi sinn. Dat si grouss Gefierer, Fernlaster, déi déi Pellets bréngen. A fir déi do eranzemanövréieren, dat geet zwar duerch deen hënneschten Haff vum CID, mee do verléiere mer och vill Plaz, wa mer spéider eng Entwécklung maachen. Mer mussen deen Zougang

Il faut donc renforcer le dispositif en place. Le fournisseur dispose d'une nouvelle solution: plug and heat. Plug and heat se compose d'une chaufferie à pellets de mille kilowatts et d'un conteneur mobile. Ce système permettra de résoudre le problème. Le conteneur sera aménagé provisoirement sur le terrain du CID. La commune collabore aussi avec ArcelorMittal sur un réseau avec une chaufferie supplémentaire.

Le conteneur permettra à la commune d'être flexible jusqu'à ce qu'une solution permanente soit trouvée.

La conduite servant à raccorder le conteneur servira ensuite à chauffer le bâtiment qui remplacera les ateliers communaux.

ERNY MULLER (LSAP) estime que cette solution ne peut être que provisoire. Un conteneur similaire se trouve aux Woiwerwisen, près de Servior. Il est compact, mais pas très esthétique. Le bloc fait 15,5 m de longueur et 7 m de hauteur.

Il faut aussi des installations pour récupérer la cendre. Erny Muller insiste sur le fait que cette chaufferie n'a rien de petit et n'est pas adaptée à un quartier.

La chaufferie peut être utile pour résoudre un problème, mais en fin de compte, elle doit être intégrée aux bâtiments. Par exemple, le bâtiment qui remplacera le CID actuel. Le responsable de projet communal a par ailleurs dit à Erny Muller que le projet de récupération d'énergie entre ArcelorMittal et le Fonds du logement n'était pas abandonné. La centrale pourrait donc être remplacée plus tard par un collecteur. Il faudra alors un backup sur le site d'ArcelorMittal à côté de l'endroit où sera récupérée l'énergie.

Les socialistes approuveront l'avenant, mais ils demandent que l'équipement des Woiwerwisen soit aussi intégré dans un bâtiment.

Erny Muller signale par ailleurs que les camions livrant les pellets sont énormes. Ils ont besoin de place.

5. Actes et conventions

C'est pourquoi à l'avenir, il ne faudra pas bloquer l'accès au CID.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

constate que la solution est temporaire. Comme l'a dit monsieur Muller, le projet d'échange avec ArcelorMittal n'est pas abandonné.

Cependant, rien n'est sûr. Des installations semblables se trouvent à Belval et elles ne fonctionneraient pas aussi bien que prévu. Cela signifie que le projet dont il est question aujourd'hui se prolongera quelque peu.

Georges Liesch mentionne aussi le développement du lycée Émile-Metz et le Science Center. Une centrale et un backup sont nécessaires. Car ArcelorMittal ne peut pas garantir la livraison — par exemple en cas de panne ou de travaux de maintenance. La commune devra donc veiller au flux continu.

Lors de la construction de l'entrée en ville, la commune avait prévu les conduits et les gaines nécessaires à l'approvisionnement de chaleur sur le plateau du Funiculaire.

La route ne devra donc pas être démolie.

Pour Georges Liesch, il faut poursuivre les négociations avec ArcelorMittal. Il sait que des plans existent déjà. Il faudra donc leur demander où ils en sont exactement, car la solution temporaire proposée aujourd'hui deviendra alors superflue. Ce serait une bonne chose pour le quartier. D'un point de vue urbanistique, ce serait plus chouette, car l'infrastructure ne dérangerait personne sur le site industriel.

En tout cas, il était important de réagir rapidement. La solution proposée est intéressante — à condition qu'elle soit temporaire.

GUY TEMPELS (CSV) *soutient ce projet, qui n'est pas beau, mais qui n'est que provisoire.*

Il salue aussi les synergies recherchées avec ArcelorMittal,

Il a cependant une remarque concernant l'utilisation des pellets, des copeaux et du bois en général. Sur la colline de Differdange, de nombreuses forêts sont en mauvais état. Guy Tempels trouve que trop de bois est laissé à l'abandon. Il

bäibehalen, do geet vill Plaz verluer. Doriwwer muss ee sech och Gedanke maachen.

Op jidde Fall stëmme mir dat mat. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Wéi am Dossier beschriwwen, ass et eng temporär Léiung. A wéi den Här Muller richteg gesot huet, ass nach ëmmer dee Projet an der Planung, mat ArcelorMittal en Echange ze maachen. Wou mer scho länger dru schaffen.

Mee och do ass et jo esou, dass dat ëmmer erëm ongewëss ass an ëmmer erëm a Fro gestallt gëtt. Eng änlech Anlag funktionéiert jo um Belval. A laut mengen Informatiounen funktionéiert deen net esou optimal, wéi e geplangt oder ugeduecht war. Soudass deen heite Projet sech warscheinlech och nach e wéineg wäert zéien.

Dann ass och, wéi scho gesot ginn ass, virgesinn, déi aner Säit um Plateau du Funiculaire mam ganzen Developpement vum Lycée Emile Metz, dee soll dohikommen, a mam e Science Center, dass och do eng Zentral hikënnt mat engem Backup.

Well natierlech ArcelorMittal keng Garantie de livraison ka bidden. Wa si eng Pann hunn oder Wartungsarbechten hunn, dann ass dat esou, da kucke si net laang duerno, ob do nach iergendenen Heizenergie brauch. Da musse mir dofir suergen, dass dat e Flux continu gëtt an d'Leit net kal sëtzen. Dat ass jo och geplangt.

Mir hate jo schonn deemools, wéi mer d'Entrée en ville nei gemaach hunn, Réier, Gainen eriwwer geluecht. Dat heescht vum Funiculaire eriwwer bis op déi aner Säit leie schonn isoléiert Gainen, fir d'Hëtzen eriwwer ze kréien. Dat heescht, dat ass scho preparéiert, dass mer d'Strooss net nach eng Kéier

mussen oprappen. Sou wäit si mer scho preparéiert.

Et feelt nach elo just op där anerer Säit d'Gespréich mat ArcelorMittal, fir den Nol nach e bësse méi wäit anzeklappen. Ech weess, dass ech an der Zäit mat ArcelorMittal och Reuniounen hat, op hirer Säit hu si schonn am Wierk selwer Pläng gezeecht gehat, wéi ee bis op dee Point d'échange kënnt. Dat hu se fäerdeg. Dat heescht, déi Pläng gëtt et.

Et misst een eng Kéier nohaken, fir ze kucken, wéi wäit een do kënnt. Well effektiv, wéi Dir sot, déi temporär Léiung, déi mer hei hunn, wär iergendwann eng Kéier iwverflësseg. Well wa mer dat do kéinte maachen, dann ass et méi flott fir de Quartier. Mir verléieren effektiv manner Plaz op där doter Säit. Urbanistesches ass et sécher méi flott, wann dat op där anerer Säit wär, wou mer souwisou Industrieterrain an Industrie hunn, do stéiert déi Infrastruktur hei manner.

Ech fannen dat awer eng interessant Léiung, dass ee mat esou engem modulänleche Produkt ganz schnell reagéiere kann, fir Wärmebedarf ze maachen. Dat schéngt mer wierklech eng ganz interessant Saach ze sinn. Wësend, dass dat näischt ass, wou mer 30 Joer wäerten drop bauen, hoffentlech, mee eeben temporär.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci alleguerten, mir ënnerstëtzen déi provisoersch Léiung, déi net extra schéi wäert sinn, mee wa se provisoersch ass, kënne mer gären domadder liewen.

Och ënnerstëtze mir, dass herno mat Arcelor gesicht gëtt, Synergien ze fannen, fir mat engem Wärmenetz ze schaffen.

Ech hätt awer eng aner Remark ze maachen, well mer hei vill op de Wee gi mat Pellets oder mat Holz, Hack-schnëtzel ze hëtzen. Ech sinn oft um

5. Actes et conventions

Bierg, an ech gesi vill Bëscher, déi futti do stinn a wou mer op e Wee ginn, de-elweis déi Bëscher einfach stoen ze loossen an aneneefalen ze loossen.

Ech sinn der Meenung, och wa mer se op verschiddene Plaze vläicht solle leie loossen, et gött ze vill stoe gelooss. Dass mer déi futtis Bëscher an Zäiten, wou d'Énergie net terribel verfügbar ass, vläicht awer trotzdem sollen higoen an déi Énergie sollen netzen an net alles einfach am Bësch trëlle loossen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech ginn dem Här Muller Recht. Wann ee sech déi provisoresch Anlag esou ukuckt um Woiwer, ästheetesch ass dat eng Katastroph. Dofir hunn ech de Service architecte ugewisen, si sollte mam Bedreiwler mol kucken, ob et net méiglech wär, eng Aart Këscht ronderëm ze bauen an déi ze begréngen, eng Aart hëlzene Gitter am Fong bis uewen hin. A kucken, ob een dat net mat Planzen, déi eropklammen, kann e bësse méi schéi maachen. Well esou, wéi dat elo ausgesäit, fannen ech dat, zemools och an engem Wunnquartier, eng Katastroph.

Si soten, si géifen dru schaffen. Soudass ech hoffen, dass mer eng Léisung fannen, fir dat kuerzfristeg méi ästheetesch ze maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention portant sur le réseau de chauffage urbain du plateau Funiculaire à Differdange avec la SA LuxEnergie.

Merci. Da si mer beim Punkt 5), d'Espacen am 1535°. Dat éischt ass Mad Trix, déi brauche méi Plaz. An déi hunn d'Chance elo kritt, hir momentan Espacen, nämlech den 126 an den 1.3 um éischte Stack am Bâtiment A ab den 1. August mat den Espacen 111 an 112, déi eebenfalls um éischte Stack sinn am Gebai A, ze tauschen. Vu dass Mad Trix schonn zwee Avenanten un hirem Kontrakt hänken hat, hu mer eis derfir entscheet, en neie Contrat de bail auszeschaffen. Dee géif dann den 1. August 2022 ulafen.

Den zweeten ass Wady Films. Well hir Aktivitéite sech och vergréissert hunn, kréie si en zousätzleche Raum, mat engem Avenant. Et handelt sech hei ëm den Espace 06 just niewendrun um Rez-de-chaussée vum A-Gebai, deen u sech vum Lynn Theisen resiliéiert gouf am leschte Gemengerot. Duerch dese Wiessel konnte mer der Madamm Theisen hire Preavis vun dräi Méint op ee Mount verkierzen.

Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Presentatioun. Ech wollt just am Numm vun déi gréng soen, dass mir frou sinn iwwert den Erfolleg, dass d'Leit zefridde sinn a méi e grouse Raum froen. Wady Films si jo eréischt säit 2020 do a brauchen elo méi eppes Grouses, dat ass ganz flott. Mir stëmmen dese Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail et avenants pour des espaces de création au 1535° Creative Hub.

Villmools merci. Elo geet et ëm e Contrat de bail à courte durée fir eise Restaurant op der Maartplaz. Et geet ëm den Ikkuvium. Ech wëll ganz kloer soen: Et ass eng Iwwergangsléisung, fir

faudrait l'utiliser pour produire de l'énergie en ces temps de crise.

TOM ULVELING (CSV) donne raison à monsieur Muller. D'un point de vue esthétique, la chaufferie du Woiwer est une catastrophe. Il a demandé aux architectes communaux de voir avec l'exploitant si une boîte végétalisée ne peut pas être placée autour. Car pour le quartier, la solution actuelle est une catastrophe. Tom Ulveling espère qu'une solution sera trouvée bientôt.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe au 1535°. Mad Trix a besoin de plus de place. Ils échangeront les espaces 126 et 1.3 du bâtiment A avec les espaces 111 et 112.

Comme Mad Trix en est à son troisième avenant, la commune a décidé de recourir à un nouveau contrat de bail à partir du 1^{er} aout 2022.

Wady Films reçoivent, quant à eux, une salle supplémentaire, l'espace 6 au rez-de-chaussée du bâtiment A. Cet espace était loué par madame Lynn Theisen, qui a résilié son contrat. Son préavis est réduit de trois à un mois.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) se réjouit du fait que les locataires connaissent du succès et qu'ils ont besoin d'espaces plus grands. Wady Films est là depuis 2020 et a déjà besoin de plus de place.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à un contrat de bail de courte durée pour le restaurant de la place du Marché.

5. Actes et conventions

Il s'agit d'une solution temporaire, mais le collègue échevinal est en train de négocier avec des restaurateurs.

Pour ce qui est de l'avenant, madame Céline Lacroix veut rester à Differdange. Elle fait des gâteaux et connaît pas mal de succès sur les réseaux sociaux. Elle pourra utiliser une partie de la cuisine de l'Ikkuvium — c'est-à-dire 137 m² sur 285,59 m². Le loyer est fixé à 800 €. Le contrat porte jusqu'au 5 novembre.

Le collègue échevinal veut que madame Céline Lacroix reste à Differdange. La commune cherche un autre local pour disposer d'une solution pour elle lorsqu'elle aura trouvé un restaurateur. Ceux avec qui les négociations sont en cours n'ont pas l'intention de commencer avant novembre.

FRED BERTINELLI (LSAP) *aurait été d'accord avec un popup store, mais dans ce cas-ci, il ne comprend pas. Tant que cette femme sera là, aucun autre restaurateur ne pourra utiliser les locaux. Elle a donc loué le café et le restaurant.*

La commune a-t-elle dû procéder à des investissements? Car les anciens locataires ont tout laissé en l'état. Mais le gros des machines dans la cuisine ne peut pas être utilisé.

Par ailleurs, la femme en question n'a pas l'intention d'ouvrir un local à Differdange pour vendre ses gâteaux. Elle les vend à Belval. N'aurait-elle pas mieux fait de chercher un local à Belval pour faire les gâteaux?

La Ville de Differdange est censée aider les commerçants à condition qu'il y ait un avantage pour la population sur place — sans que les gens aient besoin de se rendre à Belval. Mais peut-être que Fred Bertinelli n'est pas assez bon homme d'affaires pour comprendre.

La commune a-t-elle investi dans le local?

Par ailleurs, Fred Bertinelli s'est investi pour qu'un restaurant connu s'implante à Differdange. La bourgmestre a également parlé d'autres restaurateurs. Mais il ne faut pas perdre du temps, car la restauration differdangeoise et le

dass mer Aktivitéiten hunn elo am Summer fir d'Restaurateuren. Mir sinn a Verhandlung mat Restaurateuren. Et hu sech der e puer gemellt. D'Bestriewen ass, dat Lokal net nach weider eidel stoen ze hunn.

Dat hei ass en Avenant à courte durée mat der Madamm Céline Lacroix, déi onbedéngt wëll hei zu Déifferdeng bliwen. Si brauch eng Produktiounskichen. D'Madamm mécht Kuchen, schéi Kuchen, si baakt, si huet e grouse Fanclub op de Réseau-socialen. Si kritt en Deel vun der Kiche vum Ikkuvium gestallt, fir hir Produktioun ze maachen, bis eng definitiv Decisioun geholl ginn ass, wien als Restaurateur dohinner kënnt.

Vun deenen 285,89 m² huet si 137 zougesot kritt. An d'Toilette och. Si mécht Pâtisserie, sous emballage, ass ganz gefrot, an de Loyer ass op 800 Euro fixéiert. An et geet bis de 5. November.

Wéi gesot, mir sichen nach. Et gött vill nei Interessenten. Mir wëllen d'Madamm Céline Lacroix onbedéngt hei zu Déifferdeng halen. Mir setzen alles drun, mir sinn op der Sich no engem anere Lokal, fir wann en anere Restaurateur géif drakommen. Mat deene mer geschwat hunn, geet dat gutt iwwerenee. Et ass keen, deen eis mëndlech zougesot huet, fir virun November unzeffänken, soudass d'Chance grouss ass, dass dat gutt iwwerenee klappt.

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Fir e Popup-Store misst dat jo an der Rei sinn. Hei verstinn ech et net. An et si puer Saachen an deem Text, déi ech och net verstinn. Dat heescht, déi Zäit, wou déi Madamm do schafft, ka keen anere Restaurateur oder Cafetier dat Lokal benotzen. Ech huele jo un, datt et dann dee ganze Café an dee ganze Restaurant ass, wou si da gelount huet, och wa si nëmmen esou vill Meterkaree huet.

Wat ech elo nach wollt froen, no deem leschte katastrophale Fall, dee mer do an deem Restaurant haten, wou d'Déifferdenger Gemeng vill, vill dran investéiert huet a vill dra geschafft huet,

wollt ech froen, ob mir och elo hei eppes frësch hu musse maachen oder investéieren do dran? Well déi aner ass jo fortgaangen, déi huet dat jo esou stoe gelooss, wéi et war. De Gros vun de Maschinnen aus der Kiche war huddel, verschiddener guer net méi ze gebrauchen. Hu mir do Investitioune gemaach?

An eppes verstinn ech net. Et steet do dran, datt déi Fra hei zu Déifferdeng näischt géif verkafen, also net géif opmaachen, datt een déi Kuchen dann do mol kéint iessen. Ech weess, si mécht gutt Kuchen, mee si verkeeft um Belval. Ech verstinn elo net esou richtig. Wann d'Fra um Belval praktesch do Geschäft mécht an hir Kuchen do verkeeft an hei zu Déifferdeng baakt, ob se dann net besser gehat hätt, si hätt sech eng Plaz um Belval gefrot, fir do ze baken an dann och do ze verkafen.

Ech mengen, wa mer Leit ënnerstëtzen, dann ass jo de Coût fir d'Gemeng an d'Rentrée fir d'Gemeng, datt se hei e Geschäft hunn, wat op ass, wou eis Populatioun kann higoen, e Kuch kafen oder e Kuch iesse goen. Net datt se müssen op de Belval fueren, wa se hei gebak ginn. Dat hunn ech net esou richtig verstanen. Ech weess net, vläicht sinn ech och do net Geschäftsmann genuch, fir dat ze verstoen.

Mee, wéi gesot, wëll ech och gär wëssen, ob do eppes investéiert ginn ass.

An déi nei, sou vill wéi ech héieren hunn, weess ech, well ech mech selwer vill, vill beméit hunn, fir datt e ganz bekannte Restaurant soll op Déifferdeng kommen, wou ech mengen, datt dat och eng Plus-value fir eis Stad wär. An anerer, wou ech héieren hunn, wou Dir mer gesot hutt, Madamm Buergermeeschter, déi wéilte kommen. An dat wier eppes, wat ganz, ganz schnell muss geschéien.

Wann ee gesäit, wou eis Restauratioun a wou eisen Zentrum drun ass, do muss een alles maachen, fir sou schnell wéi méiglech dat ze reevaluieren an op déi grouss Maartplaz eppes hinzekréien, wat dann och op ass. Net wéi dat doten. Ech huele jo un, datt dat Geschäft do net wäert op sinn. Do wäert jo net ee kënnen higoen, eng Taass Kaffi drénken an e Stéck Kuch iessen. Dat ass jo zou. Déi Fra baakt jo just do. An ob mir

5. Actes et conventions

do en Invest hu misse maachen, dat wéilt ech och gär wëssen.

Ech kann dat do elo net novollzéien. Mir hu jo esou vill Gebaier, déi eidel stinn, firwat da grad déi dote grouss Plaz, wou mer wierklech Betriber hunn, déi dat wëllen hunn. Firwat mer si dohinner setzen, dat verstinn ech net esou richteg. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Duerno äntwert d'Madamm Buergermeeschter. Mir begréissen et op jiddwer Fall, dass et net eidel steet elo während där Zäit, well dat wär dann nach esou vill méi laang. An ech kann och ganz gutt novollzéien, dass keen elo fir d' Sommervakanz dat dote Lokal wäert gebrauchen. Ech fannen et op jiddwer Fall gutt, dass mer eppes hunn. Et soll jo och provisoersch sinn. Ech hoffen och, dass et provisoersch ass, an dass mer eng aner Plaz fir se fannen.

Ech si mer sécher, wann déi Madamm géif heibleiwen, wa mer en anert Lokal fannen, a si géif dann och verkafen, dass dat e Plus wär. Hiren Internetsite ass wierklech flott: „cakes for your soul“, dat ass witzeg, oder „local fresh cakes for everyone“, natierlech mat Mooss.

Ech géif et immens flott fannen, wann déi géif bleiwen. An, dass mer och effektiv no där provisoersch Zäit – dat hei ass jo wierklech nëmme fénnef Méint –, géifen eng Plaz fannen, wou mer se da kéinte kafen an och schmaachen. Dat wär natierlech flott. Mee du erfir musse mer hir awer elo emol fir d'éischt d'Geleeënheet ginn unzufänken. Déi Gréng stëmmen dese Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Ech probéieren, dem Här Bertinelli et ze erklären. Et spillen e puer Facteur mat. Mir hate ganz rezent an engem Schäfferot deci-

déiert, dass mer eis vläicht als Gemeng mussen nei opstellen, wat eis ganz Restauratioun an eist soziaalt Liewen ugeet.

D'Madamm Wohl huet et elo gesot, fir de Juni-Juli ass kee Restaurateur do, fir anzesprangen. Mir haten d'Wiel: Entweder loosse mer et nach weider eidel stoen oder mir huelen eppes Provisoresches eran. Déi Madamm Céline Lacroix huet eng Produktiounskiche gefrot, soss hätte mer se och kéinten iergendwou aneschters hisetzen. Mee si huet ganz kloer no enger Produktiounskiche gefrot.

Mir haten natierlech d'Méiglechkeet ze soen, nee, mir hu keng, a mir loosse den Ikkuvium eidel stoen. Oder ze soen: Okay, mir huelen Iech provisoersch zu engem Tarif vun 800 Euro eran, bis den November.

Wat komescherweis geännert huet: Mir hunn elo e puer Ufroen. Mir haten elo iwwer Jore Problemer. Do hunn ech Iech gesot, wéi Dir d'Fro schonn eng Kéier gestallt hat, wéi et mam Ikkuvium wier: „Et ass en Interessenten do, ech soen awer näischt, bis mer ënnerschriwwen hunn“. An dee Kontrakt ass och ni ënnerschriwwe ginn, well se sech au fur et à mesure erauszéien, d'Restaurateuren.

Éischtens well se den Invest fäerten, wat dat ugeet, wa se sech do installéieren. An en aneren, ganz grouss Problem, dee mer repetitiv genannt kréien, onofhängeg ee vun deem aneren: Si hu Problemer, fir Leit ze rekrutéieren, ob dat elo Käch sinn, ob dat Serveuren oder Serveusë sinn, do ass einfach e Problem. Do ass an där Pandemie eppes geschitt.

An elo hu mer e puer Ufroen, muss ech wierklech soen, mat deene mer eis auserneeetzen. Awer de Wëlle vun der Gemeng oder vum Schäfferot ass och do, fir op nei Weeër ze goen.

Wéi gesot, déi doten Decisioun ass geholl ginn am Kader vun entweder eidel stoe loosse oder net eidel stoe loosse, well e ganze Restaurant hätte mer elo net gestemmt kritt fir de Summer. Dofir hu mer dat elei als Iwwergangszäit geholl.

centre-ville sont mal au point. La place du Marché doit accueillir un commerce ouvert.

Fred Bertinelli ne comprend pas ce projet. Differdange a tellement de bâtiments vides. Pourquoi donner celui-ci?

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *salue le fait que le local ne reste pas vide. De toute façon, il est improbable que quelqu'un ouvre un restaurant pendant les grandes vacances.*

Nicole Wohl espère que cette solution est temporaire et que l'on trouvera un autre endroit pour la personne en question. Il est vrai que si cette personne disposait d'un autre endroit et qu'elle y vendait ses gâteaux, cela serait un plus pour la ville.

Son site internet est vraiment chouette avec des slogans du type Cakes for your soul ou Local fresh cakes for everyone. Nicole Wohl espère que, pendant ces cinq mois, la commune lui trouvera un local définitif. En attendant, le collège échevinal lui donne la possibilité de commencer.

Les écologistes approuveront ce contrat.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

estime que la commune doit se réorienter en ce qui concerne la restauration et la vie sociale.

De toute façon, aucun restaurateur n'aurait ouvert maintenant. Alors, pourquoi laisser le local vide? En outre, madame Céline Lacroix a besoin d'une cuisine de production. Le collège échevinal avait 2 solutions: ne pas lui louer de local ou lui louer l'Ikkuvium pour 800 € par mois.

Pour ce qui est des autres restaurateurs, certains se sont montrés intéressés, mais personne n'a signé de contrat. D'un côté, ils ont peur d'investir en ce moment. De l'autre, ils ont du mal à trouver du personnel — que ce soit un chef ou des serveurs. Visiblement, la pandémie a changé la donne et il faut s'adapter. Le collège échevinal réfléchit à de nouvelles voies.

Christiane Brassel-Rausch répète qu'il fallait décider de laisser le local vide ou pas. Aucun restaurateur n'aurait ouvert pendant les grandes vacances.

6. Logements communaux

La bourgmestre informe monsieur Bertinelli que la commune n'a rien investi.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch confirme que la commune a nettoyé les lieux.

Elle rappelle que le city manager a déposé ses démissions. Il faudra donc réfléchir à une nouvelle organisation et décider quoi faire du comité d'activité économique.

Christiane Brassel-Rausch se dit surprise du fait que tout a été calme pendant plus de deux ans alors qu'une dynamique est en train de voir le jour maintenant. Le collègue échevinal réfléchit à la meilleure façon de procéder.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à un cadastre vertical du bâtiment de la Bil. La commune est copropriétaire.

Le bâtiment va être transformé et deux appartements vont être vendus. Les millièmes évoluent donc. Il s'agit ici de rectifier les millièmes.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à des logements. Les chefs de fractions connaissent le projet et elle préfère ne pas entrer dans les détails.

Il s'agit de logements communaux indépendants de l' AIS Kordall. La commune doit décider quel loyer demander. Les quelques appartements dont dispose la commune ont été loués aux tarifs de l' AIS. Mais elle doit décider le tarif maximal qu'elle peut demander. Cette somme ne peut pas dépasser 5 % du capital investi et 35 % du taux d'effort du revenu mensuel du ménage.

Finalement, le collègue échevinal a décidé de se limiter à 3 % du capital investi.

Wéi gesot, et sinn Interêten do, mir hatten d'lescht Woch nach Rendez-vous mat Restaurateuren. Déi wëllen net an der Sommervakanz ufänken, dat ass ganz kloer.

Här Bertinelli, et si keng Suen investiert ginn, fir dat elei, esouwäit ech den Här Ulveling a seng Servicer verstanen hunn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING:

Ausser, dass mir propper maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, mir hunn et propper gemaach. Merci.

Entschëllegt, ech hänken nach eppes drun, wou mer och nach eng Kéier wäerten hei driwwer schwätzen, well jo eise Citymanager gekënnegt huet. Do hu mer jo decidéiert, dass mer kucken, wéi mer eis do nei opstellen, och mam Comité d'activité économique, dat ass alles nach an der Schwief.

Mir wëllen eis am Detail domadder ofginn am Schäfferot, dat wäerte mer maachen, wéi mer eis do nei opstellen. Komescherweis, zwee an en halleft Joer ass näischt geschitt hei, an elo op eemol ass eng Dynamik opkomm, wat eis natierlech immens freet. Mee mir mussen deene Leit awer och eppes ubidde kënnen. Mir sinn do amgaangen ze sichen, wat alles méiglech ass.

Well mer wëlle se hei halen. Merci.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 4 voix non d'approuver le contrat de bail à courte durée pour un local commercial situé dans la Maison Krieps à Differdange, place du Marché 2-4.

Merci. Da si mer beim 5), do geet et ëm e Cadastre vertical vum BIL-Gebai, wou mir Koproprietär sinn, wou schonn eng Geneemegung vun 2018 er-

ausgaangen ass. Do soll elo e Cadastre vertical gemaach ginn. Mir hunn eis deem ugeschloss. Et geet ëm Transformationen respektiv Verkaf vun zwee Appartermenter, an dass sech do d' Milliëmë verschieben. Et ass u sech eng Rektifikatioun vun de Milliëmen. A mir als Koproprietär sollen dat da matdroen.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié avec dépôt de cadastre vertical portant sur un immeuble en copropriété situé au n° 16-18 de l'avenue de la Liberté à Differdange.

Merci. Am nächste Punkt geet et ëm Logementen. D'Fraktiounscheffen an de Schäfferot kruten dat virgestallt. Ech wëll elo net méi op d'Detailer agoen, well et wierklech e bëssen tricky ass, dat Ganzt. Et geet ëm d'Gemengewunnenen, déi – ech soen et nach eng Kéier – net mat der AIS gläichzestelle sinn. An et geet drëm: Wat fir ee Loyer froe mir an deene Gemengewunnenen? Mir hunn der net vill. Déi, déi mer haten, déi sinn awer scho verginn, well Urgence en la demeure war, déi hu mer bis elo zu den AIS-Tariffer verlount.

Et geet just ëm déi, déi net subsidéiert sinn. Dat heescht ëm eis Wunnengen, Haiser, déi mir als Gemeng kaf hunn, fir en Equiliber ze fannen: Wat kënnen mer als Maximum froen? Well op där enger Säit d'ärf et net méi si wéi 5 % vum Capital investi an op där anerer Säit d'ärf et awer och net méi si wéi 35 % vum Taux d'effort vum Revenu mensuel vum Stot. No ville Presentatiounen am Schäfferot, hu mer gesot, mir géifen de Loyer fir Logement op 3 % vum Capital investi limitéieren.

Et ass och ganz kloer, ech wëll dat nach eng Kéier hei soen, et war mir wichteg, awer och dem Schäfferot wichteg, dass mer en Ënnerscheid maachen téschent den AIS-Wunnengen an de Gemengewunnenen. Dass dat net an een Dëppe gehäit gëtt.

Well ganz kloer, d'Zil vun deene Gemengewunnenen war, a laange Gespréi-

6. Logements communaux

cher, doduerch dass déi Leit aus der AIS, déi Suen hunn an déi hire Liewenslaf fix a reegelméisseg hunn, déi kréien trotzdeem keng Wunnengen, well de Loyer um offizielle Maart einfach vill ze héich ass.

An do war d'Iddi, an dat hu mer och gemaach, dass déi Gemengewunnenge eng Zort Palier sinn. Well dat ass e grouse Problem an der AIS, d'Leit bliwen dran, obwuel se e Kontrakt fir dräi Joer ënnerschreiwten. Mee si bliwen dran, well se keng aner Wunnenge fanen.

A mir hu geduecht, mir kéinten do e Palier sinn, wann d'Leit regulariséiert sinn, hiert Liewe kënne selwer stemmen, wat ee jiddwerengem wënscht, hinnen eng Méiglechkeet ze ginn, op Loyer kënne weider ze wunnen, hinnen eng Wunneng ze ginn, bis se sech dann esou vill eropgeschafft hunn, dass se vläicht op de Maart kommen.

Ech wëll awer just soen, mir schwätzen hei vun enger Handvoll Haiser. Mee d'Zil vun deem Ganzen hei ass – et ass jo eppes amgaangen ze entstoen, dat ass och fir déi Leit, déi no dësem Schäfferot kommen –, dass mer e Modus Operandi an eng Reegel hunn, un déi mer eis kënne halen.

Wat hu mer gemaach? Mir hu Gruppe gemaach, fir spezifesch Schwéierpunkten unzegoen, ouni awer iergendee wëllen auszegrenzen. Dat ass ganz kloer. Mir sinn transparent an der Virgeeënswais, vu dass et jo digital enregistréiert gëtt. Mir schaffen digital, an et wäert e Comité d'attribution gegrënnt ginn, deen d'Decisiounen huele wäert.

An deem Komitee solle sinn: ee Member vum Schäfferot, de préférence, ouni elo een nominell ze designéieren, deen de Ressort huet; e Member vum Office social, och ouni nominell do een drop ze setzen; ee Member vun der Opposition, do hu mer geduecht, mir kéinten do esou virgoe wéi am Recrutement, dass d'Opposition ënner sech eens gëtt, wien dann an dee Comité d'attribution soll goen; an e Member aus dem Service Logement.

Wat ass d'Roll vun deem Komitee? Dee soll hëllefen, Decisiounen ze huelen. E gëtt aktiv, éischtens fir ze kontrolléieren, ob d'Attributioun vun de

Wunnenge korrekt verlaf ass. Dat heescht e validéiert u sech déi Attributiounen, an entscheet mat, ob e Bien immobilier fir d'Kolocatioun a Fro kënnt oder net.

Wéi gesot, et ass en Dokument, wat eis hëlleft. Mir sinn do lo ganz nei. Mir sinn do nach an de Kannerschong. Wat eis soll hëllefen, elo direkt Bienen ze verdeelen, déi puer déi mer hunn. Et sinn der net vill, hunn ech gesot. Mee vu dass eise Wunnpark soll wuessen, hu mer eis mat dësem Dokument e ganz kloer Modus Operandi ginn, wéi mer an deem Dossier solle virgoen.

Den Här Altmeisch, den Här Liesch dann d'Madamm Saeul, den Här Hartung an den Här Weirich. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech hat d'Chance, als Vertrieeder vun der LSAP an deene Sitzungen ze sinn, wou déi kompetent Leit deen Dossier do erkläert hunn. Gott sei Dank hate mer déi Sitzung virdrun, déi ware ganz konstruktiv an och ganz léierräich, well soss hätt een deen Dossier vläicht net esou verstanen, wéi en am Fong geholl ze verstoen ass.

Quitte, dass et sech nëmme ëm sechs Wunnengen handelt, mee sechs Wunnenge kënne grad sou vill Kappzerbrieches maachen an zu villen Diskussiounen féiere wéi 20.

Dee Wee, fir an de Genoss ze komme vun enger Wunneng, déi der Gemeng gehéiert, gëtt an dësem Reglement beschriwwen. D'Reglement setzt sech aus dräi grouse Kapiteln zesummen: D'Kapitel 1: de Loyer. D'Kapitel 2: d'Kandidaten. An d'Kapitel 3: d'Prozeduren. Am Kapitel 1 gëtt detailléiert d'Héicht vum Loyer festgesat a Relatioun mam Revenu vum Interessent respektiv mam Kapital, wat investéiert ginn ass. Och gëtt verlaangt, dass den Demandeur zwee Joer an der Gemeng wunnt.

D'Konditiounen, fir an de Genoss vun enger Wunneng ze komme respektiv Kandidat ze ginn, sinn a sechs verschidene Gruppen am Kapitel 2 beschriw-

Pour Christiane Brassel-Rausch, il était important de distinguer les logements communaux des logements de l'AIK. Car actuellement, les locataires des logements de l'AIK ont des revenus, mais ils ne suffisent pas à payer un loyer sur le marché primaire. Ils restent donc dans les logements de l'AIK plus des trois ans prévus. Les appartements communaux pourraient constituer une espèce de palier avant qu'ils ne réintègrent le marché primaire.

Christiane Brassel-Rausch précise que la commune ne dispose que d'une poignée de maisons. Mais désormais, les successeurs du collège échevinal actuel disposeront d'un procédé.

L'objectif de la commune est d'être transparente sans exclure personne. Les demandes pourront être introduites en ligne et un comité d'attribution prendra la décision. Le comité sera composé d'un membre du collège échevinal, d'un membre de l'office social, d'un membre de l'opposition et d'un membre du service logement.

Le comité participera aux décisions, contrôlera que l'attribution des appartements se déroule de manière correcte et décidera si un bien convient ou pas à la colocation.

Le document que présente Christiane Brassel-Rausch est tout nouveau. Il servira à attribuer les quelques biens que la commune possède. De toute façon, le parc immobilier de la Ville de Differdange est destiné à croître.

GUY ALTMEISCH (LSAP) a eu la chance d'être le représentant du LSAP lors de la présentation dudit document. Les réunions ont été constructives et lui permettent de mieux comprendre ce dossier. Certes, il ne s'agit que de six appartements, mais les attribuer peut être aussi complexe que d'en attribuer vingt.

Le règlement décrit la manière dont on peut bénéficier d'un logement communal. Il comprend trois chapitres: le loyer, les candidats et les procédures.

Le loyer dépend des revenus du candidat et du capital investi. Le demandeur doit par ailleurs vivre à Differdange depuis deux ans au

6. Logements communaux

moins. Six critères permettent de sélectionner les candidats: l'âge, la composition de la famille, le nombre d'enfants et l'état civil. Les procédures décrivent comment sont attribués les studios, appartements et maisons. Les nombreux tableaux rendent le texte plus facile à comprendre. Le comité doit donner son feu vert pour l'attribution des logements.

Pour Guy Altmeisch, il n'y a aucun doute quant à la compétence de ceux qui ont rédigé ce document. Guy Altmeisch estime que ces règles précises épargneront au conseil communal bien des discussions.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que c'est au collègue échevinal que l'on doit la création du service logement. Or professionnaliser un service permet à la commune de produire des documents réfléchis, bien structurés et que tout le monde peut comprendre.*

La bourgmestre a parlé de six appartements. Ce n'est pas beaucoup, mais le moment est idéal pour fixer les règles. De toute façon, le règlement n'est pas écrit dans la pierre et pourra être modifié si des difficultés inattendues survenaient. Résoudre les problèmes est plus facile avec six appartements qu'avec trente.

Un des objectifs du collègue échevinal est d'accroître le parc immobilier de la commune. Les conseillers communaux semblent tous d'accord pour emprunter cette voie, qui permettra à la commune de louer des logements comme elle le souhaite.

Mais pour que l'attribution ne se fasse pas à la tête du client, il faut des critères.

Pour Georges Liesch, le montant de 3 % pour le loyer est raisonnable. Bien entendu, on peut discuter du montant, mais l'idée de la bourgmestre de créer un palier entre l'AIK et le marché primaire est bonne. En plus, il n'y a pas que l'AIK. D'autres gens n'ont pas les moyens de louer un appartement et n'en obtiennent pas non plus de l'AIK. Ils sont alors obligés d'aller vivre de l'autre côté de la frontière par exemple.

Le working poor sont des gens qui travaillent et font tout ce qu'ils

wen: den Alter, d'Zesummesetzung vun der Famill, d'Zuel vun de Kanner an den Zivilstand gi berécksiichtegt.

D'Kapitel 3 sinn déi administrativ Prozeduren, d'Klassementer bei der Attributioun vun engem Studio, engem Appartement respektiv engem Haus, alles beschriwwen an erklärt. Vill Tabloen erliichten dat Ganzt a maachen den Text verständlech.

Och ass genau festgeluecht, dass de Kommittee vu véier Leit aus verschidde-ne Servicer respektiv Parteien de Feu vert muss ginn, fir an de Genoss vun enger Wunneng ze kommen.

Dëst Reglement léisst keen Zweifel un der Kompetenz vun all de Leit, déi un der Redaktioun vun dësem Dokument matgeschafft hunn. E grouse Merci u si!

D'LSAP ass iwverzeegt, dass dank dëse prezise Reegele vill Diskussiounen ausbleiwen. Mir stëmmen dësem Reglement zou. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Altmeisch. Dann ass et elo um Här Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, fir d'Wuert. Ech gi kuerz op verschidde Saachen an. Fir d'éischt emol hale mer fest, dass de Schäfferot decideret huet, e Service Logement ze kreéieren a Leit do eranzesetzen. An hei gesi mer e wichtegt Resultat dovunner. Wann een esou ee Service kreéiert an eng Deelaufgab vun enger Gemeng professionaliséiert, dann entstinn esou Saache wéi dat hei. Sou Dokumenter, déi wierklech gutt duerchduecht sinn, déi gutt strukturéiert sinn, déi fir jiddwereen novollzéibar sinn a wou ee probéiert huet, de Bléck vu ville Säiten op de Problem vun Logement ze leeën.

D'Madamm Buergermeeschter huet et gesot, mir schwätzen am Moment vu sechs Wunnengen, et ass genau richteg, sechs Wunnenge sinn der natierlech nach net vill. Mee et ass elo, wou een esou ee Reglement brauch, wat een

dann och an der Praxis uwennt a kuckt, wéi et funktionéiert.

Ech sinn iwverzeegt – dat Reglement ass jo net a Stee gemeesselt –, wann ee mol déi éischt Prozeduren duerchlaf huet, da fënnt ee vläicht nach deen een oder aneren Hick, dee mir vläicht elo all hei net gesinn, oder ech net gesinn, oder d'Leit net gesinn hunn, dee sech an der Praxis stellt an da muss een dat upassen. An dat geet sécher méi einfach, wann een nach net vill Wunnengen huet, wéi wann een der schonn eng 20-30 oder méi huet.

D'Zil vun dësem Schäfferot ass – dat ass jo och oft gesot ginn –, dass d'Gemeng méi Proprietär vu Wunnenge gëtt. Dat heescht also, dass eise Park vu Logementer, vu Gemengelogementer soll vergréissert ginn. Ech mengen, heibanne war och jiddwereen domat averstannen, dass d'Gemeng op deen dote Wee geet, fir sech méi ze integréieren a méi Proprietär ze gi vu Wunnengen, déi dann enner der Regie vun der Gemeng eebe kënne verlount ginn. An do brauch een nun eemol Krittären. Dat kann net à la tête du client goen, dat muss fir jiddwereen novollzéibar sinn, wéi dat funktionéiert.

D'Dokument ass wierklech gutt opgestallt, wéi schonn erwänt ginn ass. Et ass alles dran, wat een esou brauch. Ech fannen de Montant vun 3 % och räsonabel, fir dat emol esou unzeleeën. Ech fannen, dat ass gutt ugesat. Et kann een natierlech driwwer diskutéieren, ob een en net nach méi erofsetze soll oder méi eropsetzen.

Mee ech fannen, hei ass awer mol e gudder Mëttelwee fonnt ginn. Wou een – d'Madamm Buergermeeschtesch huet dat gutt ausgedréckt – de Palier ka maachen tëscht de Leit déi, zum Beispill, an enger Wunneng vun AIS Kordall sinn, mee net nëmmen, et gëtt och Leit, déi net an enger Wunneng vun AIS Kordall sinn, déi genau an deem doten Dilemma sinn. Déi vläicht am Grenzgebitt wunnen, well se bei der AIS Kordall näischt kritt hunn. Déi genau an deem doten Dilemma sinn, dass se soen, ech hu grad genuch, fir mer eng Wunneng an der AIS Kordall ze leeschten oder am noe Grenzgebitt, mee ech hu mäi Liewen am Grëff, ech gi schaffen, ech maachen alles, wat ech brauch – an de Working-Poor-Begrëff

6. Logements communaux

ass jo dofir immens zoutreffend –, mee et geet awer net duer, fir zu Lëtzebuerg um fräie Marché am Moment déi Loyeren, déi gefrot ginn, déi definitiv vill ze vill héich sinn, ze bezuelen.

Mee dat läit net an der Gemengenhand. Duerfir mengen ech ass et scho gutt, dass d'Gemeng hei jiddefalls sech Gedanke gemaach huet, fir dee Palier op jidde Fall emol hierzustellen.

Et ass e bëssen änlech, wann ech dat däerf vergläichen, wéi mer et gemaach hu mat de Geschäftslokaler zu Déifferdeng. Wou mer jo och virun enger Rei Jore gesot hunn, mir mussen do agräifen a Proprietär ginn an aner Loyere froen, wéi se um Marché sinn, well soss kréie mer keng Geschäftsleit op Déifferdeng. An et huet sech elo an deene leschte Jore gewisen, dass mer eng ganz Partie Geschäfte zu Déifferdeng hunn, déi gutt funktionéieren, mat deem Loyer, deen d'Gemeng freet, awer net kéinte funktionéiere mat deem Loyer, dee verschidde Privatleit menge missten ze froen.

Bei de Kandidaten ass mer eppes opgefall. An do géif ech wëllen eng Suggestioun maachen, fir schonn eng Modifikatioun, also net elo an dësem Dokument, mee dass een dat sollt awer eng Kéier iwwerschaffen an do vläicht nach eng kleng Ajoute maachen.

Bei de Gruppe gesi mer, dass mer eng Grupp hu fir Jeunes adultes, mir hunn eng fir Monoparentales, eng fir Couples avec enfants, célibataires, couples sans enfants a Locataires AIS Kordall, also déi Leit, déi vun do erauskommen, fir hinnen ze erméiglechen, dee Palier do ze maachen.

Wat mir e bësse feelt an dëser Oplëschung, dass d'Wunnengemeinschaften net matconsideréiert gi sinn. Ech fannen et ganz interessant, dass mer éischtens emol déi Wunnform vu Wunnengemeinschaften no bausen ënnerstëtzen, an dat wär och wichteg wann dat als Grupp hei géif dra sinn. Ech denken, dass dat absolutt Sënn géif maachen.

Et sinn ëmmer méi Leit, déi net nëmmen aus finanzielle Grënn, mee och aus soziale Grënn an anere Grënn wëlle mat anere Leit zesumme wunnen. An dat ass net nëmme bei Studenten, wou ee mengt, déi wëlten Wunnengemeinschaften,

un déi een als Éischt denkt. Mee mëttlerweil gëtt et dat bei Jonken, déi schaffe ginn, déi keng Loscht hunn eleng ze wunnen. Et gëtt dat bei Leit, déi am mëttleren Alter sinn. Et gëtt dat awer och bei Senioren, déi soen, si hu keng Loscht, eleng an engem Haus ze wunnen, a géife gär mat anere Leit zesumme wunnen.

Ech fannen déi Form, dass Leit gemeinschaftlech kënnen eng Demande erreechen a soen: Hei mir sinn zu dräi, véier a mir géife gären eng Gemengewunneng beusprochen, déi Form soll een zumindest kënnen an dëse Kategorie matophuelen a matberücksichtigen. Mat natierlech och Krittären, déi müssen da begleetend ausgeschafft ginn, wéi dat an der Praxis funktionéiere soll.

Dofir verstinn ech, dass mer dat elo hei net kënnen an d'Dokument einfach blann aschreiwen, dat soll wuel reflektéiert ginn. Dat ass jo dann eng ganz nei Grupp, déi ee géif schafen. An dat muss jo dann och, sou wéi déi aner Gruppen hei am Kontrakt, ausgeschafft ginn: Wéi sinn d'Definitiounen? Wéi sinn d'Konditiounen? Wéi sinn d'Präisser? An esou weider an esou fort.

Zu der Prozedur. Do wëll ech just soen, dass dat fir mech och e flotte Modus ass, dass mer e Roulement kréien. Dat heescht, dass een eigentlech ëmmer weess: Wéi ass deen nächsten um Tour, wien ass als nächsten dran? Et ass demno fir de Beneficiaire novollzéibar: Firwat huet deen een elo d'Wunneng kritt an en anere se vläicht net? Dat heescht, et ass hei wierklech drop opgepasst ginn, dass et transparent ass an no bausse kommunizéierbar, wien eng Wunneng kritt.

Mir wäerten dësen Tablo, also dëst Reglement op jidde Fall stëmmen. Wéi gesot mat der Nofro, dass mer déi Wunnengemeinschaften nach matintegréieren an eng Ajoute eng Kéier maachen an dësem Dokument. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Ech huelen d'Propos mat an da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Saeul.

doivent, mais qui n'ont malgré tout pas les moyens de vivre au Luxembourg parce que les loyers y sont trop élevés. La commune ne peut pas dicter les loyers, mais elle peut créer un palier.

Georges Liesch compare ce projet à la décision prise il y a quelques années d'acheter les locaux pour les mettre à disposition de commerçants à un prix raisonnable. Et certains magasins arrivent à fonctionner avec ce type de loyer, mais ne fonctionneraient pas avec un loyer normal.

En ce qui concerne les candidats, il faudrait prévoir une modification à l'occasion. Il y est question de familles monoparentales, de couples avec enfants, de couples sans enfants, de célibataires... Mais les collocations ne sont pas prises en considération. Étant donné que la commune soutient ce type de cohabitations, elle devrait l'inclure dans cette liste. De plus en plus de gens vivent avec d'autres personnes pour différentes raisons. Il ne s'agit pas que d'étudiants, mais aussi de jeunes salariés ou même des seniors qui ne veulent pas vivre seuls.

Georges Liesch imagine que plusieurs personnes pourraient introduire une demande ensemble. Il faudrait donc prévoir une catégorie dans la liste. Bien entendu, des critères devront être établis. C'est pourquoi il ne serait pas possible d'inclure cette catégorie dans le document dès aujourd'hui. Comme pour les autres groupes, il faudra en donner une définition, fixer les conditions et décider les montants des loyers.

Pour ce qui est de la procédure, Georges Liesch apprécie particulièrement le roulement et que chaque groupe soit choisi à tour de rôle. Le collègue échevinal a vraiment fait attention à ce que la procédure soit transparente et facile à communiquer à la population.

Les écologistes approuveront le règlement. Ils demandent cependant que les cohabitations y soient ajoutées à l'occasion.

6. Logements communaux

CHRISTIANE SAEUL (DP) remercie tous ceux ayant contribué à réaliser ce document et ces tableaux. Les règles et les définitions pour attribuer les logements sont correctes. Le collège échevinal a décidé de fixer le loyer à 3 % du capital investi. La loi prévoit un maximum de 5 %.

Seuls les logements communaux non subventionnés par l'État sont concernés. La Ville de Differdange est pionnière dans ce domaine. Christiane Saeul espère que ce projet sera couronné de succès.

JERRY HARTUNG (CSV) constate qu'il était chouette de faire partie du groupe de travail. Les discussions entre les partis ont été constructives. Jerry Hartung remercie le service logement pour le document.

La Ville de Differdange veut généraliser des logements abordables pour sa population. Il y a les appartements pour séniors, les logements accompagnés pour les jeunes, les habitations subventionnées par l'État, l'AIK... Mais ces logements sont généralement destinés aux nécessiteux. Les working poor ne peuvent souvent pas en profiter même s'ils souffrent aussi de l'augmentation des prix. Leurs revenus sont légèrement trop élevés, ce qui les oblige, par exemple, à aller vivre de l'autre côté de la frontière. Ce projet est complémentaire aux offres existantes et cible une catégorie supplémentaire d'habitants. Le loyer est fixé à 3 % du capital investi, ce qui est plus élevé que les 10 €/m² que demande l'AIK. Mais il reste inférieur au prix courant.

Les revenus nets maximaux par personne sont fixés à 3500 €. La commune tient compte des jeunes commençant à travailler, des familles monoparentales, des couples avec enfants, des couples sans enfants, des célibataires, des personnes louant un logement à l'AIK...

Bien entendu, les objets devront être gérés de manière optimale. Un célibataire ne pourra pas obtenir un logement de quatre chambres tout comme un couple avec des enfants n'obtiendra pas un studio.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Fir d'éischt wollt ech deene ganze Leit aus den Ekippe Merci soe fir d'Ausschaffe vun dësem Modus Operandi an d'Opsetze vun Tabloen. Dës Tabloe sinn effektiv ganz gutt explizéiert an d'Richtung ass och déi richtig, mat Reegelen an/oder Definitioune fir d'Attributioun vun de Gemengewunnengen.

D'Fixatioun vum Loyer: Et ass décidéiert ginn, 3 % vum Capital investi fir de Loyer ze berechnen par rapport vum Taux fixe maximal, deen deem Gesetz no bei 5 % du capital investi läit. A Fro komme just déi Gemengewunnengen ouni Subsid vum Staat. Déifferdeng ass hei e Virreider bei dësem Thema. Ech wënsche vill Erfolleg a soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Dann ass et um Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif alleguer, virop och vun eiser Säit e grouse Merci. Dat war wierklech ganz flott am Aarbechtsgrupp, ganz konstruktiv Gespräicher, wou alleguer d'Parteien invitéiert waren. Och e grouse Merci un eise Service Logement, déi dat hei ganz schéin opgeschafft hunn.

D'Déifferdenger Gemeng huet sech zum Zil gesat, fir erschwéngleche Wunnraum an eiser Gemeng ze generéieren a se den Awunner zur Verfügung ze stellen, zu soziale voire abordable Präisser. Mir hu Seniorewunnengen, mir hu betreit Wunne fir Jonker, wou méi spezifesch Wunnengen do sinn, dann hu mer och vum Staat subsidiéiert Wunnengen, wéi de Gravity, mer hunn d'AIK, iwwert déi aktuell 102 Logementer am soziale Wunnengsbau verlount ginn.

Oft sinn dës Wunnenge fir Leit am ganz niddrege Segment vu Revenuen. Awer enner der Wunnknappheet respektiv der Deierecht leiden och déi, déi driwwer leien. Ech schwätze vu Working Poor, déi an de vireg genannte Projeten

oft net zum Zuch komm sinn, well se just eng Grätz méi verdéngen, an natierlech och Problemer um lokale Wunnmarché hunn. An dann oft, kennen ech vu Kollegegen, mussen hannert d'Grenz wunne goen, wa se wëllen uerdentlech wunnen.

Dofir si mer frou iwwert dëse Projet, dee komplementar zu eise besteende Wunnprojeten ass, déi mer schonn hunn, fir och dëse Leit eng Offer kënnen ze bidden.

Am Prinzip läit de Präis mat deenen 3 % iwwert deenen 10 Euro de Meterkaree, wat bei der AIS esou gehandhaabt gëtt, an awer e gutt Stéck enner dem private Marchéspräis.

De maximalen Nettoakommes pro Person ass bei 3.500 Euro festgehalten. Et gouf versicht, dass keen, deen hei drënner fält, auszuschléissen. Sou gëtt et de Grupp vum Jonken, dee grad ufängt mat schaffen, de Grupp vum de Monoparentallen, de Grupp fir Koppelen mat Kanner, de Grupp fir Koppelen ouni Kanner, de Grupp fir Celibatairen an, wéi schonn erkläert, de Grupp vum den Anciens AIS Kordall, déi eeben och um normale Marché eppes kéinte fannen, mee awer näischt fannen, well et einfach ze deier ass, awer trotzdem prett sinn.

Natierlech muss bei der Vergab vum Objet gekuckt ginn, dass en optimal ausgenutzt gëtt. Sou kann natierlech kee Celibataire an enger Wunneng mat véier Kummere wunnen, genau sou wéi ee Monoparental oder eng Koppel mat Kanner net an engem Studio kann ennerbruecht ginn. Dass ass alles hei dra virgesinn.

Wat elo net virgesinn ass, dass vun Ufank u sech Leit zesumme kënnen mellen, fir eng Colocatioun. Et gëtt jo och gekuckt, fir et gerecht ze maachen, dass d'Leit esou druckommen, wéi se sech der Rei no gemellt hunn. An do ginn d'Leit da gefrot, ob se eng Colocatioun wëlle maachen. Ech stelle mer et e bësse schwierig vir, dass dann nach zousätzlech als Grupp virzegesinn. Ass awer eng gutt Iddi.

Et ass gesot ginn, mer fänke kleng un, mat just sechs Wunnengen, mee wéi all Projet muss dës da wuessen. D'Zil vun der Gemeng ass jo, ëmmer méi Wun-

6. Logements communaux

nengen ze kafen, fir dem sozialen an abordable Wunnmarché eng Offer ze maachen.

De Kader ass kloer an dat ass wichtig bei esou eppes, datt et transparent ofleeft. D'CSV stëmmt dëst Dokument mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. An dann ass et um Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech schlësse mech de Virriedner un. Ech si wierklech frou mam Resultat, wat mer haut hei virleien hunn.

Ech ka mech un déi éischt Versioun erënneren, un déi Diskussiounen, déi mer haten, déi waren net ëmmer einfach. An eise Service Logement huet et wierklech hikritt aus all deene verschiddene Meenungen, déi och vun enger Reunioun op déi aner emol staark gënnert hunn, op e Resultat ze kommen, wat awer mengen ech jiddweree matdroe kann. A wat och kloer verständlech ass.

Déi éischt Versioun, dat war en Document martyr, wou ee sech emol huet missen eng Stonn dohinner sëtzen, fir et iwwerhaupt ze verstoen. An deem Sënn sinn ech super frou mam Resultat, wat mer haut hei virleien hunn. Ech géif vun dëser Plaz och gär der Ekipp vum Service Logement Merci soe fir hir vill Méi, déi se an dëse Projet gestach huet.

Wat ech begrëissen, wat ech de Moie scho gesot hu beim éischte Punkt mam PAP Um Dréischer, dass hei spezifesch Wunnraum geschaf gëtt, wat extreem wichtig ass fir déi wuessend Populatioun, déi näischt méi um normale Wunnmarché fënnt. Zemoos – et gesäit een hei un de verschiddene Kategorien – jonk Berufsfänger, Familles nombreuses an esou weider an esou fort.

Et ass wierklech geriicht fir déi Populatioun, déi et méi schwéier huet, eppes um Maart ze fannen. Dass och eng Of-

fer geschaf gëtt fir Leit, déi d'Pech hunn ze vill ze verdéngen, fir staatlech Bähëllefene ze kréien, awer net genuch verdéngen, fir eppes um Maart ze fannen. Dat heescht, et ass extreem wichtig, an deem Beräich eng Offer ze schafen als Stad Déifferdeng.

Et ass och ze begrëissen, dass mer wëlle weider an déi Richtung goen, als Gemeng méi Wunnraum ze schafen, deen eis selwer gehéiert an ze verlounen. Obwuel e kleng Bemoll: Natierlech soll trotzdem favoriséiert ginn, fir subsidiéierte Wunnraum ze schafen, wou mer och selwer staatlech Bähëllefene kréien als Stad Déifferdeng. Mee hei schaffe mer eppes op, oder hu mol eppes ausgeschafft fir Wunnraum, dee schonn do ass, oder vläicht nach dobäikënn. Ech mengen, déi zwee kënnen awer relativ gutt zesumme funktionéieren.

Wat mech och ganz vill freet, wat relativ zum Schluss bäikomm ass, ass déi Limitatioun vun 3 % op de Capital investi, wat de Loyer ugeet. Am Gesetz sti säit éiweg, ech mengen, säit de 50er-Jore 5 % dran. An et gouf ëmmer erëm gesot vu menger Partei, fir dat vläicht unzepassen.

Mir hu souguer als déi Lénk 2019-2018 eng Proposition de loi an der Chamber hannerluecht, fir deen Taux vu 5 % op 3 % erfzesetzen. Déi läit an iergendengem Tirang an der Chambersverwaltung, wat natierlech schued ass.

Dofir sinn ech frou, dass mir op deen Taux ginn an hei ee klengen Incentive vläicht gi Richtung Nationalpolitik, fir deen Taux no ënnen unzepassen. Deen einfach net méi zäitgeméiss ass, well awer ze héich Loyerer dobäi erauskommen.

Fir op dem Här Liesch seng Proposition anzegoen, mat de Colocatiounen. Ech mengen, den Här Hartung huet et och gesot, dat soll net onbedéngt eng eege Grupp ginn, mee et ass jo awer och virgesinn, dass kënne Colocen entstoen. Dach, an der Partie 3 bei dem Tableau d'attribution. D'Jeunes adultes et célibataires kënnen effektiv eng Colocatioun maachen. Also et steet am Tablo. Dir kënnt mer och gär herno drop äntweren, mee ech mengen, et ass awer virgesinn.

La colocation, en revanche, n'est pas prévue dans les groupes, mais on demandera aux gens si cette forme d'habitation les intéresse. C'est pourquoi Jerry Hartung ne voit pas comment on pourrait en faire aussi un groupe.

Actuellement, la commune dispose de six logements, mais l'objectif est d'en acquérir davantage pour les offrir ensuite à un prix abordable. L'attribution doit se faire de manière transparente. Le CSV approuvera ce document.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) se dit satisfait du résultat. Il se souvient de la première version du document et des discussions qui ont suivi. Cela n'a pas été facile. Le service logement a réussi à créer un document sur la base de toutes ces opinions, qui, en plus, changeaient parfois d'une réunion à l'autre. Chaque parti peut désormais soutenir le projet.

Le premier document était difficile à comprendre. C'est pourquoi Eric Weirich est supercontent du résultat final. Il remercie à son tour le service logement pour ses efforts.

Comme il l'a dit tout à l'heure, il est essentiel de créer des logements spécifiques pour les personnes qui ne trouvent plus rien sur le marché courant. Le projet s'adresse vraiment aux catégories ayant du mal à trouver une habitation. Y compris celles qui gagnent trop pour être subventionnées par l'État, mais pas assez pour louer un appartement.

Eric Weirich salue la volonté du collège échevinal de continuer à acquérir des logements pour les louer ensuite. Il estime cependant que la commune devrait privilégier les logements subventionnés afin de bénéficier de subsides.

Ce qui le réjouit particulièrement, c'est que le loyer ait été limité à 3 % du capital investi. La loi fixe le maximum à 5 %, et ce, depuis les années 1950. Déi Lénk exige une adaptation depuis longtemps. Le parti a même proposé à la Chambre de baisser le taux à 3 % en 2018. Eric Weirich espère que la décision de Differdange inspirera le gouvernement, car le taux de 5 % n'est pas adapté à la réalité sur le terrain.

6. Logements communaux

Pour ce qui est de la proposition de monsieur Liesch, monsieur Hartung a expliqué que la colocation ne doit pas nécessairement être une catégorie à part. Les jeunes adultes et les célibataires peuvent mettre en place une colocation. Cela figure dans le tableau.

Le comité d'attribution comprend des membres de la majorité et de l'opposition, ce qui devrait rendre les décisions objectives et neutres.

Déi Lénk approuvera le document.

ALI RUCKERT (KPL) *ne s'associe pas à ce qui a été dit. Il sait que des gens ont élaboré ce dossier de manière sérieuse. Mais ce dossier continue de considérer les logements comme une marchandise en non comme un droit de l'Homme. Le loyer est fixé sur la base du capital investi et non sur la base du salaire. On perd du temps à définir qui a droit à un logement au lieu de faire tout ce qui est possible pour créer des logements abordables.*

Ali Ruckert n'est absolument pas d'accord avec le fait qu'un loyer puisse s'élever à 35 % du revenu mensuel. Sur le marché primaire, certains payent entre 40 % et 45 %, mais la majorité se situe entre 35 % et 40 %. Le loyer demandé par la commune est donc comparable. Ali Ruckert estime que 10 % seraient plus appropriés.

Beaucoup de salariés gagnent peu. Ils sont pauvres alors qu'ils travaillent huit heures par jour. Le salaire minimum est de 2200 €. Sept-cent-soixante-dix euros serviraient donc à payer le loyer. C'est beaucoup trop. La même chose est vraie pour les familles monoparentales et les familles avec les enfants, où le taux de pauvreté est plus élevé que la moyenne nationale.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *revient sur sa proposition de tout à l'heure. Le groupe colocation figure effectivement dans le dossier. Mais il est question de personnes acceptant de vivre avec une autre personne qu'elles ne connaissent pas forcément. Georges Liesch parlait quant à lui d'un groupe voulant vivre ensemble dès le départ. Il ne s'est probablement pas exprimé clairement tout à l'heure et il a donc été mal compris.*

Ze begréissen ass och dee Comité d'attribution, dass do d'Majoritéit an d'Oppositioun vertruete sinn. An do an enger gréisstméiglecher Objektivitéit oder Neutralitéit da bestëmmt gëtt, wien den Zouschlag kritt, wat absolutt ze begréissen ass.

Dat gesot, stëmmen ech dat heite gär mat fir déi Lénk. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech schlësse mech de Virriedner net un. Firwat? Ech weess, dass hei Leit sech ganz vill Aarbecht gemaach hunn a ganz seriö drop geschafft hunn op deem Dossier. Mee d'Logik dovun ass, dass Wunnen an d'Wunneng eng Wuer ass a kee Mënscherecht, wat een och doru gesäit, dass de Loyer um investéierte Kapital an net um Akommes an no der Situatioun vun de Leit gerechent gëtt.

Dat ass eng typesch Situatioun vun enger Mangelwirtschaft, wou da vill dran investéiert gëtt, fir ze kucken, wat fir Leit een da soll do dra setzen a wéi een dann alles soll organiséieren. Amplaz dass sech maximal soll driwwer ënnerhale ginn, wéi een aus där Mangelwirtschaft erauskënnt a wéi een am meeschte bezuelbar Wunnenge schaaft.

Ech sinn als Verrieder vun der Kommunistescher Partei guer net domat d'accord, wa festgehale gëtt, dass do e Loyer ka gemaach gi bis 35 % vum Monatsakommes vun engem Haushalt. 35 %. Dat ass dat, wat déi ganz grouss Majoritéit vun de Leit, déi haut loune ginn, musse bezuelen. Et gëtt der, déi 40 % a 45 % musse bezuelen, mee déi ganz grouss Majoritéit bezilt tëschent 30 % a 40 %. Et ass also keng Besse- rung vis-à-vis vum sougenannte fräie Maart.

D'Kommunistescher Partei ass der Mee- nung, dass een do misst erasetzen 10 % an net 35 %. Firwat? Ma ganz einfach: Well ee gesäit, dass ganz vill Leit, déi

schaffen, e klenge Akommes hunn. A wann ech soen, e klenge Akommes, da sinn dat oft Akommes, déi derzou féieren, dass se aarm sinn, och wa se aacht Stonnen den Dag schaffe ginn. Wa mer de Mindestloun huele vun 2.200 Euro, dann heescht dat, dass ee mam Mindestloun misst 770 Euro – wann een déi 35 % consideréiert – bezuelen, fir dann eng Wunneng ze kréien. Dat fannen ech vollstänneg iwwerdriwwen.

Dat selwecht gëllt fir elengerzéiend Famillen, wou haut scho méi wéi 1/3 ënner der Aarmutsgrenz leeft. Dat gëllt genau esou fir Famille mat Kanner. Wou den Aarmutstaux och vill méi héich ass wéi am Duerchschnitt an der Gesellschaft.

Aus all deene Grënn wäert ech dat do net stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Dann den Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt vläicht nach eng Kéier prezisieren, wat ech mat menger Propos gemengt hunn. Effektiv Colocatioun steet als Grupp dran, mee dat ass anescht geduecht. Colocatioun ass hei geduecht, dass een an eng Wunneng geet, wou en akzeptéiert, dass nach een aneren eventuell erakënnt, deen een eventuell och guer net kennt.

Wat ech mengen ass, dass dräi Leit zesumme soen: Mir kennen eis, mir ginn eens mateneen, mir wëllen zesumme wunnen a géife gären eng Demande och zesumme maachen, als Grupp, soudass mer och sécher sinn, dass mer dra sinn. Dat ass den Ënnerscheid zu deem, wat drasteet an deem, wat ech mengen. Ech mengen, dass ech dat net gutt erkläert hunn, dass dat vläicht falsch verstane ginn ass.

Ech wollt awer och, wann ech schonn d'Wuert hunn, reagieren op dat, wat den Här Ruckert gesot huet. Ech fannen dat net ganz richtig, wat hie seet. De Loyer ass hei net, wéi et am Text steet, éischtens net nëmmen orientéiert un de Capital investi, dat steet zwar

6. Logements communaux

wuel als Krititär dran, mee et steet awer och dran, dass de Loyer 35 % vum Revenu net däerf depasséieren. An dat ass jo och net de Montant, dee mer froen, mee dat ass de Maximum.

Ech gesinn dat heiten als e Kader, dee mer eis setzen, fir de Loyer ze determinéieren. Dat heescht, et gött scho gekuckt, wie wat verdéngt an a wéi een Haus ee ka kommen. Duerfir mengen ech schonn, dass dat awer hei e Krititär ass.

Elo kann een driwwer diskutéieren, ob dat net wäit genuch geet, mee ech fannen et awer scho mol eng éischt Iddi, fir dat esou ze maachen.

An ech fannen et och net richtig, wa gesot gött, mir sollten eis Efforten elo mol drop riichten, fir maximal Wunnengen ze maachen. Ma dese Gemengerot an dese Schäfferot ass op de Weegaangen, e Service Logement ze stëmmen. Deen hu mer hei alleguerte gedroen. An de Service Logement ass amgaangen ze schaffen. Mir sinn elo amgaangen, Wunnengen ze kafen an ze bauen an iwwerall ze maachen. Dat heescht, mir sinn um Wee, fir eis Wunnengen unzëeegnen, déi mer als Gemeng an der Hand hunn, déi mer kënne verlounen. Dat heescht, mir sinn um Wee.

Wat net verhënnert, dass wa mer Wunnenge kafen, déi mer verlounen, dass mer eis awer eng Struktur hannendru ginn, wéi mer dat dann och wëlle verdeelen, un d'Leit bréngen. Dass dat och transparent ass. Ech fannen, dat ass extreem wichtig. An ech gesinn elo net, dass mer déi heiten Aarbecht, déi wierklech gutt ass, net sollte maachen, nëmme well mer eréischt sechs Wunnengen hunn. Solle mer elo waarden, bis mer der 50 hunn an net méi wëssen, wéi mer eens ginn.

Ech fannen et genau richtig, elo esou en Dokument auszeschaffen, mat deem Dokument hei elo mol ze schaffen, déi nächst Wunnengen ze maachen an ëmmer erëm ze adaptéieren, wou mer gesinn, do haakt et nach, do dréit et nach net oder do si mer nach net un d'Realitéit ugepasst.

An ech fannen och, wéi den Här Ruckert seet, wa mer erausfannen, dass déi Leit, deene mer des Wunnenge ginn,

dass mer do laanscht der Realitéit géife leien, well d'Loyeren awer nach ze héich wäeren oder net korrekt wäeren, ma dann ass et hei um Gemengerot fir ze soen, mir müssen eng Upassung maachen, mir müssen dat revidéieren.

Mee kommt, mir starte mol eppes, wat ech als Basis awer emol ganz gutt duerchduecht fannen. An da gesi mer jo mat den éischte Wunnengen, wou mer landen. An da kënne mer dat ëmmer erëm hei an de Gemengerot bréngen an upassen, sou wéi mer mengen, dass et do-bausse richtig ass.

Ech fannen et wierklech wichtig, dass mer dëst Dokument elo mol als Aarbechtsdokument a Musek ëmsetzen a kucken, ob eis déi Musek do gefält.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Et wier elo um Här Bertinelli an dann un Iech, Här Ruckert. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Léif Kolleegen, den Här Liesch huet zum Deel d'Äntwert gi mam gemeinsame Wunnen. Normalerweise ass et jo esou, datt een ëmmer nëmmen en eenzele Bail ënnerschreift mat engem Bailleur. Dat sinn d'Formen, déi momentan scho bei eis an der Gemeng funktionéieren. A wou leider de Problem ëmmer dee selwechten ass, wann dräi oder véier Leit zesumme wunnen, datt ëmmer een als Responsable genannt gött an alles herno ëmmer bei deem ofgeluecht gött.

Dat heescht do misst een eng Form, iwwer e Gesetz oder e Reglement vun der Gemeng, fannen, datt wann een u véier Leit verlount, datt déi véier Leit an engem Grupp sinn an do ee behandelt gött wéi deen aneren.

Ech hunn dat och gemengt an esou hat ech dat och verstanen, Här Liesch, dat ass dee richtege Wee, wéi d'Zesummeliewe funktionéiert.

Ech kann dem Här Ruckert Recht ginn, wat e gesot huet iwwert d'Präisser an iwwert d'Loyeren. Mee wann d'iewescht Grenz 35 % ass – ech gesinn, an

Il souhaite aussi réagir à ce qu'a dit monsieur Ruckert, car ce n'est pas complètement vrai. Le loyer n'est pas fixé exclusivement sur la base du capital investi, car il ne peut pas dépasser non plus 35 % des revenus. Georges Liesch insiste sur le fait qu'il s'agit du maximum, pas de ce que la commune demande réellement. Il s'agit donc d'un cadre permettant de déterminer le loyer. Mais la commune prend en considération le salaire.

Après, on peut effectivement se demander s'il ne faut pas aller plus loin. Mais l'idée de départ est bonne.

Monsieur Ruckert a aussi dit que la commune devait se concentrer sur la construction de logements. Mais le collège échevinal a justement créé un service logement, qu'il faut laisser travailler. De toute façon, construire des logements n'empêche en rien de fixer des règles pour les attribuer ensuite de manière transparente. Et attendre que la commune dispose de cinquante appartements au lieu de six ne ferait que compliquer les choses.

Georges Liesch estime que ce document est important en ce moment. Lorsque la commune aura acheté plus de logements, elle pourra l'adapter le cas échéant à la réalité. Comme le dit monsieur Ruckert, si la commune devait constater que les loyers sont trop élevés, le conseil communal pourrait les adapter. Mais il faut bien commencer par quelque chose. Ensuite, des modifications pourront être apportées si c'est nécessaire.

Georges Liesch répète que l'élaboration de ce document est vraiment importante.

FRED BERTINELLI (LSAP) revient sur la question des colocations. Un contrat de bail est signé avec un bailleur. C'est une question de forme. Même si quatre personnes vivent dans un appartement, un seul est responsable du bail. Il faudrait donc une loi ou un règlement communal permettant aux quatre locataires d'être traités de la même manière. C'est ce que voulait dire monsieur Liesch et c'est aussi la façon dont Fred Bertinelli conçoit la colocation.

6. Logements communaux

Monsieur Ruckert a raison concernant les loyers. Mais les 35 % représentent une valeur maximale. Les personnes concernées sont sans doute aussi clientes à l'office social. Par conséquent, si le besoin se présentait, la commune pourrait réagir rapidement comme elle l'a toujours fait.

Fred Bertinelli demande pourquoi la commission des loyers ne fait pas partie du groupe de travail. Il s'agit de professionnels connaissant les lois. Y a-t-il une raison expliquant pourquoi ils n'ont pas été consultés?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) répond que le service logement est représenté dans la commission des loyers.

FRED BERTINELLI (LSAP) réplique que la commission des loyers est obligatoire. Elle comprend même une avocate. Ne serait-il pas approprié de recourir à son avis?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) rappelle que la commission est représentée par son président.

ALI RUCKERT (KPL) signale que si le loyer ne peut pas dépasser les 35 %, cela signifie qu'il peut être de 35 %. Pour les communistes, c'est exorbitant. Les gens n'arriveront jamais à se sortir de la pauvreté, qui est gérée, mais pas combattue. Qu'est-ce qui empêche le collègue échevinal de fixer le taux à 10 % ? Car si quelqu'un doit payer 770 € sur un revenu de 2200 €, il peut tout aussi bien chercher un logement sur le marché primaire.

(Interruption et discussions)
Ali Ruckert exhorte le collègue échevinal à ne pas fixer un taux maximal.

(Interruption)
Ali Ruckert demande pourquoi le collègue échevinal n'opte pas pour 10 %.

(Interruption)

Ali Ruckert propose 15 %.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) souhaite fournir quelques explications quant aux investissements d'une commune dans le logement abordable, comme la Ville de Dif-

deem Grupp si jo och Leit aus dem Office social dran, an ech huelle jo och un, datt d'Gemeng, wéi mer dat éiweg hei gehandhaabt hunn, et au fur et à mesure, wéi de Besoin bei deene Leit ass, dann och ëmmer reagiert. A wann d'iewescht Grenz 35 % ass an net e Fixum ass, da kann ech och domadder liewen.

Ech hunn dann nach méi eng technesch Fro, Madamm Buergermeeschtesch, zu der Opstellung vum Grupp. Et feelt mer hei d'Loyerskommissioun. Ech verstinn net, firwat déi net an deem Grupp hei mat dran ass. Dat si Professioneller, firwat sinn déi net an deem heite Grupp? Huet dat e Grond, firwat déi dann net an deem Grupp do mat dobäi ass?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech denken, eise Service Logement ass jo och an der Loyers...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass jo eng Mussesaach, eng Loyerskommissioun. An do ass jo och eng Afekotin dobäi. Ech weess et jo net, ass dat net bei esou engem Grupp, wa mer esouwäit opmaachen a Leit mat eranhuelen, wier et dann net ubruecht, Professioneller domat ze befaassen? Ech géif déi do richteg fannen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Doriwwer kann een nodenken. Mee am Moment ass et jo esou, dass een Här, deen dat elei mat ausgeschafft huet, President vun der Loyersgrupp ass. Also, si ass an deem Sënn vertraueden. Mee d'Fro ass berechtigt. Mir huelle se mat, Här Bertinelli.

Dann hat den Här Ruckert sech nach eemol gemellt.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, wann hei an deem Text geschriwwé gëtt, dass e Loyer net d'äerf méi wéi 35 % sinn, dann

heescht dat, dass e ka 35 % sinn. An eisen Ae vun der Kommunistescher Partei ass 35 % vum Akommes fir Loyer ze bezuelen ee Wucherloyer. Dat féiert derzou, dass d'Leit ni aus der Aarmut erauskommen. Da verwalt een d'Aarmut, wéi dat esou oft geschitt. Mee et mécht een näischt, fir dass déi Leit aus der Aarmut erauskommen.

An duerfir géif ech et am léifste gesinn – a wat hält Iech dann dervun of e fixen Taux eran ze schreiwen? Ech hunn 10 % gesot. Wat hält Iech dann dovun of, dat ze maachen? Ech hunn Iech gesot, bei engem, deen de Mindestloun huet, 2.200 Euro, dee muss 770 Euro Loyer bezuelen, wann et 35 % ass. Ma dann ass en an deem Fall wéi et soss um fräie Maart de Fall ass.

(Diskussiounen)

Ma da setzt kee Maximum, da setzt dat net dran.

ENG STÈMM:

Mee Dir rechent falsch.

ALI RUCKERT (KPL):

Firwat setzt Der da kee festen Taux dran, dass Der sot, da maache mer 10 % oder mengetweegen, wann Der mengt, dat wär ze niddreg, 15 %.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Krecké gëtt eis eng Erklärung.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech gi lo keng Erklärung zu deem Règlement vun deenen Tariffer, déi hei virleien, mee vläicht eng Erklärung e wéineg doriwwer, wann eng Gemeng an de Logement abordable investiert. Wéi dat de Fall ass beim Gravity. Oder och bei Zukunftsprojeten, wou mer jo da können 10 %, 15 % oder 20 % oder 30 %, wann et dann ee PAP eng Kéier soll ginn nouveaux quartiers, deen net am Perimeter bis dato sou definéiert war.

7. Tourisme

Eng Gemeng déi gäre subventionéiert gëtt am Aide à la pierre, muss gewährleisten – da si mer voll do, wat den Här Ruckert seet –, muss gewährleisten, dass am Locatif 75 % vu sengem Marché locatif, wann ech elo bei 100 Wunnenge wär, déi ech géif an engem Hoff zum Beispill kréien, musse 75 Wunnengen op Prämisse berechent ginn, déi op dem Akommes sinn, ganz kloer.

Dat ass déi nei Definitiou, wéi se och elo wäert nach affinéiert ginn an deem Projet de loi, deen och virläit, deen de Pacte Logement 2.0 begleet. An da komme mer op 25 %. Dat ass do, wou déi hei Spillreegele kënne gëllen. Ech si lo beim Logement abordable, an deem Raumklima. 25 % vun deene Wunnengen kann een op aner Kadere setzen, da kéint een dat do applizéieren.

Mee et ass awer ganz kloer esou, dass wann ech als Gemeng Logement abordable zéien, deen ech wëll konventionéieren, op 40 Joer bezuschusst kréien, da spillt d'Akommes bei 3/4 vun deene betraffene Wunnengen. Dat ass ganz kloer quinquennal Logement. An dat wäert och an Zukunft esou bleiwen.

Déi Tariffer, déi mir hei stëmmen, ass éischer do, wou mer vläicht Logementen hunn, déi ni bezuschusst gi sinn oder net wäerte ginn. Bezéiungsweis wa mer wëllen een Deel aus engem Pool, dee mer kafen, net wëllen einfach an de bezuschussbare Raum setzen. Déi Nuance, déi hunn ech haut guer net héieren hei falen.

Also et ass net, dass mir 100 % vum Logement locatif vun der Gemeng, vun der Stad Déifferdeng, wäerten op deenen do Parametere berechnen. Ee groussen Deel seet de Legislatuer eis, wéi mer en ze berechnen hunn. An dat ass op d'Akommes. Dat sinn 3/4 vun deene Logementen am Abordabel. Vläicht just als Zousazerklärung. Well dat ass haut net hei gesot ginn. Dass een dat net mëssversteet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké, fir d'Erklärungen. Ech wëll awer soen, dass ech am Ufank vun dësem Punkt ganz kloer gesot hunn, dass et ëm déi Wunnenge geet,

déi net subventionéiert sinn. Dat hat ech awer ganz kloer gesot.

Ech denken, mir kéinten zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver le document Logements communaux.

Villmoos merci. De 7. Punkt, Tourismus, do geet et ëm de Gîte am Minett Trail. Do ware jo och Holpersteng dran. Dat hei ass eng Konventioun, déi den Här Mangen eis wäert erläuteren.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. D'Gîte vum Minett Trail vun deenen eelef Südgemengen sollten a sech vun enger Aart Hotelgestioun betreit ginn. Bei der Ausschreiwung Enn lescht Joer huet sech just eng Persoun gemellt, fir dat ze maachen, déi sech awer dann no dréiglech zrëckgezunn huet.

Duerno ass en neien Appel à candidatures gemaach ginn, an do ass d'Meldezäit elo de 17. Juni ofgelaf. Mengen Informatiounen no hu sech dräi Parteie gemellt. Déi wäerten dann ausgewielt ginn duerch den ORT Sud, wou sech dann déi eelef Gemenge mat dru bedeelegen.

Déi Gîte ginn elo als en eenzegen touristesche Projet ugesinn. Dat ass, wat e bëssen nei aus. Haut stëmme mir of, dem ORT d'Mandat ze ginn, fir deen neien Exploitant dann auszewielen, wou onse Gîte zu Lasauvage dann och dobäi gehéiert.

Et geet ëm d'Verlounen an d'Verwalte vum Site. Dat sinn déi zwee Punkten, iwwert déi mer dës Kéier ofstëmmen. Déi jeeweileg Loyerer, déi agezu ginn, kritt d'Gemeng vun dem Exploitant iwwerwisen. De Loyer gëtt awer vun der Gemeng festgeluecht.

Fir d'Exploitioun si follgend Krittere festgeluecht: Déi Gîtë sollen 365 Deeg am Joer op sinn. Den Exploitant soll d'Reservatioun maachen. En ass zoustänneg fir d'Botzen oder den Entretien,

ferdange l'a fait dans le cas de Gravity.

Pour qu'une commune soit subventionnée, elle doit garantir — comme le dit monsieur Ruckert — que le loyer de 75 % de son marché locatif soit calculé sur la base des revenus. Sur 100 appartements, il serait donc question de 75 unités. Il s'agit de la définition qui se trouve dans le Pacte logement 2.0. Il reste donc 25 % de logements où la commune peut appliquer d'autres règles comme celles dont il est question aujourd'hui. Mais pas pour les logements subventionnés. En d'autres termes, les logements communaux en discussion ne sont pas des logements subventionnés par l'État. Le collègue échevinal ne va donc pas appliquer le nouveau règlement à tout son parc locatif. Pour une grande partie des habitations, le législateur dicte les règles. Henri Krecké ne voudrait pas que les débats d'aujourd'hui soient mal interprétés.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

a précisé dès le départ qu'il était question de logements non subventionnés. Elle l'a dit clairement.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au gîte du Minett Trail et cède la parole à monsieur Mangen pour expliquer la convention.

ROBERT MANGEN (CSV) constate que les gîtes du Minett Trail doivent être gérés comme un hôtel. À la fin de l'année dernière, une seule personne s'était portée candidate.

La commune a lancé un nouvel appel jusqu'au 17 juin. Il y a trois candidats. L'ORT, où les 11 communes du Minett Trail sont représentées, prendra la décision.

Les gîtes font partie d'un projet touristique unique. La convention d'aujourd'hui autorise l'ORT à choisir l'exploitant.

Le vote porte aussi sur le loyer, qui est fixé par la Ville de Differdange. En ce qui concerne l'exploitation, le gîte devra être ouvert 365 jours par an. L'exploitant sera responsable des réservations, de l'entretien, de la surveillance, du petit-déjeuner et des snacks.

7. Tourisme

Le contrat de bail et d'exploitation porte sur cinq ans, mais la Ville de Differdange conserve le droit de résilier le contrat plus tôt si nécessaire.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *ne trouve pas mauvaise l'idée du Minett Trail avec des gîtes d'étape dans le cadre d'Esch2022. Il s'agit de 90 km à travers les Terres rouges, subdivisés en 10 étapes. Onze gîtes permettent aux randonneurs de passer la nuit dans un lieu insolite. Malheureusement, la coordination et la réalisation du projet sont une véritable catastrophe. On est à la moitié de 2022, et rien ne fonctionne.*

Du point de vue du budget, les 11 gîtes sont un des projets phares d'Esch2022. Ils devaient devenir un « projet modèle ».

Et voilà que maintenant, c'est l'Office régional du tourisme qui doit choisir l'exploitant. Ce projet ne se déroule pas comme il faut. Le DP s'abstiendra lors du vote.

ERNY MULLER (LSAP) *a fait partie de l'ORT Sud pendant des années. Beaucoup dépend des gestionnaires, et Erny Muller trouve que le service gère les affaires comme il faut.*

Les socialistes sont d'avis que l'ORT Sud doit être l'interlocuteur commun pour les 11 sites. Cela permettra aux randonneurs de réserver plusieurs gîtes en même temps s'ils désirent parcourir tout le Minett Trail.

Erny Muller estime que ce projet mérite d'avoir sa chance.

Parallèlement, on peut chercher des alternatives si tout n'est pas encore prêt pour le tourisme. L'ORT pourrait faire des propositions en concertation avec les communes. Car il ne sert à rien de laisser ces gîtes fermés.

Pour Erny Muller, des gens doivent y circuler même en hiver. L'endroit doit être chauffé pour éviter des problèmes.

Pour le reste, il soutient ce projet, qui est entre de bonnes mains avec l'ORT.

fir d'Iwwerwaachung vun deene verschiddene Lokalitéiten an e kann och deelweis Iessen, Petit déjeuner a kleng Snacken ubidden. Mee dat ass awer fakultativ.

D'Lokatioun an d'Exploitatioun si fir fënnef Joer virgesinn. Mir halen ons als Gemeng d'Dier op, déi Konventioun fréizäiteg ze kënnegen, wa mer net averstane si mat der Verwaltung vum Gîte.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangel. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, d'Iddi vum Minett Trail mat den eenzelne Gîtes d'étapes ass eigentlech net schlecht. Dat, wéi mer héieren hunn, am Kader vun Esch2022. Am Ganzen 90 km Wanderweeër duerch eis schéi Minettgéigend, opgedeelt an zéng verschidden Etappen.

Um Parcours waarden eef sougenannte Kabaisercher, wou ee kann op ongewéinleche Plazen eng Nuecht verbréngen. Awer et misst een éischer soen, wou een hätt kënnen eng Nuecht verbréngen. Leider ass d'Ëmsetzung an d'Koordinatioun eng eenzeg Katastroph, sou wéi viles am Moment. D'Joer 2022 ass elo schon hallef erëm a fäerdeg ass guer näischt an et leeft nach ëmmer näischt.

Budgetär ass eise Gîte d'étape dann och nach ee vun den Haaptpunkten am Kader vun eisem Bäitrag zur europäescher Kulturhauptstad. Fir d'Organisatore vun der Europäescher Kulturhauptstad Esch2022 sollt dat, ech zitieren, ee „Vorzeigeprojekt“ ginn, mat deenen eef Kabaisercher.

An elo soll den Office Régional du Tourisme da kucken, een Exploitant ze fannen. Am Kader vun Esch2022 leeft dee Projet alles aneschters wéi ideal. Dofir kënne mir dat Mandat hei net matstëmmen an enthalen eis. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech war selwer eng Partie Joren am ORT Sud, den Office Régional du Tourisme Sud. Ech kann nëmme soen, dat hänkt och vill vun de Gestionnaires of, déi elo do sinn. Dee Service ass 1A gefouert. Ech mengen, déi Saach do wär awer a gudden Hänn.

Mir fannen och, dass eng gemeinsam Ulafstell fir déi ganz Sitten iwwert den ORT Sud, dee richtege Wee wär. Dat géif de Leit méi Variatioune ginn, zum Beispill wa se gär e ganze Parcours maachen, dass se gläichzäiteg direkt op e puer Plaze reservéiere kéinten. Esou wär alles an enger Hand. Also ech mengen zwar trotzdeem, dass dat do eng gutt Saach wär, an dass et eng Chance kéint hunn.

Et musse vläicht nach Saache gekuckt ginn. Dat heescht, an Zäiten, wou vläicht net alles fir den Tourismus brauch zur Verfügung ze stoen, kéint een op aner Alternativen nach iwwergoen. Dat si Situatioune, déi kënnen ënnersicht gi vum ORT an och vläicht zesumme mat de Gemengen. Wat een do alternativ ka maachen oder ob ee se dann einfach stoe léisst, zou léisst oder esou, mee dat ass jo och net de Sënn vun der Saach.

De Sënn vun der Saach ass, dass do Leit zirkuléieren, dass et och am Wanter gehëtzt ass, deelweis, net ze vill, mee awer och net ëmmer eidel steet an dann d'Heizung aus ass. Well dann hu mer op eemol béis Iwwerraschungen an esou Gebaier. Ech mengen, dat ass dat eenzeg. Mee dat ass am Fong eng Saach vun der Prozedur, wéi een do virgeet.

Fir de Rescht fanne mir et awer gutt, dass den ORT Sud dat elo an d'Hand hält. Merci.

7. Tourisme

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Schwachtgen hat d'Wuert gefrot.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll och dozou Stellung huelen. Ech ginn dem Här Meisch zum Deel Recht a senger Stellungnam zu Esch2022 mat deem Projet. Ursprünglech war geduecht, de Minett Trail am Kader vum Biosphere Unesco ze maachen. An Esch2022 huet op eemol fonnt, dass dat en Atout wier, wann dat géif fir 2022 fonctionéieren. Wou awer schonn deemools gewosst war, dass et onméiglech wier, déi eelef Sitte fäerdeg ze hunn. An dat ass eng Tatsaach.

Leider ass d'Situatioun déi, déi se elo ass. No der verfeelter Festleung vun engem Exploitant vum leschte Joer ass elo den zweeten Usaz. Dës Kéier gëtt probéiert d'Regionalisatioun nach ze betounen, wat ech och gutt fannen. D' selwecht wat den Här Muller gesot huet, dass mer effektiv kucken, eng zentral Plaz ze hunn, déi och koordinéiert: Wann een zu Péiteng am Gîte ass an dee fäerdeg ass, an e kéim gär op Lasauvage, da muss dat jo iwwerene klappen. Dee kann net mueres virun der Dier stoen an do ass nach en aneren dran, dee vun Esch komm ass an esou virun.

Dat muss eng zentral Organisatioun sinn. An dofir brauche mer eng zentral Stell, déi dat iwwerwaacht. Dee Locataire/Exploitant, wéi en dann hei genannt gëtt, deen ass natierlech censéiert, dat da selwer ze organiséieren, selwer ze geréieren, wat och keng liicht Aufgab wäert ginn.

D'Iddi fanne mir gutt als Gréng a mer ennerstëtze se och an deem Sënn.

Et sinn awer eng Partie Froen, déi sech stellen an déi mer eis och haut musse stellen. Ech weess net, a wat fir Gremien dat bis elo am Detail diskutéiert ginn ass, et soll jo eng Commission mat Représentation communale gemaach ginn, wou de Pro-Sud mat dran ass, Esch2022 mat dran ass a Vertrieeder vun de Gemengen. Am Dossier gëtt vun engem Cahier de charges geschwat, awer dee Cahier de charges ass net am

Gemengerotsdossier elo hei dran. Déi Detailer entzée sech menger Kenntnis.

Den ORT spillt also den Intermediaire zwëschent de Gemengen. E soll dat geréieren. Et brauch net all Gemeng oder an all Gemeng e Sekretär mussen do aktiv ze ginn, fir d'Fiedem an der Hand ze hunn.

Eng aner Fro stellt sech iwwert de Montant vum Loyer, dee soll vu Gemeng zu Gemeng verhandelt gi mam Exploitant selwer, dee lo vläicht ënner deenen dräi Kandidaten, déi elo bekannt sinn, ausgemaach gëtt. Op wat fir Krittäre gëtt dee Loyer gerechent? Dat ka jo vu bis goen. D'Gemeng Déiferdeng, rechent déi hiren Invest do mat dran a seet, eise Loyer ass esou vill? Rechent déi d'Heizkäschtel schonn elo mat dra vun deem grouse Gebai par rapport zu engem méi klenge Gebai zu Beetebuerg am Park? An esou virun an esou weider. Dat entzitt sech elo menger Kenntnis.

Mir stëmmen dat jo och haut net am Detail of, mir gi jo just e Mandat, dass den ORT sech drëm këmmert. Ech wollt awer déi Froe stellen, dass se mat op de Wee kënnen geholl ginn an net hanner der Heck bleiwen. Dat kënnen herno Problemer ginn an iwwert déi muss een diskutéieren.

Déi Loyersgeschichte schéngt mer ganz wichteg ze sinn, dass gemeinsam Krittäre geholl ginn. Soss ass deen een op esou vill Prozent an deen aneren op esou vill Prozent, doduerch fonctionéiert deen ee Gîte vläicht guer net an deen anere fonctionéiert e bësse besser an esou virun.

Den Exploitant, dee léisst sech jo am Fong drop an, dass en déi eelef Gîte mateneen a permanent, laut dem Kontrakt, wéi en elo virläit, muss a Schoss halen a fonctionéieren dinn, 365 Deeg am Joer. Do gëtt et natierlech e ganz grouse Koup vu Froen, déi ech mir als Futur exploitant géif stellen, notament déi vun 365 Deeg op.

Stellt Iech vir, elo kënnst een op d'Iddi Enn November, bei ganz dreckegem Wieder, den Tour vun deene Gîte ze maachen. Da mussen all déi Gîte gehézt ginn, an dee geet eng Nuecht just dra schlofen. An den Exploitant ass och gehalen, fir déi eelef Gîten a

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

donne partiellement raison à monsieur Meisch. Esch2022 a voulu récupérer ce projet qui devait être réalisé dans le cadre de l'UNESCO. Or à l'époque, tout le monde savait que ces gîtes ne pourraient jamais fonctionner pour 2022. C'est un fait.

L'année dernière, la commune n'a pas réussi à trouver un exploitant. Cette fois-ci, la régionalisation est mise en avant. Comme l'a dit monsieur Muller, un lieu central coordonnera la gestion, ce qui facilitera le volet des réservations et permettra d'éviter les erreurs. Le locataire-exploitant est censé organiser tout cela, ce qui n'a rien d'évident. Mais les écologistes soutiennent cette idée.

En revanche, Frenz Schwachtgen ne sait pas quels comités discutent des détails. Il était question de créer une commission composée de représentants des communes, du Pro-Sud et d'Esch2022. Le dossier mentionne un cahier des charges, mais il ne figure pas dans le dossier du conseil communal.

L'ORT servira d'intermédiaire entre les communes, ce qui épargnera du travail aux secrétaires.

Le montant du loyer sera négocié par les communes avec l'exploitant, qui pourrait se trouver parmi les trois candidats actuels. Existe-t-il des critères pour fixer le loyer? La Ville de Differdange tiendra-t-elle compte du capital investi?

(Interruption)

Les frais de chauffage sont-ils inclus, car certains gîtes sont plus grands que d'autres?

Frenz Schwachtgen sait bien qu'aujourd'hui, il n'est pas question de ces détails, mais de confier un mandat à l'ORT. Il tenait cependant à poser ces questions pour éviter des problèmes ensuite.

Pour les loyers, des critères communs sont nécessaires. Car si les prix diffèrent trop, certains gîtes fonctionneront mieux que les autres.

L'exploitant est censé faire fonctionner les 11 gîtes en même temps 365 jours par an. En tant qu'exploitant, Frenz Schwachtgen se poserait beaucoup de questions. À titre d'exemple, si un randonneur parcourait le sentier fin novembre,

7. Tourisme

les 11 gites devraient être ouverts et chauffés en permanence pour une nuitée. Ne faudrait-il pas tenir compte de la haute saison, de la basse saison et de la saison touristique?

Le gîte de Lasauvage doit ouvrir en 2022, mais il n'est pas prêt. La même chose est vraie pour les dix autres gites. Ils ne seront donc pas ouverts pour la saison touristique 2022.

En outre, comme il n'y a pas qu'Esch2022, mais aussi l'UNESCO, Frenz Schwachtgen demande que le projet comprenne une composante écologique claire — par exemple en ce qui concerne l'achat de produits, la gestion des déchets...

En ce qui concerne le contrat, il sera reconduit d'année en année après cinq ans. Mais si les affaires marchent bien, l'exploitant souhaitera probablement prolonger son contrat pour plus longtemps.

Frenz Schwachtgen passe à un problème juridique. D'après le contrat, l'exploitant est responsable en cas de panne de chauffage, d'eau ou d'électricité; pas l'ORT. Mais cela ne revient-il pas à rejeter la responsabilité sur la commune si le locataire paye régulièrement son loyer? L'ORT ne va pas payer. La commune se cache derrière l'ORT. Et l'exploitant va prendre la fuite.

Ces questions n'ont rien à voir avec le vote, mais elles doivent être clarifiées. Il en sera peut-être question dans les discussions avec les candidats. Frenz Schwachtgen s'est longtemps demandé s'il devait aborder ces points aujourd'hui, mais il trouve qu'ils sont essentiels au bon fonctionnement du projet.

TOM ULVELING (CSV) *signale qu'un des trois candidats s'est retiré. Il en reste donc deux.*

L'échevin estime que ce que l'on demande au locataire est impossible. Dans un hôtel, l'heure de disponibilité de la chambre à l'arrivée est fixée. Mais ici, il est question de 11 chambres dans 11 villes différentes devant être prêtes au même moment.

En plus, rien n'est standardisé. Certains lits font 1,60 m, d'autres 90 cm, d'autres 2 m... Au niveau du linge, ce n'est donc pas évident non plus.

Schoss ze setzen, laut Kontrakt, soss kann e resiliéiert ginn.

Mer hunn eng Hors saison a mer hunn eng Basse saison, mer hunn eng Saison touristique. Dat ass de Moment fir dee Contrat de bail et d'exploitation hôtelière elo eng Fro, ob een dorobber age-

Ech wëll awer och aner Froen nach stellen. D'Fonctionnement sollt jo 2022 ugoen, eise Gîte ass nach net fäerdeg, anerer sinn och nach net fäerdeg. Sauf exception, gëtt hei am Text gesot, ee vun eelef Sitte wär fir d'Saison touristique 2022 disponibel. Wat awer net stëmmt. Dofir kann een elo net soen, dass dat elo uleeft.

Dann hätt ech mer elo gewënscht, als Ekologist, vu dass mer net nëmmen un Esch2022 sollen denken, wat elo an der Hallschent ass, dass mer Espace biosphères Unesco sinn, an dass och déi ganz Ausleeung vun deem Kontrakt mat deem Futur exploitant och eng ekologesch, eng ganz daitlech ekologesch Komponent muss hunn, wat d'Nohaltegkeet vun Achat vu Produiten, Decheten an esou virun, ubelaangt. Dat kéint méi daitlech an deem Package verkaaft ginn oder ugebuede ginn.

En anere Punkt, deen ech opgräifen: De Kontrakt soll op fënnef Joer lafen, e soll awer prolongéiert kënne gi vu Joer zu Joer. Ech mengen, een dee fënnef Joer vläicht gutt fonctionéiert huet, deen ass net drun interesséiert, just op dat nächst Joer erëm ze hoffen an ze waarden. Mee sou wäit si mer nach net.

Da vläicht och e juristesche Problem, wëll ech awer ernimmen: Den ORT Sud erkläert sech heiranner net sponsabel, wann an deem Gebai d'Heizung net geet, kee Waasser kënnt a keen Elektresch do ass. Do seet den ORT Sud zum Exploitant, dat wier säi Problem. Dat ass jo awer e Gemengeproblem, denken ech, wa kee Waasser am Gebai ass.

Wann de Client kënnt a säi Loyer bezuelt huet, da musse mer awer do juristesche wëssen oder gekläert hunn, ob dat op d'Gemeng fält, wann den ORT, deen awer de Kontrakt ënnerschriwwen huet mam Locataire – da musse mer awer wëssen, wie siche mer dann un? Den ORT Sud hält dat jo net aus

senger Keess, d'Gemeng verstoppt sech vläicht hanner dem ORT Sud, an de Client, dee kënnt op jidde Fall net méi erëm oder e sicht iergendeen un.

Dat si Froen, déi ech dem Schäfferot oder eise Vertrieeder wierklech wëll mat op de Wee ginn. Dat huet jo elo näischt mam Vott haut ze dinn. Déi mussen awer onbedéngt gekläert ginn. Vlächent kënnt dat elo och aus der Diskussioun eraus mat deenen dräi Leit, déi sech elo gemellt hunn, an da muss dat an deem Projet hei geännert ginn. Ech mengen, dat wier awer wichteg.

Ech hu mer och laang iwuerluecht, ob ech dat elo haut soe soll hei an der Diskussioun. Mee ech mengen, et ass awer weesentlech fir d'gutt Fonctionnéiere vun deem ganze System. Well soss lafe mer wierklech widder eng Mauer iergendwann. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Ulveling an dann den Här Muller.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Souwäit ech informéiert sinn, si vun deenen dräi Ubidder der nëmmen nach zwee do. Een huet sech schonn zrëckgezunn.

Fir mech ass dat do eng onléisbar Aufgab. Ech froe mech, wéi deen dat soll hikréien. Well dee muss jo, wann et en Hotel wär, do steet jo ëmmer dann dran, um eelef Auer oder um 13 Auer kanns de däin Zëmmer beleëen. Mee wéi wëlls du eelef Zëmmeren op eelef verschiddene Plazen, mat esou ville Kilometer dertëscht, zur gläicher Zäit fäerdeg hunn? Da muss de ee risegen Apparat hunn, fir dat kënne ze bewierkstellen.

Een anere Problem a mengen Aen: Et ass näischt genormt. Dat heescht, déi eng hu Better, déi sinn 1,60 m breed, déi aner hunn zwee Better vun 90 cm, déi aner hunn eent vun 2 m.

Dat heescht, da muss de jo schonn e risegen Dénge vu Lingerie mat der ronderëm schleefen, fir dat kënne an d'Rei ze bréngen.

7. Tourisme

Also ech mengen, mir sollen der Saach eng Chance ginn, mee ech gesi schwéier, dass mer do ee fannen, deen dat esou mécht, wéi mir eis dat virstellen. Ech gesinn éischter, dass à terme iergendwann d'Gemeng gefuerdert ass. Quitte, dass ech d'Iddi wichteg fannen, dass et op enger gemeinsamer Plattform soll ugebuede ginn. Mee et sinn esou vill Problemer menger Meenung no do matbehaft, dass et warscheinlech duerno wäert drop erauslafen, dass d'Gemengen dat selwer mussen iergendwéi bewierkstellen. Ech ginn der Saach eng Chance, mee mäi Pronostic ass, dass dat do net wäert reusséieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll och nach drop agoen, dass ech et eng Katastroph fannen, effektiv, dass eng Iddi lancéiert gëtt am Kader vun Esch2022, a si ass net ëmzesetzen an deem Joer. Mee si wär awer ëmzesetze gewiescht. Et hätt ee just missen anescht drop reagéieren. Ech mengen, dee Moment, wou an deene meeschte Gemengen decidéiert ginn ass, dass esou ee Gîte soll gebaut ginn, do war et schonn ze spéit, fir et nach iwverhaapt ëmzesetzen am Kulturjoer.

Mee mir hunn awer Alternativen. Dat heescht zu Lasauvage hu mir de Gîte vun der Schoul. Do hätten d'Gemenge misse kucken, Alternativen ze hunn, en attendant, dass déi Gîte fäerdeg sinn. Dann hätte mer op déi missten opbauen. Dat wär net onméiglech gewiescht. Als Déifferdenger Gemeng hu mir selwer schonn eng Léisung. eEt ass och nach e klengt Hotel zu Lasauvage. Ech weess awer net, ob een dat net un d'Fonctionéiere kritt huet, mee ech mengen, wann et elo net vermaart ass, also richteg, iwver all méiglech Propaganda – konnte se jo net maachen, well d'Iddi net verwierklecht ass –, wann dat bis elo net de Fall war, da kënne mer dëst Joer vergiessen. An da kënne mer eis nach just fir d'Zukunft astellen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgefitt.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech wëll nach eng Kéier soen, den Här Schwachtgen huet et extreem gutt erkläert, dass dee Projet jo guer net gebuer gouf ënner dem Titel Esch2022. Dee Projet gouf ënner engem ganz aneren Titel gebuer an ass du vun Esch2022 iwverholl ginn. An do war effektiv bekannt, dass dat net konnt fäerdeg ginn. An déi ganz Kris, déi mer elo hunn, huet nach dozou bäigedroen.

Wat ech nach wollt bäifügen, wat mir e bësse feelt: Et war jo een Exploitant, dee sech gemellt hat, fir dat ze maachen. An ech ginn dem Här Ulveling Recht, déi Froen, déi Dir Iech do stellt, mir si jo net Exploitant, soss hätte mer eis jo och warscheinlech gemellt. Mee en Exploitant stellt sech jo all déi Froen: Wéi maachen ech dat logistescht? Wéi kommen ech iwver d'Ronnen, finanziell? An duerfir gëtt e jo och en Dossier of.

En Exploitant huet sech dann elo zrëckgezunn, well iergendwéi, mengen ech, wéi een an der Press gelies huet, Saachen net geklappt hunn. Et wär interessant ze wëssen: Wat war an deem Dossier? Wat war de Grond, firwat den Dossier net zrëckbehale gouf? A wat mécht den ORT da lo besser/aneschters? Well wa mer elo näischt geléiert hunn aus deem, dass mer deen een net zrëckbehalen hunn, da froen ech mech, ob den ORT wierklech besser gestaffelt ass, fir dat hinzekréien.

Well wann net – an ech mengen, do si mer eis heibannen awer mengen ech all eens – wa mer et net fäerdegbréngen, dass déi Gîte-d'étappen ënner enger Hand sinn, wann dat all Gemeng geréiert, da kënne mer et vergiessen. Da kënne mer wierklech eppes aneschters draus maachen. Da solle mer dee Projet begrüewen.

Well et kann nëmme funktionéieren, eleng schonn aus deem Grond, wat den Här Schwachtgen gesot huet, wann ech wëll deen Tour maachen an ech wëll

Tom Ulveling souhaite laisser une chance au projet, mais ne croit pas que l'on trouvera un exploitant acceptant de gérer le site de cette façon. Tôt ou tard, la commune devra prendre ses responsabilités. C'est en tout cas le pronostic de Tom Ulveling.

ERNY MULLER (LSAP) *trouve catastrophique que l'idée ait été lancée dans le cadre d'Esch2022, mais qu'elle n'ait pas été soutenue dans les délais. Quand les communes ont finalement décidé de construire les gîtes, il était déjà trop tard pour l'année culturelle.*

Les communes auraient pu chercher des alternatives, comme le gîte de l'école de Lasauvage, en attendant que le gîte définitif soit construit. Differdange dispose aussi d'un petit hôtel à Lasauvage. Mais de toute façon, si le projet n'a pas été « commercialisé » jusqu'à présent, il est trop tard.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rappele comme l'a fait monsieur Schwachtgen qu'à l'origine, le projet ne devait pas faire partie d'Esch2022. Esch2022 a repris le projet à son compte, mais il était évident qu'il ne serait pas terminé à temps. En outre, la crise n'a rien arrangé.*

Monsieur Ulveling a raison de se poser un certain nombre de questions.

L'exploitant doit se demander comment organiser la logistique et faire des bénéfices.

Un des candidats s'est retiré. D'après la presse, certaines choses ne fonctionnaient pas. Georges Liesch voudrait bien savoir ce qui figurait dans le dossier et pourquoi il n'a pas été retenu. Que va faire l'ORT? Car si les bonnes leçons n'ont pas été tirées, l'ORT risque d'échouer aussi.

Mais pour Georges Liesch, il est évident que si les 11 communes gèrent leur gîte de leur côté, le projet est mort. Car comme l'a dit monsieur Schwachtgen, un randonneur voulant réserver trois nuitées n'aura pas envie de contacter trois communes différentes. Cela ne marchera pas. De la même manière, une commune ne peut pas satisfaire les besoins des clients ou les répara-

7. Tourisme

tions. Sans une plateforme professionnelle, le projet est inutile.

Ce qu'il manque, c'est la transparence. Quels sont les critères de l'ORT? Comment sont les dossiers? Pourquoi le premier candidat s'est-il retiré? Quelles leçons en a-t-on tirées? Le conseil communal a besoin de plus d'informations.

TOM ULVELING (CSV) pense avoir été mal compris. Il n'est pas contraire à une plateforme communale. Mais la plateforme contacterait la commune. Il pense que cela serait plus efficace.

Il rappelle par ailleurs qu'à un moment donné, l'ORT s'était retiré et ne voulait plus rien savoir du projet. Entretemps, il a heureusement changé d'avis.

Le gîte ne sera prêt qu'en septembre ou en octobre. Mais compte tenu du fait que le projet a été réalisé dans le cadre d'Esch2022, la Ville de Differdange a droit à des subsides conséquents. Une bonne partie de ses frais seront remboursés.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) va se montrer bref.

Il comprend tout à fait les critiques d'autres conseillers communaux.

Mais il trouve important que le projet soit enfin lancé après un premier échec.

Par ailleurs, le contrat offre un certain nombre de garanties concernant le droit de visite, la caution ou le mobilier.

Comme monsieur Schwachtgen, Eric Weirich rappelle que Differdange dispose du label Unesco Biosphere et qu'elle doit le mettre en avant pour valoriser le gîte. Ce label attire les touristes et il faut en profiter. Beaucoup d'habitants du Grand-Duché ne savent pas à quel point le sud du pays est beau.

Le prédécesseur du Minett Trail faisait 70 km entre Pétange et Dudelange. Le sentier a donc été étendu des deux côtés.

dräi Nuechten iergendwou ënnerweeschlofen, wann ech do bei all Gemengeezzel uruffe muss, mat der Rapiditéit, déi mir an de Gemengen heiansdo hunn – sorry, dat kann ee vergiessen.

An ech gesinn och net d'Gemengen op d'Besoine vun de Clienten reagéieren, déi ukommen a froen, se bräichten awer nach dëst oder dat oder hei ass elo eppes futti. Dat kann eng Gemeng net geréieren. Also wann dat net iwver eng professionnell Plattform leeft an iwver een eenzegen Exploitant, da gëtt et sécher näischt.

Mee ech wär awer frou, wann een an dee ganzen Historique e bësse méi Transparenz géif erakréien. Effektiv, wéi den Här Schwachtgen scho gesot huet, dass ee mol wéisst: Wat sinn d'Krittären, déi den ORT elo geschéckt huet un d'Kandidaten? Wat sinn d'Dossiere vun de Kandidaten? Dass een als Gemengerot do e bësse méi Informatioun kritt. An och: Wat sinn d'Konklusiounen, firwat deen éischten Exploitant sech zréckgezunn huet? Wat war do den Hoken? Wat léiere mer doraus? Wat hu mer verbessert?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Ulveling an dann den Här Weirich.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen, ech sinn do falsch verstanen gi vum Här Liesch. Ech hunn dat net behaupt. Wann ech vu Gestiouen schwätzen, schwätzen ech just, dass déi gemeinsam Plattform, do kann ee sech aschreiw an déi Plattform kontaktéiert dann d'Gemeng, beispillsweis, fir ze soen, do kënnst elo dann an dann een. An da mécht d'Gemeng dat, amplaz dass do en Extérieur kënnst. Dat ass meng Iddi, déi menger Meenung besser wäert funktionéieren.

Mee dat gesi mer jo dann.

Ech wollt och nach eng Explikatioun ginn. Den ORT hat sech op eemol zréckgezunn, dee wollt op eemol näischt méi dovou wëssen. A mir waren am Fong mat där Saach geködert ginn. An

elo ass e jo dann erëm dobäi glécklecherweis.

An dat lescht, wat ech wollt soen, mir dierfen net vergiessen – quitte, dass et elo net fäerdeg ass, an eise Gîte wäert och eréischt September/Oktobre disponibel sinn –, doduerch dass en iwver 2022 eraus gelaf ass, kréie mer pas mal de subsides. Dat heescht, mir kréien e groussen Deel vun de Fraisë rembourséiert. Wat jo awer och net onwichtig ass. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Weirich an dann den Här Krecké.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech versichen, mech kuerz ze halen.

Ech héieren all déi Kriticke vu menge Virriedner, déi sinn natierlech berechtigt, nodeems den éischten Ulaf gescheitert ass. Mee op där anerer Säit sinn ech awer frou, dass dat heiten elo uleeft.

An ech denken, et sinn awer och eng ganz Retsch Garantien am Kontrakt, dee mer haut dann elo stëmmen, wéi den Droit de visite, et muss eng Kautioun hannerluecht ginn, mir si verantwortlech fir den éischte Mobilier, dass een do e gewëssene Standard drakritt an déi verschidde Gitten.

Ech sinn och beim Här Schwachtgen, dass een och vläicht de Label méi ervirhieft, dee mer säit Neistem hunn hei am Süden, den Unesco Biosphere Label, wat mengen ech eng immens Opwärtung ass.

Definitiv sollt et touristesch nach méi exploitéiert ginn, well dat ass e Label, deen unzitt. Vill Leit hei zu Lëtzebuerg wëssen net, wéi schéin d'Südregioun ass an déi ganz Réserve naturelle, déi ganz Biosphär, déi dat ëmgräift.

Et ass flott, dass den Trail elo endlech op ass. Ech kennen de Virgänger, dat war de Sentier du sud, dat waren eng 70 km. Deen ass, mengen ech, just vu Péteng bis op Diddeleng gaangen. Dat

7. Tourisme

heescht, et gouf elo an déi zwou Richtungen nach ausgeweit. De Wee zu Lasauvage gouf nei designt, wat och super flott ass, deen neien Deel, deen elo bäikomm ass.

Ech gesinn dat hei immens positiv. Ech géif där Saach einfach emol eng Chance ginn an da kucke mer, wat sech draus ergëtt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. An dann den Här Krecké.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech ginn dee positiven Téin do nach eng kleng Rajoute. Hei ass viles awer elo verdréint gi vum Kärstéck vun deem Minett Trail. De Minett Trail ass am Kader vu Man and the Biosphere Unesco geschaf ginn. Do ass jo en Appell bei deene Gemengen all, déi matbeträff sinn, gemaach ginn, fir am Patrimoine industriel an architectural existant ze kucken, wat se kéinte mat an d'Renne ginn, fir ee ganz flott Konzept opzebauen an da mam OAI e Concours ze maachen. Dat ass alles Man and the Biosphere.

A wat dem Dossier wierklech net gutt gedoen huet – soen ech riicht eraus, wéi ech et gesinn –, ass den Drock, deen dunn onglécklech kouw duerch Esch2022. Wat guer net d'Initiatioun ass vun deem do Projet, deen esou eng Villfalt huet.

Well wéi déi eis dat virun e puer Joer, nach virun der Pandemie, an de Schäfferot virstelle komm sinn, sot ech zum Schäfferot: Dat do ass fir d'éischte Kéier, wou mer eppes hei presentéiert kréien, wat esou eng flott kollektiv Aktioun ass fir de Süden, gekoppelt eebe mat der Unesco-Saach.

Awer dunn ass e wéineg Sand an d'Getriebe komm, duerch verschidden onglécklech Iwwerdréck. An duerch deen Iwwerdrock ass warscheinlech och de Cahier de charges an den éischten Appel public fir d'Exploitanten ze fannen dunn och an een Zäitdrock komm, mat de Resultater, déi mer haut kennen, déi si wéi se sinn.

Haut hu mer eigentlech näischt anescht ze maachen, wéi dem ORT emol einfach d'Mandat ze ginn, dass si den Appel public Nummer 2 an déi Negociatioun féieren, wou et och net ganz glécklech ass, dass iwwer Inhalter geschwat gëtt vun engem Verhandlungsverfahren an enger öffentlecher Sitzung. Dat ass meng Meenung dozou. Kënnen dat awer gären eng Kéier anescht maachen.

Mir hunn och als Stad Déifferdeng d'Jury eng Kéier. Et gëtt jo ee Jury, deen aus alle Gemenge besat ass, deen déi Dossier all huet. Natierlech, wann d'Jurysleit hire Gemengen dat net weiderginn, ass dat een anere Problem.

Wat een och vläicht nach muss soen, et si Gemengen dobäi, déi op kee Fall bereet sinn, dat do selwer ze maachen. Déi soen, mir hunn déi Infrastrukturen, mir hu jo déi Ressourcen net, fir selwer hei Hotelier oder Exploitant vun engem Gîte ze maachen. Et sollt schonn ee Kollektiv bleiwen. Dat war den Ursprung nach ëmmer vun deem Concours. An et gëtt schonn effektiv e schwéiert Unterfangen, fir et op een Nenner ze kréien.

Et dierf een eent net vergiessen: Mir sinn all subventionéiert ginn. Dat muss ee vläicht och soen. Déi 50 %, vum staatleche Subsid, déi bedéngen, dass de 10 Joer Exploitioun touristique vun där Saach gewärleschts. Also all déi Gemengen, déi elo eppes kritt hunn, déi mussen och hannendru kucken, dass et ëmgesat gëtt. An et si Gemengen, déi dat selwer net kéinten, klenger Gemengen. Et soll schonn, iwwert deen zweeten Appell, hoffentlech ee gemeinsame Credo dobäi erauskommen.

De Vott, dee mir haut hei huelen, ass, ob mer dem ORT dat Mandat ginn. An da loosse mer hoffen, dass se déi Verhandlung mat allem Geschéck maachen, fir dee ganz delikaten Dossier zu Enn ze bréngen, iwwert dee scho leider ze vill Polemik gemaach ginn ass an der Press.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké, fir déi Erklärungen do, déi wichteg waren. Den Här Schwachtgen huet nach d'Wuert gefrot.

Le sentier de Lasauvage a été redessiné.

Pour Eric Weirich, ce projet est positif. Il faut lui laisser une chance.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)
souhaite apporter quelques rectifications.

Le Minett Trail a été créé dans le cadre de Man and Biosphere de l'UNESCO. Les communes concernées ont été exhortées à évaluer leur patrimoine industriel pour l'intégrer au concept.

Mais la pression d'Esch2022 a fait du mal au projet. Henri Krecké se souvient de la première présentation de ce projet au collègue échevinal. À l'époque, il s'est dit que c'était la première fois qu'on lui présentait une action collective pour le sud aussi chouette. Mais ensuite, des pépins sont survenus à cause de la pression. L'appel public a été lancé sous des contraintes temporelles telles que l'échec était programmé.

Aujourd'hui, le vote porte uniquement sur le mandat à donner à l'ORT pour lancer le deuxième appel public. Henri Krecké trouve malheureux de discuter de négociations dans une séance publique. Par ailleurs, le jury differdangeois dispose de tous les dossiers. C'est à lui de le transférer aux communes.

Certaines communes refusent catégoriquement de gérer les gîtes, car elles estiment ne pas avoir les ressources pour exploiter un hôtel. C'est pourquoi il a fallu lancer un concours.

Henri Krecké ajoute que pour obtenir le subside de l'État à hauteur de 50 %, l'exploitation touristique doit être garantie pendant 10 ans. Or les petites communes ne peuvent pas réaliser elles-mêmes un tel projet.

Le vote d'aujourd'hui porte sur le mandat de l'ORT. Henri Krecké espère qu'il arrivera à mener à terme les négociations de ce dossier délicat.

8. Règlements communaux

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

constate que les détails se trouvent dans le dossier du conseil communal. C'est pourquoi il les a mentionnés. Il ne les a pas obtenus d'une source quelconque. C'est pourquoi il ne comprenait pas sur quoi portait le vote. De toute façon, Frenz Schwachtgen estime avoir eu raison de mentionner les détails même s'ils ne sont pas soumis au vote. Il répète qu'ils figurent dans le dossier.

ROBERT MANGEN (CSV) estime que monsieur Krecké a fourni des informations pertinentes. Le Minnett Trail a été planifié avant Esch2022. Idéalement, les gîtes auraient dû ouvrir à temps pour Esch2022, mais cela n'a malheureusement pas été possible.

Pour Robert Mangen, il faut laisser une chance au projet. Gérer 11 gîtes ne sera pas facile. S'ils n'ouvriraient pas tous en même temps, l'exploitant pourrait développer le projet progressivement.

Robert Mangen répète qu'il faut donner une chance au projet.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au règlement des bâtisses. Avec l'entrée en vigueur du nouveau PAG, l'ancien règlement doit être remplacé. Le collègue échevinal en a profité pour améliorer certains points.

Ensuite, avec le temps et l'expérience, le règlement des bâtisses pourra être adapté d'année en année par les prochains collègues échevinaux.

La commune a modifié de nombreux détails pour les clarifier. Christiane Brassel-Rausch va se limiter à expliquer les modifications plus importantes.

Un article sert à régler les différences de niveaux entre deux parcelles voisines.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just ee Saz derbäisoen. Ech hat éinescht jo gesot, ech weess net, ob ech dat sollt ernimmen, déi Detailer, mee déi sinn am Dossier vum Gemengerot. Wann déi elo net dra gewiescht wieren, hätt ech se och net gewosst. Dat heescht, ech hunn net vun iergendenger Quell dat kritt, mee et läit an eise Dossier. Dofir war et mir am Ufank net kloer, iwwer wat mer géifen haut votéieren.

D'Mandat ass mer kloer, gi mir och als Gréng. Awer mer stëmme jo net iwwert déi Detailer of, déi ech ernimmt hunn, déi ech zu Recht ernimmt hunn, fir drop opmierksam ze maachen, an déi am offizielle Gemengerotsdossier louchen. Ech wëll dat betounen, net dass herno gesot gëtt, hien huet Quellen zitéiert, déi diffus sinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Entschëllegt, Här Mangen, et wier un Iech gewiescht. Ech ginn Iech elo d'Wuert.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Et ass näischt, Madamm Buergermeeschtesch. Ech mengen, den Här Krecké huet et ganz kloer gesot. De Minnett Trail, dee war schon decidéiert an ausgeschafft éier Esch2022 kouw. Déi sinn natierlech op den Zuch gesprongen, fir dat ze maachen an och fir ze vermaarten.

Ideal wär effektiv gewiescht, wann d'Gitten op gewiescht wäeren. Et war rieds, datt dat virun Esch2022 geschéie géif, datt een da schon eng Ulaferperiod hätt. Dat ass awer leider net méiglech gewiescht.

Ech mengen, et soll een dem Projet eng Chance ginn. Et gëtt natierlech net einfach, fir déi eelef mateneen ze betreien. Et gëtt vläicht Leit, déi ufänken am Hotelberäich, fir do mat anzesprangen. An och wann d'Gitten net all mateneen opginn, ass vläicht och gënschteg fir verschidde Leit, datt se dat progressiv kënnen opbauen. Et soll een dem Projet

eng Chance ginn an da kucken, am Laf vun der Zäit, wéi et weidergeet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 abstentions d'approuver le contrat de bail et d'exploitation hôtelière des gîtes touristiques du Minnett Train et la convention de mandat de l'Office régional du tourisme région Sud ASBL.

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 8a, dem Bautereglement. Et ass duerch d'Kommissioun gaangen. Firwat en neit Bautereglement? Vun deem Moment un, wou deen neie PAG a Kraaft wäert trieden, ass deen ale PAG ausser Kraaft. Wat bedeit dat? Dat bedeit, dass eist aktuell Bautereglement och ausser Kraaft ass, well et integral zum ale PAG gehéiert.

Dofir huet mussen en neit Bautereglement ausgeschafft ginn. Soudatt et normal ass, dass d'Gemeng dovunner profitéiert – an dat hu mer och gemaach –, fir e puer Punkten ze verbessere respektiv nei Artikelen dran ze schreiwen.

Well am Laf vun der Zäit a mat der Erfahrung nach nei Punkte mussen ausgeschafft ginn, ass et kee Problem, all Joer d'Bautereglement enner d'Lupp ze huelen an et ze änneren an et unzepassen. Dat mengen ech, wier dann un den nächste Schäfferéit ze maachen.

Dat brauch am Fong just nach duerch de Gemengerot a kann ee Mount duerch publizéiert ginn.

Ausser ville klengen neien Detailer, déi geännert goufen, well se net ganz kloer waren, well se hätte kënnen falsch interpretéiert ginn an esou virun, wëll ech just e puer wichteg Verännerungen ervirhiewen.

Et ass een Artikel dobäikomm, fir d'Niveausënnerscheeder tëschent de Limitte vun zwee Terrainen op zwou Nopesch-

8. Règlements communaux

parzellen ze reglementéieren. Well dat ass ganz komplizéiert, en Niveausënnerscheed: Wou fänken ech un? Wou fänkt den éischte Stack un? Wou fänkt den zweete Stack un? Dat ass elo hei kloer dra reglementéiert.

Wat nach nei ass: Bis elo konnten d' Bierger hir Terrasse just maximal 12 m² iwwerdecken, wa se ausserhalb vun der Baufenster waren. An elo ass awer eng Iwwerdeckung méiglech vu maximum 4 m² Déift. Dat heescht, dat kann dann iwwert d'ganz Breet vum Haus sinn.

Dat si Saachen, déi sech duerch d'Praxis erausgestallt hunn.

D'Opstelle vun de Wärmepompelen ass och reglementéiert ginn. Do ass e Mindestofstand vum Noper vun zwee Meter verlaangt. A bei enger Eck-Verbauung besteet elo d'Méiglechkeet, zu de Recullen ze derogéieren, esoudass et net zwéngend ass, dass een esou ee Schloff tèschent den Haiser huet.

Ech denken, dat ass jo och ganz wichteg, wat d'Gemeng ugeet, wéi se mat hirem Terrain ëmgeet.

D'Reglementatioun fir d'Locale poubelle an de Residenzen ass deelweis aktualiséiert ginn. Hei misst awer an nächster Zukunft eist Règlement relatif à l'enlèvement des déchets och aktualiséiert ginn. Dat heescht, et hänkt een un deem aneren drun.

Dat wäerte mer héchstwahrscheinlech och maachen, well ech kommen nach zu engem Deel – de Service écologique huet och nach Remarque gemaach, déi mer als Schäfferot gäre mathuelen, mee déi ze spéit waren, fir se an d'üst Baureglement mat eranzehuelen. Mee déi Remarken, déi ginn eis da vum Service écologique ënnerbreet. An da kann een déi jo am Baureglement nach upassen. Et war einfach mat der Zäit net duergaangen.

E wichtegen Deel ass dobäikomm, d'Chambres meublées, d'Studentewunnungen an d'Logements intégrés. Do sinn et ganz laang Diskussiounen ginn tèschent de Servicer. Et war eng flott Versammlung. D'Zil vun der ganzer Mesure ass, wéi mer dat elo beschriewen hunn an eisem Baureglement, dass mer gäre qualitativ bessere Wunn-

raum hei zu Déifferdeng schafen. Dat war eng Prioritéit, d'Qualitéit vun de Logementen – an och vun deene klingen – soll an d'Luucht goen, dass mer net méi a Kanéngerchersstall setzen an d'Leit an onméiglechen Ëmstänn liewe loosse.

Hei stellt et sech mat der Zäit eraus, ob mer d'Baureglement weiderhi wäerte mussen upassen, verschidde Krittere vläicht mussen ëmänneren. Et ass eeben elo nei. Dat heescht, si sinn am A, a mir kucken, wat doraus geschitt.

Mir mussen en Equilibre fannen, dat ass an der Versammlung gutt erauskomm: Op där enger Säit de Leit Wunnraum erméiglechen, deen dréngend gebraucht gëtt, zu engem abordable Präis, an op där anerer Säit den Abus, dee gedriwwe gëtt vu Proprietären – et muss een et einfach esou soen –, déi gären aus all leschten Eck nach e Sou erausschloe wëllen.

Dat hu mir eis zur Aufgab ginn als Gemeng, fir do een Equilibre ze fannen, fir deenen engen et net ze schwéier ze maachen an deenen aneren et net ze liicht. Mee elo kann et sinn, well et en neien Exercice ass, dass do muss nogebessert ginn. Mir sinn op dofir, eis Servicer hunn et um Schierm. A mir si fir all Informatioun op, déi da weider kënn.

Chambres meublées a Studentewunnungen hunn e Minimum vu 15 m² an e Buedzëmmer vu 4 m² pro Wunneng. Logement integré ass e Minimum vu 35 m².

E weideren Artikel – dat ass fir eis als Schäfferot immens wichteg, awer fir mech ganz besonnesch als Buergermeeschter –, erlaabt et och elo der Gemeng, fir den Avis vum CGDIS ze froen, deen dann och wäert bindend sinn. Dat heescht, wann de CGDIS seet, et geet net, da geet et net. Well wann eppes geschitt, stinn ech an der Verantwortung. An dat ass immens wichteg. Et ass an de verschiddene Kommissiounen virgestallt ginn.

Wéi gesot, wann nach Saachen ze beantrage sinn, mir kënnen dat ëmmer erëm maachen. An dofir géif ech Iech bidden, d'üst neit Baureglement matzestëmmen. Villmools merci.

Den Här Altmeisch, wannechgelift.

C'est important pour savoir où commencent le premier ou le deuxième étages, etc.

Une autre modification porte sur l'aménagement d'une toiture pour les terrasses. Désormais, la toiture est possible sur toute la largeur de la maison.

L'installation des pompes à chaleur est règlementée. Une distance de deux mètres avec le voisin est exigée. Pour les installations en coin, il existe désormais une dérogation quant aux reculs.

La réglementation pour les locaux des poubelles est actualisée. Le règlement sur l'enlèvement des déchets sera adapté prochainement. En effet, certaines remarques du service écologique n'ont pas pu être intégrées dans le règlement des bâtisses à temps.

Une partie du règlement concerne les chambres meublées, les logements pour étudiants et les logements intégrés. L'objectif est de créer des habitants de bonne qualité à Differdange. Il s'agit d'augmenter la qualité de tous les logements, y compris les plus petits.

Il est évident que le règlement devra être adapté au fil du temps. Il faudra voir comment les choses évolueront sur le terrain. Pour Christiane Brassel-Rausch, il est important de trouver un bon équilibre. D'un côté, il faut mettre de nombreux logements abordables à disposition des habitants. De l'autre, il faut s'assurer que les propriétaires ne commettent pas d'abus.

Comme l'exercice est nouveau, il est possible qu'il faille apporter des changements à l'avenir. Les services communaux évalueront toutes les informations qu'ils recevront.

Les chambres meublées et les studios pour étudiants doivent faire 15 m² au minimum avec une salle de bains de 4 m²; les logements intégrés doivent faire 35 m².

Un article permet à la commune de demander un avis du CGDIS. Car en cas d'accident, la bourgmestre est responsable. C'est pourquoi le CGDIS doit avoir le droit d'interdire un projet.

Christiane Brassel-Rausch répète que des modifications restent possibles. Elle demande au conseil

8. Règlements communaux

communal d'approuver le règlement des bâtisses.

GUY ALTMEISCH (LSAP) a assisté à la présentation du dossier qui a été faite à la commission de la mobilité. Il soutient chaque détail. Il était temps d'actualiser le règlement des bâtisses.

Il trouve qu'un point va cependant un peu trop loin, mais des modifications restent possibles. Il fait allusion aux restrictions concernant la construction d'une voie carrossable devant une maison privée pour y garer une voiture. La commune devrait se montrer plus flexible et moins schématique.

ERNY MULLER (LSAP) estime qu'il n'y a pas grand-chose à ajouter. Les modifications étaient nécessaires d'un point de vue juridique. Les services doivent prendre leurs décisions en se basant sur un document concret. Ceux qui pensaient que le nouveau PAG et le PAP QE répondraient à toutes les questions ont vite déchanté. C'est pourquoi le nouveau règlement des bâtisses est nécessaire.

Ce règlement doit rester vivant et être adapté le cas échéant, car on ne peut pas prévoir tous les cas de figure.

Erny Muller constate qu'il n'est pas seulement de nature restrictive. En effet, après la pandémie, beaucoup de gens ont construit une terrasse comme bon leur semblait. C'est compréhensible. Que le collègue échevinal ait réagi à cette situation est positif.

La commission des bâtisses trouvait par ailleurs que prévoir une salle de bains pour trois chambres meublées ou trois logements pour étudiants n'était plus contemporain. Désormais, il faut prévoir une salle de bains par unité.

La commission a remis un avis positif. Les socialistes approuveront le règlement.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) n'est pas d'accord avec les mesures consistant à améliorer la qualité de vie. Pour lui, il faut veiller à ce qu'un maximum de gens ait accès à une habitation.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dat neit Bautereglement an der Mobilitéitskommissioun virgestallt kritt. Wat eng ganz gutt Presentatioun war. Mir stinn hanner deenen Detailer, déi Dir elo gesot hutt, dass dat néideg ass, an dass dat un der Zäit ass, fir dat ze erneieren. Dat ass tipptopp.

Wat dem Kolleeg a mir an der Mobilitéitskommissioun e bësse wäit gaangen ass – mee ech maachen dat just als Bemierkung, dass dat net soll vergiess ginn, dat ass jo net fir éiweg dat Bauteereglement, et ka jo ëmmer nach ugepasst ginn –, dat sinn déi Restriktiounen, wann ee privat eng Voie carrossable bei sengem Haus wëll bauen, fir Autoe kënnen op säin Terrain ze setzen. Do misst menger Meenung no e bësse méi Flexibilitéit an deene Reglementer sinn.

Well egal wéi mer et gesinn, muss een do net grad esou streng sinn. Do kann een och méi Toleranz weise vu Fall zu Fall. Déi Reglementer, wéi se elo sinn, dat ass mir e bëssen ze schematesch, fir déi verschidde Situatiounen, déi sech do stellen. Et wier vläicht besser, wann een do kéint e bësse méi tolerant wierken an deenen Artikelen. Dat ass dat eenzeg, wat ech dozou ze soen hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Da soen ech dat direkt. Ech si séier fäerdeg. Ech wollt Iech soen, Madamm Buergermeeschtesch, Dir hutt dat wierklech ganz explizitt duergestallt. Dofir ass zum Reglement selwer an zur Manéier, wéi et zustane koum, net méi vill ze soen. Et ass einfach wichtig. Et ass och wichtig, fir all juristesch Froen ze klären. Et ass wichtig, dass ee kann aktiv ginn, dass d'Servicer sech kënnen op eppes beruffen.

Wien do gemengt hat, deen neie PAG respektiv PAP QE Quartiers existants

géif eis all Froe klären, dat hu mer gesinn, dat geet net. Mir hu gesinn an der Bautekommissioun, awer och de Bauteservice, dass dat awer net esou einfach ass. An duerfir elo dat neit Reglement.

Mir kënnen och reagieren, wéi Dir richtig gesot hutt, dat wäert e liewegt Reglement sinn, wat ëmmer erëm ugepasst ka ginn. Ech mengen, et kann een net alles am Virus wëssen. Dat wäert sech herno an der Praxis erausstellen.

Ech wëll awer soen, et ass net nëmme restriktiv. Zum Beispill, mat den Terrassen hate mer ëmmer e grouse Problem. D'Leit hunn oft d'Eegeninitiativ geholl an d'Terrass plus ou moins gebaut, wéi et hinnen agefall ass, well e Confort vun den Terrassen ass wichtig. No der Pandemie, jiddweree wëllt virun d'Dier, wëllt hannenaus, wëllt säi Gaart oder säi Fräiraum genéissen, an dat kann een och gutt verstoen. Dofir fannen ech et och ganz positiv, dass mer dorop reagiert hunn.

A wat ech nach positiv fannen, wat och d'Bautekommissioun proposiert huet, am Ufank stoung dran, bei de Studentewunnengen an de Chambres meublées, ee Buedzëmmer pro dräi Unitéiten. An do hu mer gesot, nee, dat ass net zäitgeméiss. Wannechgelift ee Buedzëmmer pro Unitéit. An dat hu mer och elo gemaach. Ech mengen, an dat hutt Dir och gesot, dat ass einfach haut eng normal Situatioun. Dat anert ass net méi méiglech.

D'Bautekommissioun huet dat do gekuckt a fir gutt fonnt. D'LSAP stëmmt selbstverständlech dat do Reglement. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Et ass elo um Här Weirich. Duerno den Här Meisch. Duerno den Här Schwachtgen an duerno d'Madamm Wohl an den Här Hartung. Et ass elo um Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech sinn elo net bei Iech, wat d'Qualitéit ugeet an deene Mesuren, déi geholl goufen, zemoos an dee-

8. Règlements communaux

nen neien Artikelen, fir d'Liewensqualität eropzesetzen. Well ech éischer ëmmer denken: Wéi kënne mer et maachen, dass méiglechst vill Leit, déi an engem Besoin sinn, Accès kréien zu Wunnraum?

Ech huelen elo d'Beispill vun de Chambres meublées oder non-meublées. Do gi mer elo op e Minimum vu 15 m² pro Zëmmer plus 4 m² Buedzëmmer. An engem Gesetz, wat 2019 gestëmmt gouf, iwwert d'Salubrité, Hygiène an esou weider an esou fort, do ass e Minimum vun 9 m² virgesinn. Dat ass wuel kleng, 9 m², mee meng Approche ass éischer, e gesetzleche Minimum anzehalen an doduerch méiglechst vill Wunnraum ze schafen. Dat selwecht géllt fir déi 35 m², wou e Studio muss mindestens hunn.

Et ass schonn en Ënnerscheid vun engem Studio vun 20, 25 m² op 35 m², bei engem Duerchschnittspräis vu méttlerweil 8.000 Euro de Meterkaree. Zu Déifferdeng sinn eng ganz Rëtsch Leit, déi do ewechfalen, déi sech kee Studio vu 35 m² leeschte kënnen, mee awer vläicht e Studio vu 25 m².

Ech gesi ganz kloer d'Argument vun der Qualitéit a Kanéngerchersstall. Anersäits, an enger Chambre meublée wunnen zwee, dräi a méi Leit, déi sech e nach méi kleng Wunnraum zu méi mussen deelen an déi vläicht frou wieren, déi Optioun ze hunn, fir an e Studio vu 25 m² kënnen eleng wunnen ze goen.

Dat heescht, do sinn ech net ganz bei Iech. A mir haten dat och deementspreechend an den Avis geschriwwen vun der Logementskommissioun. Voilà, dat ass meng Meenung.

Ech weess net méi, wien et elo vun der LSAP gesot hat, mat den Ausnamen. Dat hat ech och d'lescht Joer schonn opgeworf, wéi mer d'PAG-Diskussioun haten. Wou mer ee konkrete Fall hatten, eng Reklamatioun. Wou jo virgeschriwwen ass an eise Bautereglement, dass musse 7 m Breet minimum agehale gi fir eng Fassad, fir en neie Bau. An ee konkrete Fall, wann ech mech richteg erënneren, war: Do sollten zwou Garagen ewechfalen, fir een Haus ze bauen. An déi sinn op 6,40 m komm. Ech huelen dat ëmmer erëm, fir mech war dat relativ signifikant, well

dat hu mer da verworf. Do ass et ëm en hallwe Meter net opgaangen, dass duerch d'Garagë kee Wunnraum entstanen ass.

An ech mengen, als Stad Déifferdeng wëlle mer jo och op de Wee goen, fir d'Garagen aus dem Stadzentrum entweder ewechzekeréien oder se lues a lues opzekafen a se duerch Wunnraum oder Parken oder wat och ëmmer ze ersetzen. Ech fannen, do misst ee sech schonn eng gewësse Flexibilitéit ginn, wann esou Fäll kommen. Dat kreéiert natierlech Präzedenzfäll, däers sinn ech mer och bewosst. Mee et sollt ee sech vläicht awer en Outil ginn, eng Méiglechkeet ginn an engem Bautereglement, fir da mat engem gesonde Mënscheverstand mol eng Ausnam maachen ze kënnen. Awer ëmmer mat der Approche, fir zousätzleche Wunnraum ze schafen.

Wat mech elo e bëssen irritéiert haut, dass mer dat heite stëmmen a mir hunn de PAG virun, ech mengen, engem décke Joer an d'Prozedur ginn. A souwäit ech mech erënneren, hu mer weider net méi driwwer geschwat vun do un. Et ka mer och entfall sinn, dat wär vläicht och interessant ze wëssen, wou mer do dru sinn. Mir stëmmen hei eng provisoresch Versioun, mee vu dass et liéiert ass, wär et och interessant gewuer ze ginn, wou mer do dru sinn.

An nach e leschte Punkt: Wie betrëfft dat heiten? Ass dat elo all nei Konstruktioun oder all nei Kreatioun vun, ech soen elo, Chambre meublée, Chambre étudiant. Respektiv awéiwäit gétt dat op de Bestand applizéiert, wann dat heiten a Kraaft trëtt?

Dat gesot, kann ech dat heite leider net matdroen. Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Et ass um Här Meisch, dann un der Madamm Wohl an um Här Hartung.

La surface minimale pour les chambres meublées passe à 15 m² pour la chambre et 4 m² pour la salle de bains. Or la loi prévoit un minimum de neuf mètres carrés. C'est petit, mais Eric Weirich aurait préféré que la commune garde neuf mètres carrés pour créer un maximum de logements. La même chose est vraie pour les studios de 35 m². Avec un prix moyen de 8000 €/m², de nombreuses personnes peuvent se permettre un studio de 25 m², mais pas forcément un studio de 35 m². Eric Weirich imagine par exemple que deux personnes partageant une chambre meublée ne seraient pas contraires à vivre dans un studio de 25 m².

La commission du logement avait d'ailleurs retenu ces points dans son avis.

Eric Weirich cite un autre exemple concret: celui des façades qui doivent faire un minimum de sept mètres de largeur. Récemment, on voulait remplacer deux garages par une maison. Or le projet a été rejeté parce que les deux garages faisaient 6,40 m au lieu de 7 m. Pour Eric Weirich, il est important de sortir les garages des centres urbains et de les y remplacer par des logements. C'est pourquoi la commune ferait bien de se laisser une certaine flexibilité. Certes, elle créerait un précédent, mais parfois, des exceptions sont nécessaires quand elles sont raisonnées et argumentées.

Eric Weirich se dit également irrité par le fait que ce règlement est soumis au vote aujourd'hui alors que le PAG est entré en procédure il y a un an. Depuis, il n'en a plus été question. Il voudrait bien savoir où en est le PAG. Le règlement des bâtisses d'aujourd'hui est une version provisoire, mais c'est lié au PAG.

Eric Weirich ne comprend pas bien non plus si les nouvelles règles s'appliquent aux nouvelles constructions uniquement ou aussi à l'existant.

Malheureusement, il ne pourra pas approuver le règlement.

8. Règlements communaux

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate que le règlement des bâtisses a dû être adapté après le vote du nouveau PAG. Le règlement fixe des éléments qui n'y figuraient pas jusqu'à présent. Il y est notamment question des enseignes publicitaires, des pompes à chaleur, des abris pour les poubelles, des garages, des chambres meublées...

Le DP ne voit pas toujours les choses de la même façon que le collègue échevinal, mais dans l'ensemble, les modifications sont bonnes.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) revient sur certains points importants pour les écologistes.

Un passage sécurisé pour les cyclistes doit être prévu dans les nouvelles constructions.

Les supports publicitaires sont réglementés.

La bourgmestre peut désormais autoriser la végétalisation d'une façade, si elle ne dépasse pas de plus de 25 cm et le trottoir conserve une largeur de 2 m. Pour Nicole Wohl, il faudrait aussi permettre aux habitants d'aménager des plantes le long de la façade de haut en bas. On le fait déjà dans certaines villes à l'étranger en partenariat avec les jardiniers de la commune. Nicole Wohl voudrait que le service écologique et le service du jardinage créent un projet semblable à Differdange. Le collègue échevinal ne pourrait-il pas prévoir un avenant? La conseillère communale en profite pour remercier le service du jardinage, qui a démontré récemment qu'il savait faire de la magie. Même s'il ne s'agit que de détails, elle mentionne les rosiers et l'horloge du parc Gerlache.

En ce qui concerne les terrains de différents niveaux, la bourgmestre a expliqué l'importance de les réglementer pour des raisons de sécurité.

Pour ce qui est des pompes à chaleur, le règlement fixe une distance minimale de deux mètres par rapport aux voisins pour éviter les nuisances sonores. De toute façon, il convient de choisir des pompes à chaleur faisant le moins de bruit possible, car ce sont aussi les plus efficient.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Ech weise mech ganz kuerz. No-deems den neie PAG gestëmmt gouf, huet d'Bautereglement missen ugepasst an adaptéiert ginn. Anengems sinn eng Partie Elementer, Dir hutt se genannt, schrëftlech festgehale ginn, déi bis ewell nach net mat dra waren. Ënner anerem geet schrëftlech rieds iwwer: Enseigne a Support publicitaire, Wärmepompen, Schwämmen am Fräien, Garagen, Carports, Abris poubelles, Studentewunnengen, Chambres meublées a vill les méi – ech widderhuelen net nach eng Kéier alles.

Mir gesinn net alles d'selwecht, prinzipiell ass et awer gutt, dass Verschiddenes elo schrëftlech festgehale gëtt. Dofir stëmme mir dat heiten och mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. D'Madamm Buergermeeschter huet am grouse Ganzen zimmlech alles erkläert. Ech wëll just e puer Saachen ervirhiewen, déi nei oder fir eis als Gréng wichteg sinn.

Zum Beispill bei deenen neie Stroosse steet dann dran: „un passage aisé et sécurisé pour les cyclistes doit être prévu“. Dat fanne mir natierlech ganz wichteg. Eng Vëlospist ass sécher besser.

Nei ass de Support publicitaire. Et ass gutt, dass elo eng Zone d'habitation oder eng Zone mixte vum PAG reglementéiert ass.

Ganz wichteg fannen ech, dass bäigesat ginn ass, dass de Buergermeeschter oder d'Buergermeeschtesch kann eng Autorisatioun gi fir eng begréngte Fasad, wann déi net méi wéi 25 cm iwwersteet a sous condition natierlech, dass den Trottoir 1,20 m breet bleift.

Ech wëll an deem Kontext soen, dass mir et géife begréissen, wa mer et géifen esou maachen, wéi zum Beispill an der Stad Tours a Frankräich, wa mer eis

doru géifen inspiréieren, fir den Déifferdenger d'Méiglechkeet ze ginn, Planze laanscht d'Haiser vun ënnen erop ze setzen. Zur Zäit gëtt dat zesumme mat de Gäertner vun der Gemeng gemaach. Oder op d'mannst initiéiert, dass d'erno d'Populatioun sech muss drëm këmmen, also de jeeweilige Proprietär.

Mir géifen eis wënschen, wann de Service écologique zesumme mam Service jardinage esou e Projet kéint ugoen.

Dozou wënsche mer eis natierlech de gudden Wëlle vum Schäfferot, dass da vläicht do en Avenant kéint kommen an och e Budgetsposten. A scho wär eis Stad méi begréngt a vill méi schéin.

Bei dëser Geleeënheet wëll ech dem Service jardinage, deen och an deem Fall géif an Aktioun trieden, en décke Merci soen. Mir hunn a leschter Zäit wierklech gewise kritt, wéi se zaubere kënnen. Ech zitéieren – dat si kleng Detailler an awer: d'Rousebeeter am Parc Gerlache an och d'Auer am Parc Gerlache, déi rezent nees ganz flott gemaach ginn ass.

An aner Saachen, d'Madamm Buergermeeschter huet dat gesot, vun den Terrainen, déi verschidden Héichten hunn. Dat ass och elo dragesat ginn. Dat ass ganz wichteg aus Sécherheetsgrënn, wéi dat gehandhaabt gëtt, fir dass kee sech wéideet.

Nei, an och e wichtege Punkt, sinn d'Wärmepompen. Et ass definéiert ginn, dass ee muss wéinstens 2 m vum Noper ewech sinn, fir den Noper net ze stéieren, wat de Kaméidi ubelaangt. Mee et ass awer och wichteg ze wëssen, dass een eng Anlag soll installéieren déi sou wéineg wéi méiglech Kaméidi mécht. Well wéi den Energieminister Claude Turmes gëschter gesot huet: Am effizientste sinn déi, déi de mannste Kaméidi maachen.

Wat d'Breet vun de Garagenafaarte vun de Maison-unifamilialen ubelaangt, dat ass och definéiert ginn. Et geet awer och drëms, dass méi Parkplaze fir jidderree sinn. Et gëtt doduerch och evitéiert, wann net ze vill Sortië sinn, dass d'Trottoire wellefërmeg sinn. Dat heescht, dass de Foussgänger ëmmer erop an erof muss goen, wou dann och de Risiko fir ze fale méi grouss ass an de Confort méi kleng.

8. Règlements communaux

Wat ech och gutt fannen ass deen Deel, wou definéiert ginn ass, wéi ee wunne respektiv hausen däerf. Dat ass op deenen Dependancé vun den Terrainen. Dass do elo wierklech definéiert ass, wéi vill Luucht do muss erakommen, an dass och 3 m Vue muss virdu sinn, fir ze evitéieren, dass Alibi-Fënstere gemaach ginn.

Nach ganz wichteg fanne mir, dass dat mat de Poubelleslokalen an Appartementshaiser definéiert ass. Dat heescht fir all neie Projet, dee wäert gemaach ginn, muss ab véier Unitéiten e Poubellesraum innerhalb dem Immeuble sinn, deen natierlech gutt duerchleift gëtt, deen accessibel ass a wou virun allem den Triage erméiglecht ass a gesécherst ass, soen ech emol.

D'Madamm Buergermeeschter huet gesot, dass d'Chambres meublées an d'Logements étudiants reglementéiert ginn, wat mir wichteg fannen. Dat zielt fir alleguerten déi, déi elo kommen. Net fir déi, déi bestinn. Mee am Fall vun enger Renovatioun ass et net erlaabt, dass een zum Beispill d'Unitéiten an d'Luucht setzt. Méi kleng däerf ee se maachen, awer net méi grouss.

Och ganz wichteg, wat d'Preventioun vun Feuer an esou ubelaangt, dass wierklech dat bannend ass, wat de CGDIS dee Moment seet.

Ech wëll nach eng Kéier alleguerten den Acteure Merci soen, déi un deem heiten Dossier geschafft hunn. Och dem Service écologique an dem Diogo Pacheco, deen eis an der Mobilitéitskommissioun eng ganz gutt Presentatioun gemaach huet. Ech soe Merci.

Mir stëmmen natierlech deen doten Deel.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, no dem neie PAG a PAP muss onst Bautereglement deementspriedend ugepasst

ginn, fir datt dëst konform zu den éischt genannten Dokumenter ass.

Vu datt an den neie Versiounen alles, wat d'Dimensiounen, d'Héichte vum Bauen, d'Recullen an esou weider ugeet, schon am neie PAP festgeschriwwen ass, brauch dat jo net méi an dësem Dokument geregelt ze ginn. Dat war jo am alen anescht.

Hei gëtt et vill weider nei Punkten am Sënn vun der Wunnqualität, besonnesch wat d'Logementer fir d'Locatiounen ugeet, wat ons als CSV wichteg ass.

Et gesäit een, datt déi zoustänneg Servicer villes versicht hunn anzubauen, wat virdu gefeelt huet an an der Vergaangenheet ëmmer erëm fir Diskussiounen gesuergt huet. Dofir hinnen e grouse Merci.

E ganz wichtigen Deel ass schon ugeschwat ginn, datt mer hei endlech eng legal Handhab hunn, datt d'Chambres meublées méi Liewensqualität musse bidde wéi bis dato just déi vum nationalen Niveau virgeschriwwen 9 m². Zukünfteg gi se hei zu Déifferdeng just nach autoriséiert, wa se mindestens 15 m² hunn. Zousätzlech mat den neie Virgabe wat d'Kichen, de gemeinsame Liewensraum an d'Buedzëmmer ugeet. Ass net d'Welt, awer eng kloer Verbesserung zu virdrun.

Änlech verhält et sech mat de Studentewunnengen. Et war d'Fro gestallt ginn, ob dat retroaktiv wär. Generell gëllt dëst net fir déi, déi scho bestinn an och net, wa se renovéiert ginn, leider. An awer verständlech, dass een net retroaktiv hei ka virgoen. Wann een dëst ze streng géif handhaben, da géifen d'Proprietäre vun esou Kummeren näischt méi renovéieren.

Wat jo och net am Sënn vun de Locataire wier. An natierlech musse mer als Gemeng och weiderhi Kontrolle maachen, fir déi hygieenesch Situatioun sécherzestellen.

D'Wunnengen an de Sous-solle goufen nogebessert, déi jo och oft an der Locatioun sinn. Zukünfteg geet d'Fenster eleng net duer, well wann hanner der Fenster eng Mauer steet, hunn d'Besunner net vill vun der Fenster. Elo ka just nach Wunnraum entstoen, wann hanner der Fenster mindestens 3 m fräi ass. Esoudatt genuch Luucht kann era-

La largeur des entrées des garages des maisons unifamiliales est définie. Il faut veiller à laisser plus de place aux gens et à permettre aux piétons de circuler librement sur les trottoirs.

Le règlement fixe également les conditions pour pouvoir habiter dans les dépendances de terrains. Il définit par exemple combien de lumière doit pénétrer dans le bâtiment pour éviter la création de fenêtres-alibis.

Les résidences de quatre appartements ou plus doivent désormais comprendre un local pour les poubelles. Ce local doit être bien aéré, facile d'accès et permettre le triage. Les chambres meublées et les logements pour étudiants sont aussi réglementés. Les règles ne concernent que les futures habitations, pas l'existant. En cas de rénovations cependant, le nombre d'unités peut être abaissé, mais pas augmenté.

Pour ce qui est de la prévention du feu, l'avis du CGDIS doit être respecté.

Nicole Wohl remercie tous ceux ayant participé à l'élaboration du dossier.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle que le règlement des bâtisses doit être mis en conformité avec le nouveau PAG et le PAP QE.

Les dimensions, les hauteurs et les reculs étant fixés dans le nouveau PAG, le règlement des bâtisses n'a plus besoin de contenir ces informations. En revanche, le règlement contient des points importants concernant la qualité de vie des logements mis en location.

Les services communaux ont essayé d'intégrer des éléments ayant occasionné pas mal de discussions dans le passé parce qu'ils n'étaient pas réglementés. Jerry Hartung les en remercie.

La qualité de vie dans les chambres meublées va augmenter. Dorénavant, elles devront faire 15 m² au minimum au lieu de 9 m². Il s'agit d'une petite amélioration, qui vaut aussi pour les logements d'étudiants. Malheureusement, ces règles ne valent ni pour l'existant ni pour les rénovations. Il s'agit d'éviter que les propriétaires ne renouvellent plus leurs chambres. De toute façon, la commune devra

8. Règlements communaux

continuer à effectuer des contrôles pour garantir un bon niveau d'hygiène.

Dans les sous-sols, les appartements doivent disposer de fenêtres avec une vue portant sur trois mètres au minimum. Car une fenêtre avec vue sur un mur ne sert à rien.

Pour ce qui est du logement intégré, les locaux doivent faire entre 35 m² et 80 m². Au-delà, il ne s'agit plus d'un logement intégré.

Les terrasses et leurs toitures sont réglementées plus précisément.

Les pompes à chaleur ne peuvent pas déranger les voisins.

Le PAP prévoit que les appartements des résidences auront en moyenne 80 m². Car les petits appartements permettent aux promoteurs de faire plus de bénéfices. Désormais, aucun studio ne peut faire moins de 35 m².

La largeur des entrées de garages est limitée pour conserver un maximum de places de stationnement publiques.

La végétalisation des façades est facilitée.

Pour isoler leurs maisons, les propriétaires doivent souvent épaissir les murs. Cela est permis tant que le dépassement n'est pas supérieur à 25 cm et que le trottoir conserve une largeur de 1,20 m.

Jusqu'à présent, l'avis du CGDIS était purement consultatif. Désormais, le maître d'ouvrage doit s'y tenir.

Le cas échéant, le règlement des bâtisses peut être adapté rapidement contrairement au PAG ou au PAP.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

s'associe aux remerciements. La collaboration entre les services a été constructive.

Le ministère a approuvé partiellement le PAG. La partie écrite est entièrement conforme.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au règlement de la circulation.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)

constate qu'il s'agit d'un avenant à la modification du règlement de la circulation approuvée la dernière fois.

Les places de stationnement pour les véhicules électriques sont règle-

kommen a Loftzirkulatioun méiglech ass, nieft der Aussicht natierlech.

Fir de Logement intégré ass e minimum vu 35 m² virgeschriwwen an eng maximal Gréisst vun 80 m², well soss kann een net méi vun engem Logement intégré schwätzen.

Da ginn ech e bësse fort vun der Locatioun. D'Terrassen an d'Iwwerdeckung sinn elo méi kloer gereegelt. D'Wärmepumpelen dierfen den Noper net méi stéieren. Dat ass scho vill erkläert ginn. Ginn ech net méi drop an.

Fir d'Baue vu Residenze gouf am PAP eng Moyenne fir d'Appartementer vun 80 m² festgehalten, fir ze verhënneren, datt just nach kleng gebaut gëtt, wat jo de Fall viru puer Joer nach war, well dëst fir de Promoteur vill méi profitabel ass. Et gëtt elo ergänzt, datt nieft dëser Moyenne och keen Appartement oder Studio ënner 35 m² dierf hunn.

Bei den Neibauten ass d'Breet vun de jeeeweilige Garagenentréee virginn. Dat ass natierlech zimmlech restriktiv. Ass awer wichteg, fir datt assuréiert ass, datt genuch ëffentleche Parkraum iwwreg bleift.

Eng Begréngung virum Haus soll wa méiglech gemaach ginn. Nieft dem ästheteschen ass et virun allem en nohaltegen a klimabedéngten Aspekt.

Reegelméisseg kommen Demandë vu Proprietäre vun alen Haiser, ënner anere, déi un den Trottoir grenzen, fir déi ze renovéieren a besser ze isoléieren. Dëst bedéngt meeschtens méi eng déck Mauer, also eng kleng Ausdeenung op den ëffentleche Raum. Hei gouf decidéiert, de Leit entgéintzekommen, sou datt dat am neie Bautereglement erlaabt ass, wann et net iwwer 25 cm erausgeet an den Trottoir mindestens eng Breet vun 1,20 m behält.

Wéi d'Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, virdru war beim Bau vu Residenzen oder Embauten a Chambremeubléeën oft en Avis vum CGDIS gefrot ginn. Dëst war awer bis dato just en Avis fir de Bauhär an net bindend. An Zukunft ass dat jo dann anescht.

Wa sech erausstellt, datt eppes misst geännert ginn, dann ass ee Bautereglement séier ugepasst, dat ass jo zum

Gléck net esou eng schwéierfällg Prozedur wéi beim PAG oder PAP.

Mir stëmmen dëst Dokument esou mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Hartung. Et gëtt keng Wuertmeldung méi. Ech wëll mech deene Mercien uschléissen. D'Zesummenaarbecht mat deene verschiddene Servicer war enorm konstruktiv a ganz gutt. Ech begréissen dat. Et ass och esou wéi ech gesinn, dass een eng Gemeng virubréngt am Sënn vun der Gemeinschaft.

De PAG hu mer vum Ministère mat enger Approbation partielle erëmkritt. Wat an der Partie écrite steet, dat ass absolutt konform. No deem ass eist Bautereglement elo absolutt konform. Wëll ech just gesot hunn.

An da géife mer elo zum Vott kommen.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver le nouveau règlement des bâtisses, voies publiques et sites.

Villmools merci. Fir de Punkt 8b, Modifications règlement de circulation, ginn ech d'Wuert un den Här Paulo De Sousa weider.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, am leschte Gemengerot hate mer eng Modifikatioun vum Règlement de circulation, an dat hei ass en Avenant.

Et gëtt zwee Hauptpunkten. Éischtens hu mer elo d'Elektroplazen, d'Parkplaze fir d'Elektroautoe reglementéiert. Momentan kënnen d'Leit hiren Auto do parken an en dee ganzen Dag stoe loossen, ouni ee Su ze bezuelen. Déi eenzeg Konditioun war, den Auto huet misse lueden. Also d'Luucht huet misse gréng sinn, datt den Auto geluede gëtt.

8. Règlements communaux

Elo sinn déi Plazen esou reglementéiert wéi an de Quartieren. Och déi dräi Plaze beim Gemengenhais goufe reglementéiert, well déi ginn des Ëftere vu Leit benotzt, wat jo erlaabt ass momentan. Do stellt een den Auto néier a steet dann dee ganzen Dag oder en hallwen Dag do, an eis eegen Autoe kënnen net opgeluede ginn.

Vun deenen dräi Plaze sinn zwou fir eis Gemengenautoe virgesinn. Déi drëtt ass fir Visiteuren, déi op d'Gemeng kommen, datt si do d'Méiglechkeet hunn, hiren Auto opzelueden. Dat ass deen ee Punkt.

Deen zweete Punkt, dee schonn a Kraaft ass an deen an der Tëschenzäit eng positiv Resonanz kritt huet: Wann ee vun der Rue Kondel an d'Avenue Charlotte kënnt, do gëtt et e Change-ment. Nämlech, wann ee vun der Rue Kondel kënnt, dann huet een elo e Stopp. Do gouf oft ee Spillche gedriwwen. Dat heescht, wann d'Leit eragefuer sinn a si hu gesinn, datt d'Barriär zou ass, si se laanscht d'Rue Pasteur gefuer, d'Rue Belair erof, Rue Kondel a si hu jiddereen iwweholl, deen do stoung, well do eng riets Virfaart war. Deem Spillchen hu mer elo een Enn gesat.

Dat sinn déi zwou Saachen, déi hei am Reglement geännert gi sinn. Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Den Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir begréissen dat honnertprozenteg, dass déi Schëlter, déi scho länger do stinn, elo reglementéiert ginn. An dass déi Leit, déi dann dozou habilitéiert sinn, do kënnen richteg gutt schaffen, wann aner Leit sech net drun halen.

Selbstverständlech begréisse mir och de Stopp, deen an der Rue Kondel placéiert ginn ass, well deen déi Geforesituatioun do enorm entschäerft a Kloerheet schafft.

Mir wäerten zu deene Modifikatiounen do stoen, beim Vott. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Mir als déi Gréng ënnerstëtzen dat absolutt och, dass dat elo reglementéiert gëtt. Reglementéieren heescht, dass déi, déi sech net drun halen, ab elo e Protokoll kënnen kréien. Dat heescht, dass een eng Handhab huet. Dat soll een net vergiessen.

Mir ënnerstëtzen dat eent, also dat mat den Elektroautoen, dass se sech och un d'Reegele mussen halen, wéi och déi Saach an der Rue Kondel, fir dass net méi sou vill Duerchgangsverkéier am Wunnquartier ass. Dat ass sécher e wichtige Punkt. Mir stëmmen déi nei Reglementer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt froen, déi Bornë bei der Gemeng, déi si payant?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Nee, déi sinn net payant.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Néierens an der Gemeng payant?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Nee. Nee. Déi bei der Gemeng, déi sinn elo reglementéiert, datt zwou Stéck fir eis Gemengenautoe sinn. Dat heescht, do kënnt e Schëld hin: Nëmme fir Voitures communales. An déi aner ass fir

mentées. Jusqu'à présent, les voitures pouvaient occuper ces places toute la journée à condition qu'elles soient en train de charger. Désormais, ces places sont règlementées comme dans les quartiers. La même chose est vraie pour les trois places sur le parking de l'hôtel de ville. Deux sont destinées aux véhicules de la commune et la troisième aux visiteurs.

La deuxième modification est déjà entrée en vigueur et trouve un écho positif. Un stop a été placé dans la rue Kondel à l'intersection avec l'avenue Charlotte. Certains automobilistes empruntaient la rue Pasteur, la rue Belair et la rue Kondel au lieu de l'avenue Charlotte quand le passage à niveau était fermé. En effet, jusqu'à présent l'intersection rue Kondel-avenue Charlotte était règlementée par une priorité de droite.

(Interruption)

GUY ALTMEISCH (LSAP) approuve à 100 % les modifications, y compris le stop dans la rue Kondel, qui va contribuer à rendre la situation plus sûre et plus claire.

Les socialistes approuveront l'avenir.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) annonce que les écologistes soutiennent aussi les nouvelles règles. Ceux qui ne s'y tiennent pas seront verbalisés.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande si les bornes de la commune sont payantes.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) répond que non.

FRED BERTINELLI (LSAP) voudrait savoir si cela vaut pour toutes les bornes de Differdange.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) rappelle que deux bornes de l'hôtel de ville sont destinées aux véhicules communaux. Un panneau de signalisation y sera placé.

8. Règlements communaux

L'autre est pour les visiteurs et sera règlementée par un disque.

FRED BERTINELLI (LSAP) *réplique que les automobilistes chargeront donc leurs voitures gratuitement.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *confirme les propos de monsieur Bertinelli.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *pose la même question pour les chargeurs du centre-ville.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répond qu'il s'agit de bornes Chargy. La commune a ses propres bornes dans la rue de la Montagne, à Aquasud et au 1535°. Mais il faut payer le tarif du parking.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande si on peut y charger son véhicule électrique.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répond que oui.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande si l'on peut laisser sa voiture toute la journée à l'hôtel de ville.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *réplique que ce sera interdit.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande pourquoi.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répète que deux places sont réservées à la commune.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *parle de la troisième place pour voitures électriques. (Interruption)*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *rap-pelle qu'elle est réservée aux visiteurs.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande comment il compte empêcher quelqu'un d'occuper cette place toute la journée.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *ré-torque qu'il sera verbalisé.*

Visiteuren. Mat Disk gëtt déi reglementéiert während enger hallwer Stonn.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Déi bezuelen och näischt, fir den Auto ze chargéieren?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Am Moment nach net, nee.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay. An den Zentrum vun der Stad?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Do gëtt et Chargyen. Wann ech mech net ieren, hu mer nach op zwou Plazen eis eege Bornen. Um Biergwee hu mer eng an am Aquasud.

1535°, do si mer amgaangen ze kucken, fir dat ze switchen. Awer d'Parkplaz, wann een do steet, da bezilt een den Tarif vum Parking.

FRED BERTINELLI (LSAP):

An da kann ech lueden?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRED BERTINELLI (LSAP):

A wann ech net op där Parkplaz stinn an ech stelle mech bei d'Gemeng an ech lueden do an ech loossen do dee ganze Mëtte mäin Auto stoen.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ma Dir däerft net méi do stoen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

A firwat?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ma well zwou vun deenen dräi Park-plaze fir eis Gemengenautoe sinn. An eng ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Déi aner, déi fir d'Visiteuren, mengen ech.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Schwätze mer elo vun den Elektropark-plazen oder vun den ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Vun den Elektrop-lazen. Dir setzt do guer keng hi fir d'Visiteuren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING:

Dach, eng ass fir d'Visiteuren.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Eng ass fir d'Visiteuren.

FRED BERTINELLI (LSAP):

A wéi haalt Der dann elo een dovun of, dee ganze Mëtten do den Auto ze lueden?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Andeem en e Protokoll kritt.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wéi dann? Ass dee Parking da reglementéiert?

(Diskussiounen)

Säit wéini?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Zënter laanger Zäit.

8. Règlements communaux

(Diskussiounen)

FRED BERTINELLI (LSAP):

Nee. Ass en net. En ass net reglementéiert. Dee Parking ass net reglementéiert, dofir hate mer esou vill Problemer. De Georges weess, vu wat ech schwätzen, ech hunn éiweg probéiert, fir dat hinzekréien, fir dee Parking do ze reglementéieren. Dat war einfach net machbar. Mir zwee wësse jo, firwat.

Ech wëll just, wa mer dat maachen, dass et fir all Mënsch dat selwecht ass. Dat ass et, wat ech wëll. Wa payant op enger Plaz ass, muss et payant och op där anerer Plaz sinn. Et däerfe keng Schlupfwénkele ginn, wou ech mäin Auto kann histellen, wou ech kee ka gepecht kréien, well dee Parking net reglementéiert ass. Dee Parking hanner der Gemeng ass net reglementéiert. An dat wësst Dir.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech denken, dat do ass elo net Sujet hei, dat kucke mer mat eise Servicier. Dir hutt dann aner Informatiounen wéi déi, déi ech kritt hunn. Et ass een Deel vun deem Parking net reglementéiert, an en aneren ass reglementéiert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech misst mech awer schwéier ieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et geet elo einfach drëms ze vermeiden, dass mir eis Autoen als Gemeng do net opgeluede kënnen. An awer och fir ze vermeiden, dass Leit d'Elektroparkinggen als gratis Parkplaz benotzen, wou anerer keng Parkplaz kréien oder musse bezuelen. Dat ass souwuel op der Gemeng de Fall wéi och an de Stied. Dat ass d'Absicht dovunner. Well Leit den Elektroparking als gratis Parking huelen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay, soit, da musse mer dat do nach eng Kéier nokucken.

Eng aner Fro hätt ech nach, déi un d'Verkéiserskommissioun géif goen. Datt vläicht d'Verkéiserskommissioun – ech ka mech un den Här Meisch erënneren, de Père Meisch, wou dee President vun der Verkéiserskommissioun war, egal wat um Ordre du jour am Gemengerot stoung, wat grouss Schantercher waren oder wou Ëmleedung zu de Stroossen ass, hat d'Verkéiserskommissioun déi Woch duerno, wa se Kommissiounssitzung haten, op där Plaz Rendez-vous, fir sech dat dann ukucken ze goen. Ech weess net, ob dat esou eng schlecht Iddi war.

Wann ech gesinn, an der Rue Stade Jungers, virum AS-Terrain, do ass säit fënnef Woche Parkverbuet fir déi Leit, déi do wunnen. Do geschitt näischt. Do gëtt net geschafft. Déi Leit, déi do wunnen am Quartier – et ass jo e Quartier résidentiel –, kréien ee gepecht, wa se do parken. Do misst een awer kucken, wann een dat gesäit an de Fong huet nach net ugefaange mat schaffen um AS-Terrain – dat si jo eis Bierger. Fënnef Wochen.

An et ass ee Joer zou, déi Strooss. Wou d'Leit net do däerfe parken. Do misst een awer kucken, datt dat da klappt. Oder wéinstens dann op de Pannoen ausgewisen ass, datt een de Weekend do ka stoen. Déi Leit, déi do wunnen. Well do huet jo keen eng Garage. Dat ass ee grouse Problem fir déi Leit, déi do wunnen. Duerno misst ee kucken.

Also wann een esou Saachen huet, dat sollt ee vläicht sur place kucke goen, da gesäit een dat och. Ech gi reegelméisseg drop ugeschwat. Esou géif ee vill Saache vereinfachen. Datt d'Leit da rose mat der Gemeng sinn, wa se ee gepecht kréien, wou keen do schafft um Site. An op kenge vun deenen zwou Säiten. Déi komme mëttes heem iessen, si kënnen sech net dohinnerstellen, kënnen net parken. Dat ass ee grouse Problem. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Ech géif soen, mir kommen elo zum Vott vun der Modification au règlement de circulation.

FRED BERTINELLI (LSAP) *veut savoir si le parking est règlementé.*

(Discussions)

Fred Bertinelli rétorque que monsieur Liesch et lui savent que le parking ne peut pas être règlementé.

(Interruption)

Fred Bertinelli estime que si une borne est payante quelque part, elle doit l'être partout. Autrement, les gens vont laisser leurs voitures toute la journée à l'hôtel de ville, car le parking n'est pas règlementé. Monsieur De Sousa le sait pertinemment.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

estime que ce n'est pas le sujet aujourd'hui. Apparemment, monsieur Bertinelli a d'autres informations qu'elle. Mais il faut faire en sorte que la commune puisse charger ses véhicules. Par ailleurs, le collègue échevinal ne veut pas que les places de stationnement avec une borne de chargement soient vues comme des emplacements gratuits.

FRED BERTINELLI (LSAP) *estime qu'il faudra vérifier.*

Il a également une remarque pour la commission de la circulation. Quand le père de monsieur Meisch en était le président, la commission se rendait sur les chantiers pour y jeter un coup d'œil. Fred Bertinelli pense que c'était une bonne idée.

Dans la rue du Stade-Henri-Jungers, les gens ne peuvent plus stationner depuis cinq semaines alors que rien ne se passe. Il faudrait trouver une solution, car les riverains n'ont pas de garages. Ils devraient pouvoir garer leurs voitures dans la rue au moins le weekend.

C'est pourquoi il faudrait se rendre sur place. Les gens ne comprennent pas pourquoi ils sont verbalisés alors que personne ne travaille dans cette rue. Quand ils rentrent manger chez eux à midi, ils ne peuvent pas garer leurs voitures.

(Vote)

8. Règlements communaux

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé aux règlements temporaires de circulation.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)

constate que de nombreux règlements portent sur des rénovations, des échafaudages, des benmes, des toilettes...

Il rappelle que la dernière fois, le conseil communal a adopté un règlement concernant le chantier du Bock pour être conforme au Code de la route. Or cette modification a rendu la situation moins claire. Le collègue échevinal a décidé de rétablir la priorité de droite.

Il arrive que des camions bloquent la rue de Belvaux à cause du grand chantier. La circulation est alors réglementée par l'entrepreneur.

Les emplacements de la rue du Chemin-de-Fer devant le supermarché sont désormais réglementés avec une place pour PMR et une place pour les livraisons. Jusqu'à présent, le livreur était parfois obligé de stationner son camion au milieu de la route.

Certaines rues autour de l'avenue de la Liberté dans le centre-ville sont réglementées différemment à cause de travaux de voirie.

La commune a reçu une demande d'occupation du trottoir dans la rue des Écoles. Comme le trottoir en face n'est pas large, le collègue échevinal a décidé de fermer cette rue à la circulation à hauteur de la rue Saint-Pierre. Comme ce trottoir fait partie du chemin de l'école, l'entrepreneur est tenu d'aménager un chemin en direction de Käerjeng et Pétange. Le TICE, le RGTR et Sales-Lentz circuleront par la rue des Lignes.

Si les conseillers communaux ont d'autres questions, ils peuvent les poser.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *est d'accord avec tout sauf avec le règlement 910. Il s'est rendu sur place hier soir.*

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications au règlement de circulation.

Merci. Här De Sousa, Dir kritt d'Wuert direkt erëm fir de Punkt 8), Règlements temporaires de circulation.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Wéi üblech hu mer erëm eng ganz Rei temporär Reglementer am Dossier, vun Aarbechten, Renovatiouns- an Demolitiounsarbechten, Steeën, Bennen, Toiletten, reservéiert Emplacementer a sou weider.

Ech ginn op fënnf, sechs Stéck an. Eist Liblingsreglement, nennen ech et schonn, d'Situatioune ronderëm de Bock. Am leschte Gemengerot hate mer e Reglement hei gestëmmt, fir eis am Code de la route konform ze setzen. Dëst huet dozou gefouert, datt d'Situatioun doduerch méi onkloer ginn ass an och méi geféierlech.

Fir dëst ze entschäerfen, hu mir decidéiert, d'Circulation interdite an der Rue des Champs a vun der Kräizung Boettelche riets an d'Rue de l'Eau ewechzehuelen. Sou hu mer erëm déi Rietsvirfaarten, wat jidderee gewinnt war. An ech weess, och wann do Circulation interdite steet, d'Leit fueren awer eran. Dat eent verhënnert dat anert eigentlech net, leider.

An der Bieleesser Strooss ass ee grouse Chantier. Doduerch ass heiansdo een Deel vun der Strooss mat Camion besat. A wann dat virkënn, gëtt de Verkéier deem Moment vun den Aarbechte vun Entrepreneur geregelt mat Vigen.

Virum Supermarché an der Rue des Chemins de Fer hu mir elo d'Emplacementer reglementéiert. Et ass eng PMR-Plaz virgesinn an eng Liwwerplaz. A leschter Zäit, wann de Camion fir de Supermarché d'Wuere wollt ofliwweren, stoungen Autoen op der rout gezeechenter Plaz um Plang. Hie muss awer liwweren. Esou bleift hie matzen am Wee stoen. An Dir kënn Iech jo da virstellen, wat fir ee Chaos do entsteet. Dowéinst hu mer déi Plaz elo esou re-

glementéiert, wéi Der et am Dossier kënn liesen.

Am Zentrum gëtt et ronderëm d'Rue Liberté Voiriesaarbechten, soudatt verschidde Stroossen aneschters reglementéiert oder gespaart musse ginn. Stroossen, déi betraff sinn: Rue Winterthur, Rue Kelvert, Rue de l'Acier, Montée de Wangert an d'Avenue de la Liberté. Dës Aarbechten daueren héchstwahrscheinlech zwou Wochen.

E weidere grouse Chantier hu mer an der Rue des Écoles. Do ass d'Demande erakomm, fir den Trottoir an en Deel vun der Strooss Deelzäit ze besetzen. Well den Trottoir vis-à-vis vun deem Chantier net immens breet ass an abrupt ophält, hu mir decidéiert, déi Zäit, wou si do schaffen, d'Strooss a Richtung Käerjeng op der Héicht vun der Rue St. Pierre ze spären an de Verkéier duerch d'Rue des Lignes ze leeden. Vu datt dësen Trottoir och een Deel vun séchere Schoulwee ass, ass den Entrepreneur verpflichtet, ee séchere Foussgängerwee op der Säit a Richtung Käerjeng/Péiteng ze amenagéieren.

T.I.C.E., RGTR a Sales Lentz si vun dëser Moosnam a Kenntnis gesat ginn, soudatt si iwwert d'Rue des Lignes dann a Richtung Péiteng/Käerjeng kënnen fueren.

Ech mengen, ech hunn alles Relevantes hei elo gezielt. Wann Der Froen hutt, kënn Der se stellen, soss géif ech Iech bidden, eis temporär Reglementer ze stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, et ass gutt erkläert, et ass alles tipptopp. Dat eenzelt, mat deem ech net lieve kann, ass d'Reglement Nummer 910. Ech war mer dat gëschter Owend ukucken. Dat beschreift eng Situatioun vun enger Privatpersoun, déi Renovatiounen un hirem Haus mécht an der Rue de Hussigny op der Héicht Nummer 41.

8. Règlements communaux

Do autoriséiere mer deem während engem Mount „d’occuper partiellement le trottoir et la voie publique devant la maison 41 pendant le temps de livraison“. An och während deem e betonéiert. Ech war an d’Héisinger Strooss kucken, deen Trottoir huet genau ee Meter.

Wa mer deem elo autoriséieren, dass deen hallef mat der Bëttonneuse en Deel vum Trottoir anhëlt, da maache mer zwar do eng Situatioun, déi fir de Foussgänger net méi tenabel ass. D’autant plus ass et fir de Foussgänger immens geféierlech. Mir wëssen, wéi grouss Bëttonneuse kënnen sinn, wéi schlecht iwwersiichtlech se fir de Foussgänger sinn. Wann hie Bëtton dohi liwwere léisst, steet se op d’mannst eng Stonn do. Ech wëll guer net drun denken, wann een à mobilité réduite do muss laanscht fueren an der Héisinger Strooss.

Soudass ech géif proposéieren, dass mer den Entrepreneur respektiv déi Persoun, déi do eng Liwwerung muss maachen, dozou opruffen, e Schëld do unzebréngen, dass de Foussgänger muss op déi aner Säit goen. Well soss bréngt e sech a Gefor, andeem en do laanscht d’Fassad vum Haus a laanscht de Camion geet. Dat gött e Geknéchels ouni Enn an eng immens Geforesituatioun.

Et wier vläicht besser, wann een do géif obligéieren, dass de Foussgänger misst op déi aner Säit vun der Strooss goen, fir keen do a Gefor ze bréngen.

Zu der Strooss, wat mäi Kolleg de Fred Bertinelli ugeschwat huet, op dem AS-Terrain, wëll ech soen, dass déi Beschëlderung, déi do steet, ee Joer valabel ass. Am Verkéiersreglement ass keng Berécksiichtegung dra vun engem Congé collectif, deen dee ganzen August de Chantier zoumécht, an och en hallwen Dezember net geschafft gött.

Do wier et vläicht adequat, dass do géif e Supplement dobäikommen, dass wa Congé collectif ass vum Entrepreneur, wou mer jo wëssen, dass net geschafft gött, dass d’Leit awer dann net dee Misär musse begéinen, dass se keng Parkplaz hu während dem Congé collectif vum Entrepreneur. Dass mer do kënnen e bësse méi large sinn. Dat wär net schlecht, wann dat eng Kéier géif ma-

tiwwerluecht ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. D’Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Ech wollt froen, d’Rue des Écoles ass jo elo zou vun der St. Pierre un. Déi Autoen, déi dorobber fueren a bei d’St. Pierre kommen, müssen dann entweder duerch déi fueren, oder maache mer schonn ennen e Schëld, dass op 100 oder 200 m d’Strooss zou ass, an dass d’Deviatioun duerch d’Rue des Lignes geet?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ënne beim Rond-point kënnt schonn e Schëld. A scho bei der Sortie Richtung Suessem kënnt d’Schëld, datt d’Deviatioun do ass.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Okay.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Also d’Strooss ass net gespaart, ënne beim Rond-point, mee et ass ze gesinn, datt do eeben op 200 m dann zou ass.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

200 m. Okay. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hätt och eng Fro zu der Rue des Écoles. Ass dat elo bedéngt duerch dee Chantier ieweschten Deel? Oder net? Nee? Firwat froen ech dat? Virun e

Il s’agit d’une personne faisant des rénovations au 41, rue de Hussigny. Cette personne a le droit d’occuper partiellement le trottoir pendant le temps de livraison et le temps de la pose du béton. Or le trottoir fait un mètre de largeur. La situation va devenir intenable pour les piétons. Les bétonneuses sont grandes et bloquent la route pendant au moins une heure. Il faut donc demander à l’entrepreneur d’installer un panneau indiquant aux piétons de traverser la rue. Autrement, la situation va devenir dangereuse.

Pour en revenir aux propos de monsieur Bertinelli concernant le terrain de l’AS, la signalisation porte sur un an. Le règlement de la circulation ne fait pas référence aux congés collectifs d’aout et de décembre. Ne pourrait-on pas permettre aux riverains de stationner dans la rue pendant les congés alors qu’il est évident qu’il n’y aura pas de travaux à ce moment-là?

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que la rue des Écoles sera barrée à partir de la rue Saint-Pierre. La commune va-t-elle signaler une déviation par la rue des Lignes?

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) répond qu’un panneau de signalisation sera installé près du rondpoint à la sortie vers Sanem.

La sortie elle-même n’est pas barrée. Mais les automobilistes verront que la route est barrée 200 m plus loin.

CHRISTIANE SAEUL (DP) remercie monsieur De Sousa.

ERNY MULLER (LSAP) demande si le règlement de la rue des Écoles s’explique par le chantier dans la partie supérieure de la rue.

9. Commissions / Questions

Il y est passé il y a quelques jours vers 17 h. Une bétonneuse livrait du béton et a engendré le chaos le plus total. C'est intolérable. Les services communaux doivent prendre contact avec les entreprises ou avec le promoteur. La bétonneuse a engendré un embouteillage énorme. Deux ouvriers réglementaient la circulation avec des drapeaux. L'embouteillage atteignait le contournement de Differdange d'un côté et Käerjeng de l'autre. Le collègue échevinal doit veiller à maîtriser ce type de situations.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au dernier point de l'ordre du jour. Dans le comité d'accompagnement économique, le CSV remplace monsieur Gérard Hartung par monsieur Nicodemo Zangari. Dans la commission sociale, monsieur Pino Scalise est remplacé par madame Emina Ceman. Dans la commission des enfants, madame Claudia Frisch remplace madame Anna Maria Converso Da Luz.

ERNY MULLER (LSAP) a entendu dire que certaines réunions des commissions sont reportées ou annulées. Or les informations n'arriveraient pas à temps.

Monsieur Leblond pourrait-il rappeler aux commissions qu'elles doivent se tenir à certaines règles? Erny Muller ne sait pas à quoi sont dues ces modifications. Mais apparemment, c'est arrivé assez souvent dernièrement.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé aux questions.

FRED BERTINELLI (LSAP) a déjà posé sa question concernant la rue du Stade-Henri-Jungers.

puer Deeg sinn ech laanscht dee Chantier gefuer. Do gëtt jo e grëssert Gebai gebaut am ieweschten Deel vun der Rue des Écoles Richtung Käerjenger Strooss. Do hat grad eng Betonnière ugeliiwert, et war géint fënnef Auer, also dat war dee rengste Chaos. Esou eppes däerf net virkommen. Eis Servicer mussen sech do a Kontakt setzen, wéi den Här Altmeisch scho gesot huet, mat den Entreprises oder mam Promoteur.

Dat ka jo net sinn, dat hätt Der Iech missen ukucken, et war e Stau Richtung Käerjeng. An d'Ursaach war, well do eng Betonnière stoung. Zwou Persounen haten de Verkéier gereegelt, hunn een nom anere mat hire Fändelen do gewonk, hei wannechgelift elo bleif stoen, wannechgelift fuer. De Stau war bis bei de Contournement zu Déifferdeng. An déi aner Säit ass et bal bis Ausgang Käerjeng gaangen. Ech mengen, mir kënnen awer net esou hei fueren an der Gemeng. Dat geet jo einfach net.

Nee, mir mussen do kucken, dass mer dat iergendwéi an de Grëff kréien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Et gëtt keng Wuertmeldung méi, da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Villmools merci. Da si mer beim leschte Punkt virun de Froe vun der Séance publique. Do geet et ëm d'Changementer an de Kommissiounen. Ech informéieren de Gemengerot, dass d'CSV Déifferdeng verschidde Verännerunge matzedeelen huet. Am CAE, am Comité d'accompagnement économique gëtt den Här Gérard Hartung duerch den Här Nicodemo Zangari ersat. An der Sozialkommissioun gëtt den Här Pino Scalise duerch d'Madamm Emina Ceman ersat. An an der Kannerkommissioun gëtt d'Madamm Anna Maria Converso Da Luz duerch d'Madamm Claudia Fisch ersat.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hunn eppes Klenges ze soen zu dem Fonctionnement vun de Kommissiounen.

Eis ass virbruecht gi vu Membere vun de Kommissiounen, dass et erëm heefeger virkéim, dass Kommissiounen kuerzfristeg verluecht géingen, ausfalen oder dann definitiv ausfalen op een neien Termin, mee déi Informatiounen kéimen net zur Zäit an esou weider.

Vläicht kéint een e klenge Rappell schécken, dass do e Kontakt gemaach gëtt vum, ech weess net, Här Leblond oder wien dat ka maachen, dass do awer och eng gewësse Reegel agehale gëtt. Ech kennen och d'Ursaach net, firwat dass dat elo geschitt ass.

Anscheinend war et elo e bësse méi heefeg virkomm, soss hätte mer jo net déi Reklamatiounen do virgedroe kritt. An ech wollt déi mat heih bréngen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Da si mer bei de Froen. Do huet sech gemellt fir d'éischt den Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ass gestallt. Ech hat se dem Schäfte gestallt, et war déi iwert de Verkéier bei dem Terrain Stade Henri Jungers.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Déi zweet Fro ass vum Här Weirich.

Questions

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt op dee Bréif agoen, deen eis vum President vun der Kannerkommissioun geschéckt gouf, deen all Member am Gemengerot krut. Wou een no Ënnerstëtzung freet fir d'Wale vum Kannergemengerot. Si kréien dat benevole als Kannerkommissioun eleng net hin a froen no Ënnerstëtzung vun de Gemengeservicer.

Ech wollt just nofroen, ob do schonn eppes decidéiert gouf, wéi mer dorobber äntweren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Den Här René Macri ass neierdénks de Sekretär vun der Kannerkommissioun. An den Här René Macri huet den Optrag kritt vum Schäfferot nozefroen, ëm wat et sech genau handelt, ze preziséieren, wat se gären hätten, dass mer à même wären, drop ze reagéieren. Mee do hu mer awer bis elo, souwäit ech weess, nach keng Réckmeldung.

Um Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech bréngen eppes ervir, et ass och eng Fro domadder verbonnen: Ech sinn ugesprach gi vun den Anrainer un de Projet Bock-Schoul an der Rue de l'Eau. Déi sinn aus alle Wolleke gefall, wéi déi déi héich Mauer gesinn hunn, déi hanner hirem Terrain gebaut gëtt. Well jo de Projet vun der Sportshal sech geännert huet.

Am Ufank war do e schiften Daach virgesinn. An elo, doduerch dass d'Sportshal jo och méi kleng gëtt, ass dee schiften Daach falegelooss ginn an et kënnt en normalen Daach. Mee dofir gëtt d'Mauer awer weesentlech méi héich, zirka 5 m.

An do hu si mir gesot, fir deen éischte Projet wäer si consultéiert ginn. Dat heescht si waren op der Gemeng, an do hu si gesot, si hätten do hiren Accord ginn, well dat war alles kloer. A wéi de Projet ëmgeännert ginn ass, doriwwer wäer se guer net informéiert ginn, iw-

wert deen neie Projet. Si hätte vläicht do och déi eng oder déi aner Revendicatioun oder Iddi gehat, wéi een hätt kënne dorop reagéieren. Mee si sinn elo enttäuscht an och wierklech net zefridden. Si mengen, si géifen absichtlech kee Kontakt mat der Gemeng kréien, fir nach eng Kéier driwwer ze schwätzen, dass dee Projet sech geännert huet. A si an deem Kader net consultéiert gi sinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech wäert et mathuelen, well ech kann Iech elo net am Detail drop äntweren. Ech wäert déi zoustänneg Leit dorobber usprieche a froen, wéi dat gelaf ass a wat een do ka maachen. Merci, Här Muller.

Da wär et um Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech wollt just eng organisatoresch Fro stellen, Madamm Buergermeeschter. Mir haten am Gemengerot am Januar decidéiert, dass mer bis de 15. Juli hei géife bleiwen. Eisen nächste Gemengerot ass den 20. Juli. Ech wollt just froen, ob Der eng Iddi hutt, wéi mer weiderfueren. Ob mer weider hei am Exil bleiwen, deen ech guer net esou schlëmm fannen, wann ech éierlech soll sinn. Oder ob mer zréck op d'Gemeng plënneren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Hobscheit, Dir sidd elo ze schnell. Ech wollt dat do an der Non-publique uschwätzen. Mee mir kënne et awer roueg elo soen. D'Saach ass esou: Éischtens ass et d'Gesetz, wat jo virgëtt, ob mer dierfen hei bleiwen oder net hei bleiwen. Dat musse mer ofwaarden. A wa mer dann d'Méiglechkeet, wat ech jo net weess, géife kréien hei ze bleiwen, war meng Intentioun Iech ze froen: Sidd Der léiwer hei oder sidd Der léiwer erëm an der aler Gemeng?

Mee ech denken, kommt, mir waarden d'Gesetz einfach mol of, ob et verlängert gëtt oder net. An dann ass d'Decisioun vläicht ganz séier geholl. Vläicht musse mer op d'Gemeng zréck. An hätte mer d'Méiglechkeet, déi zwou ze

SERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) rappelle que le conseil communal a reçu une lettre du président de la commission des enfants. Il demande le soutien des services communaux pour les élections de la commission.

Le collègue échevinal a-t-il pris une décision ?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

signale que monsieur René Macri est le secrétaire de la commission des enfants. Le collègue échevinal lui a demandé de voir ce dont la commission a besoin concrètement. Mais il n'a pas encore reçu de réponse.

ERNY MULLER (LSAP)

a été abordé par des riverains de la rue de l'Eau. Ils ont bien été surpris quand ils ont vu la hauteur du mur qui allait être construit derrière leur terrain dans le cadre de la salle du sport du Bock. Ce mur fait désormais cinq mètres en raison des modifications apportées à la salle.

Apparemment, les riverains ont été consultés lors de la planification de la première version du projet. Mais personne ne les a prévenus des modifications alors qu'ils auraient eu des idées et des revendications. Ils sont déçus et mécontents. Ils pensent par ailleurs que la commune refuse d'entrer en contact avec eux pour discuter du projet.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

n'a pas de réponse à cette question. Elle demandera aux services concernés comment se sont passées les choses.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)

rappelle que les séances du conseil communal doivent se tenir au Hall O jusqu'au 15 juillet. La prochaine séance aura lieu le 20 juillet. Se déroulera-t-elle ici ou à l'hôtel de ville ?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

voulait aborder cette question dans la séance à huis clos.

La commune doit attendre ce que dira la nouvelle loi. Si celle-ci permet au conseil communal de tenir les réunions au Hall O, la bourgmestre demandera l'avis des conseillers.

Questions

Mais pour le moment, il faut attendre la loi.

Christiane Brassel-Rausch clôture la séance.

huelen, da wollt ech Iech froen, ob mer sollen hei bleiwen oder op d'Gemeng goen.

À voir.

An da géif ech domadder d'Séance publique ophiewen an ofschléissen. Villmools merci.



Holzasche


Der richtige Umgang

Cendre de bois

Le bon traitement



Massgeblich für die Entsorgung von Holzasche ist die Art und Herkunft des Brennmaterials und die Menge. Im privaten Umfeld entsteht Asche z.B. durch Verbrennen von Scheitholz in Kaminen und Kaminöfen sowie aus Pelletheizungen. Holzasche ist **kein** typisches Problemprodukt, welches über die SuperDrecksKëscht® abgewickelt werden kann. Auch die Ressourcencenter nehmen keine Asche an. Hier kommen autorisierte Entsorger ins Spiel, die auch in Luxemburg die fachgerechte Entsorgung von Holzasche anbieten.



Le type et l'origine du combustible ainsi que sa quantité sont des éléments déterminants pour l'élimination de la cendre de bois. Chez les particuliers, la cendre provient par ex. du brûlage

des bûches dans les cheminées et les poêles à bois ainsi que des chaudières à granulés. La cendre de bois ne fait pas partie des produits problématiques caractéristiques qui peuvent être traités par la SuperDrecksKëscht®. Les centres des ressources n'acceptent pas la cendre non plus. On fait ici appel à des sociétés agréées spécialisées dans le traitement des déchets qui proposent également au Luxembourg une élimination de la cendre de bois dans les règles de l'art.

Verwendung von Asche

Utilisation des cendres



Gegen die Nutzung der Asche als Hausmittel, etwa zur Reinigung der Glasscheibe von Kaminöfen spricht nichts, wenn anschliessend die Entsorgung wie angegeben erfolgt. So können Sie chemische Reinigungsmittel vermeiden. Voraussetzung: Es handelt sich um natürliches und unbehandeltes Brennmaterial.

Rien ne s'oppose à l'utilisation de la cendre comme produit ménager, pour le nettoyage des vitres des poêles à bois par exemple. Vous pouvez ainsi éviter d'utiliser des détergents chimiques supplémentaires. Conditions requises : il s'agit de combustible naturel et non traité.



Asche als Dünger im Garten zu nutzen bzw. auf den Kompost zu geben ist abzuraten. Holzasche kann mit Schwermetallen (dies sind vor allem Blei, Cadmium und Chrom) belastet sein. Bäume und Sträucher nehmen diese auf und konzentrieren diese. Da Holzasche basisch ist, kann sie zudem in zu hoher Konzentration die im Boden und Kompost arbeitenden Mikroorganismen zerstören. **Fazit:** Man kennt weder die genauen

Mengenanteile der Mineralien, noch kann man ohne Analyse abschätzen, wie hoch der Schwermetallgehalt der Holzasche ist. So ist keine auf den pH-Wert des Bodens abgestimmte Düngung möglich.

*Il est déconseillé d'utiliser les cendres comme engrais dans le jardin ou de les composter. Les cendres de bois peuvent être contaminées par des métaux lourds (en particulier le plomb, le cadmium et le chrome). Les arbres et les arbustes les absorbent et les concentrent. La cendre de bois étant basique, elle peut détruire les micro-organismes présents dans le sol et le compost si elle est trop concentrée. **En conclusion :** On ne connaît pas les proportions exactes de minéraux et, sans analyse, il n'est pas possible d'estimer la teneur en métaux lourds de la cendre de bois. Ainsi, il n'est pas possible d'avoir une fertilisation du sol adaptée à son pH et il y a un risque d'enrichir la terre du jardin en substances toxiques.*

Information

Informations

Bei Asche aus gewerblichen Anlagen, aber auch bei grösseren Pellet-Heizanlagen, etwa in Residenzen ergibt sich schon aus der Menge, dass eine Entsorgung über den Restabfall nicht mehr sinnvoll ist. Die Holzasche muss dann analysiert und entsprechend der Qualität weiterbehandelt werden. Mögliche Wege sind Deponierung, Herstellung eines standardisierten Düngers nach Vorbehandlung, Zuschlagsstoff in der Zementindustrie, Zuschlagsstoff im Strassen- und Wegebau oder Verfüllmaterial im Bergbau.

Dans le cas des cendres provenant d'installations industrielles, mais aussi d'installations de chauffage à pellets plus importantes, par exemple dans des résidences, il résulte déjà de la quantité qu'une élimination avec les déchets résiduels n'est plus judicieuse. Les cendres de bois doivent alors être analysées et traitées en fonction de leur qualité. Les voies possibles sont la mise en décharge, la fabrication d'un engrais standardisé après prétraitement, les granulats dans l'industrie du ciment, les granulats pour la construction de routes et de chemins ou les matériaux de remblayage dans l'industrie minière.

Entsorgung

Elimination



Der richtige Weg ist in der Regel die Entsorgung der erkalteten Asche über den Hausabfall. Natürlich sollte niemals heisse Asche in die heute verwendeten Kunststoffabfallbehälter eingefüllt werden.

La procédure correcte pour l'éliminer consiste à jeter la cendre refroidie dans la poubelle de déchets ménagers. Bien évidemment, aucune cendre chaude ne doit être versée dans les conteneurs en plastique utilisés actuellement.



POLICE



113
URGENCE

**CHÈRE MAMIE, CHER PAPI,
NE VOUS LAISSEZ PAS DUPER !**



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'intégration
et à la Grande Région

ZESUMME FIR IECH
POLICE.LU

POLICE
LËTZEBUERG 